# 25. OKTOBER 2024

# Gemengebuet



#LIEWENZUESCH

esch

- ☑ = **Jo**
- ☒ = **Nee**
- = **Enthalen**
- = **Procuratioun**

25.
# OKTOBER
2024

Gemengebuet

esch

Voir les votes par conseiller →

**Transkriptioun Gemengerot Esch**

**25. Oktober 2024**

*Réunion à huis clos*

## 1. Questions de personnel ; décision

*Réunion publique*

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, léif Vertrieder vun der Press, léif Escherinnen an Escher, déi eis iwwer EschTV oder Livestream elo suivéieren, ech begréissen Iech dann an dëser Sëtzung vum haitege Gemengerot, deen e bësse méi fréi ugefaangen huet, wéi soss. Dat emol fir ze testen, ob mer bei 8.30 Auer mam Huis clos ufänken, ob dat eis vläicht hëlleft, fir awer heiansdo net esou laang hei ze sëtzen.

Erlaabt mer awer, dass mer de Gemengerot ufänke mat engem Gedanke fir de fréieren a verstuerwene Gemengerotsmember Fränz Colling. En Escher Jong duerch an duerch. Hie selwer souz och hei op dëser Plaz. En ass den 80er fir d'éischt eran hei gewielt ginn an huet bis 1995 och hei am Gemengerot gesiess.

De Fränz huet op seng jovial, awer och seng kloer an direkt Manéier sech fir d'Leit engagéiert. Dat hei, awer och an der Chamber, an där hie vun 1979 bis 1995 siegéiert huet a wou hien och eelef Joer laang Fraktiounspresident war.

Eis Gedanke sinn am Moment beim Fränz senger Fra, dem Wanna, a bei senge Jongen, dem Emil an dem Michel, an der ganzer Famill, deenen ech am Numm vun der Stad Esch dann dat häerzlechst Bäileed ausdrécken.

Ech géing Iech och bieden, ee Moment opzestoen an dem Fränz ze gedenken.

*(Gedenkminutt)*

Merci.

Da komme mer op den Ordre du jour vun haut, wou Dir nach gëschter Informatiounen nogereecht krut.

Als éischt géinge mer proposéieren, de Punkt 7.2., dat ass d'Konventioun mam Kannerschlass, vum Ordre du jour erofzehuelen, well hei a leschter Minutt nach Ännerunge gefrot goufen, sou dass d'Konventioun, déi am Dossier war, net déi ass, iwwer déi mer ofstëmme sollen.

Dann de Punkt 2, dat ass d'Kandidatur fir de Label vun der Europäescher Sportstad. Do hat Der d'Dokumenter all am Dossier, mee de Layout ass nach emol geännert ginn. Dir hutt en elo hei virun Iech leie gehat, wéi Der erakomm sidd, respektiv gëschter am E-Conseil eropgeluede kritt. Den Text ass de selwechten, just d'Fotoe si bäikomm.

Dann ass et sou, dass bei de Punkt 6.2. a 6.3., de Budget vum Office social, nach kleng Verännerungen eragereecht goufen. Dir krut déi definitiv Budgeten zougestallt. An et ass awer och esou, dass an der Finanzkommissioun och schonn déi definitiv Dokumenter beschwat goufen a virlougen. Dowéinst proposéiere mer dat, bäizehalen.

An dann ass sech beim Punkt 7.1. ass, huet sech e Feeler ageschlach. Do gouf et verschidde Konventiounen, déi mer hei haten, déi verbessert mat de richtegen Datumer a Präisser hutt Der och zougestallt kritt. Och hei ännert sech awer soss näischt un de Prinzippen, eeben ausser, dass den Datum vum nächste Joer u leeft. Och hei géinge mer proposéieren, dat, dee Punkt bäizebehalen.

Ginn et Wuertmeldungen oder Froen heizou? Nee. Ech froen, ob mer dat mussen ofstëmmen?

Wéinst dem Sträiche vum Punkt jo. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 2. Candidature Label « Ville Européenne du Sport » ; présentation et discussion

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de Punkt 2, eis Kandidatur fir d'Ville Européenne du Sport. De Sportschäffen André Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Bon, ech mengen, dass Der entre-temps den Dossier kritt hutt an och gelies hutt. Mir si Kandidat, fir kënnen de Label ze kréie vun der Ville Européenne du Sport.

Ech géif dann ufänken, fir e bëssen ze erklären, wat am Dossier eigentlech steet. Ech mengen, deen ass, Dir gesitt et, deen ass flott an enger informativer Brochure, dee sech eigentlech mat allen Aspekter vum Escher Sport befaasst.

Déi demografesch Entwécklung, wou eng interessant Entwécklung stattfonnt huet – dat kënnt Der och doranner liesen –, déi geografesch kuerz erkläert, zu wat fir enger historescher Regioun vun Esch dass mer eebe gehéieren, wéi vill Leit all Dag um Escher Territoire sech beweege mat 50.000 Persounen, déi permanent bei eis an der Mobilitéit sinn. Dat ass, mengen ech, dat ass net näischt.

D'Uni Belval mat 6.000 Studenten droen och sécherlech bei där Zuel dozou bäi, datt mer méi attraktiv gi sinn. A mir hunn à ce stade iwwer 32.000 Aarbechtsplazen, déi hei besat sinn um Escher Territoire. Och wa mer der Meenung sinn, dass do nach Sputt no uewen ass.

Mee Dir gesitt jo awer, dass Esch amgaangen ass, sech weider ze entwéckelen. An ech brauch elo net ze erklären, wat allgemeng d'Entwécklung vun Esch ubelaangt, mat den Diskussiounen, déi mer a reegelméissegen Ofstänn hunn – zu der Rouder Lëns an och zu der Metzeschmelz ass alles gesot.

Ech mengen, déi eenzel Quartiere sinn och do mentionéiert am Dokument, an dat kënnt Der och do kucken an och erëmfannen.

D'Sportspolitik ass a gëtt natierlech weider definéiert um Deel vum Escher Sportförderprogramm, deen et säit 2011 gëtt. Et sinn alleguerten, déi scho méi laang hei am Gemengerot sinn, wëssen, wat fir eng Wichtegkeet dass dee Sportförderprogramm huet.

Ech mengen, déi grouss Erausfuerderung ass, fir de Sport fir jiddwereen ze promouvéieren a virun allem och zougänglech ze maache fir jiddwereen an och ze förderen. An den Haaptdomäne sinn de Schoulsport, de Fräizäitsport, de Sport am Veräin, deen um héijen Niveau an och der Egalitéit am Sport.

De Prinzipp vum Sport: Mir ënnerstëtzen alles, wat de Sport weiderbréngt. Dat ass net nëmmen d'Infrastrukturen, mee och wéi d'Behuele vum Sportler plus Veräiner iwwer eng Charte, Formatiounen, déi eis wichteg sinn, nei Programmer an nei Aktivitéiten a virun allem och d'Inklusioun.

Ech hunn och elo e Message kritt, wou ech och ganz frou sinn, datt mer e Rugbysclub hu scho méi laang hei um Escher Territoire. Deen huet sech och elo federéiert, en ass och elo offiziell unerkannt vun der Federatioun. Also mir hunn eigentlech elo en offizielle Rugbysclub, dee sech hei zu Esch niddergelooss huet.

Eise Sportservice ass op dräi Achsen opgebaut. Dat ass engersäits emol d'Administratioun, déi eelef Mataarbechter hunn. Do ass d'Equipe Indoor, déi 14 Mataarbechter huet, a mir hunn och déi Equipe Outdoor mat 18 Mataarbechter, wat elo am Ganzen à ce stade 43 Leit sinn, déi sech ëm de Sport këmmeren.

Als Indicatioun: Säit 2018, wou dës Majoritéit hei um Rudder ass, sinn 19 bäikomm. Dat ass eng Augmentatioun vu 44 Prozent.

Op deenen dräi Achse gëtt alles organiséiert, ënnerhalen a weidergedriwwen, wat um Escher Terrain fir de Sport geschitt. D'Eventer, déi zu Esch gehéieren a quasi och all Joer landeswäit Interesse fannen, sinn de Mini-Europe, de Luxembourg Beach Open vum Volleyball, de Gala vun der Espérance, den Escher Kulturlaf, de Südstroum Open am Tennis, et j'en passe, d'Flèche du Sud net ze vergiessen an och eise Sportsclub, deen e grousst Evenement organiséiert.

Ech mengen, ouni eis aner Veräiner, déi all Weekend bal am Asaz sinn, fir déi net ze vergiessen.

Ervirhiewen, wat eis Sportler an och eis Ekippen an der Vergaangenheet geleescht an nach leeschte wäerten, brauch ech net opzezielen. Dat kënnt Der alles am Dokument och noliesen.

D'LASEP an eise Schoulen ass scho laang eng Valeur ajoutée fir d'Schüler an de verschiddene Sportaarten, a munch grouss Escher Sportler hunn dëse Wee, dee se konnten da goen, ganz villes bedeit.

An et sinn och vun dëser Koalitioun vill Efforte gemaach ginn, fir d'Inklusioun an d'Egalité ze promouvéieren. Ech denken do un den Escher Label, deen elo d'lescht Joer agefouert ginn ass, fir Sport an Egalité des genres, wou e Gesamtbudget vu 15.000 € zur Verfügung gestallt gëtt, fir effektiv dräi Labelen ze verdeelen. Dat ass de Gold-Label, dat ass de Sëlwer-Label an dat ass och de Bronze-Label.

D'Inklusioun gëtt och groussgeschriwwen, wou eng Woch vum Handisport organiséiert gëtt. Den Escher BiBBS solle mer doranner net vergiessen. Deen huet net fir näischt och déi Definitioun vun dem Besoin spécifique Seniors an déi hänken och bei all sou Diskussiounen an och sou Evenementer mat drun.

De Basking net ze vergiessen, deen d'Integratioun fërdert.

Nach kuerz déi finanziell Efforten, fir d'Clibb ze encouragéieren. Do sinn et déi Subside-ordinairen. Et sinn 2024 am Ganzen 100.455 € ausgemeet hunn. Fir 2024, dee Subsid fir Jeunes, deen och iwwer 105.000 € ausmécht.

Dann hu mer natierlech och nach déi Subside-extraordinairen, déi fir speziell Evenementer am Fall, wou en Handballsveräin z.B. an enger Coupe d'Europe spillt, kënne se roueg bei eis kommen, an da wäerte mer och déi Depensen, déi domadder ëmmer verbonne sinn, natierlech a Betruecht zéien.

An elo zënter 2024, wou mer déi Konventioune maache mat de Veräiner wéinst de

Stroumpräisser an den Energiepräisser, wou mer Konventioune mat den eenzele Fräizäitveräiner maachen, wou mer Subsiden ausdeelen. An dat war fir 2024 ganzer 19.628,82 €.

De Clibb entgéintzekomme fir hire Stoum, ech mengen, dat ass eng Selbstverständlechkeet. An ech géif heimat eng Kéier en Opruff maache fir alleguerten déi Clibb, déi engagéiert sinn, déi och domadder konfrontéiert sinn, déi selbstverständlech och kënne bei eis nofroen, fir sou eng Konventioun ze kréien.

Eis Prioritéite fir 2025 ass haut d'Diskussioun, de Label vun der City of Sports europawäit unerkannt ze kréien. Ech mengen, mat aneren Associatioune wäerte mer dann iwwer eis Grenzen eraus kënne gemeinsam Projeten entwéckelen, fir Persoune mat deene spezifesche Bedürfnisser kënnen ze hëllefen.

Mir wäerten och eng Olympiad, déi am Fondamentale soll de Kanner hir Motricitéit weider entwéckelen, organiséieren. An d'Maison-relaisen, déi sinn och net vergiess. Ech mengen, vun den Cyclen C1, C2 an 3 a plus wäert och do eppes organiséiert ginn. Dee Mini-Run vun der Maison-relaisen, sou wéi e virgesinn ass.

An am Laf vum Joer ass natierlech och dann de Profitt dovunner, wa mer de Label sollte kréien, dass mer kënne mat deenen anere Gemengen, déi an deem Label beschäft, oder dee Label schonn hunn, och kënnen zesummeschaffen an nei Iddie kréien an och nei Iddien entwéckelen.

Den Dossier selwer, wéi si mer zu där Kandidatur komm? Ech mengen, ACES, dat ass nämlech déi ASBL, déi sech bei eis gemellt huet, huet eis kontaktéiert am Laf vum Joer. ACEL ass eigentlech eng ASBL, déi zu Bréissel baséiert ass, mat der Missioun, de Sport op lokalem Niveau an Europa ze fërderen, besonnesch andeem se Gemengen, Stied an och d'Gesellschaften dozou motivéiert, an d'Entwécklung vum Sport ze investéieren.

Si ass vun der Europäescher Kommissioun an hirem Niveau blanc am Artikel 50 unerkannt. Ënnert anerem ass ACES Europe offizielle Partner vun der Europäescher Kommissioun wärend der Semaine européenne du Sport an ass och säit 2018 Partner vun der UNESCO.

Wat sinn déi verschidde Labelen? Am Ganze ginn et der véier. Bei eis op jidde Fall hei am Land ass et den Town of Sports fir Gemengen ënner 25.000 Awunner, de City of Sports fir Stied, déi méi wéi 25.000 Awunner hunn, zu deene mir dann och gehéieren.

Dëse Label gëtt alljoers un europäesch Stied fir hiren Asaz an d'Entwécklung vun dem Sport, d'Organisatioun och vu sportlechen Events am Sport fir jidderee verdeelt. An ech mengen, en ass och zoustänneg, fir de Sport ze fërderen an de Regiounen, Departementer an och Gemengeverbänn.

Wat eis natierlech och ubelaangt, sou ass d'Sportspolitik déi gewiescht iwwer de Sportfërderprogramm, wéi ech schonn hei mentionéiert hunn. Dat ass natierlech de Sport pour tous an der Inklusioun.

D'Krittären, an dat sinn och d'Stäerkte vun eiser Kandidatur, déi mer einfach wëllen ervirsträichen. Ech mengen, dat ass den Asaz an d'Fërderung an d'Erhalung vum Sport fir jiddereen. Fir déi Jonk, fir d'Senioren, fir d'Personnes à besoins spécifiques an och fir d'Fraen. D'Moderniséierung an d'Investioun an nei Infrastrukturen. Mir schaffen drun, d'Attraktivitéit an d'Qualitéit vun eise besteeënden Infrastrukturen ze erhalen a gläichzäiteg neier zougänglecher an och méi no geleeëner ze bauen.

Ech mengen, et sinn nach vill där Argumenter: vun der Kooperatioun bis hin

zu eisen Initiativen am Wuelbefannen an der Gesondheet duerch eise Sport, duerch eis Sportprogrammer, déi zum groussen Deel an eisen Aktioune kënnen opgezielt ginn.

Virdeeler vum Label – bein, et si bal nëmme Virdeeler. Et gëtt een eng international Unerkennung, deen duerch d'Europäesch Kommissioun unerkannte Label gëtt am Kader vun enger Präisverdeelung am Mount Dezember zu Bréissel entweeder op der EU oder am UNESCO-Gebai verdeelt.

Eng Participatioun um gréissten Netzwierk vum Label. Et soll ee wëssen, dass an Europa aktuell 1.769 europäesch a weltwäit Participanten Deel vun dësem Netzwierk sinn.

Eng Unerkennung vun der Dynamik an der Qualitéit vun de sportlechen Infrastrukturen, de kommunalen an och gemeinschaftlechen Aktivitéiten, a virun allem och d'Sportsveräiner an hir Benevollen, déi doduerch gedroe sinn, eng Méiglechkeet sinn, fir Unerkennung ze kréien.

Ech mengen ... an dann och zum Schluss nach d'Méiglechkeet, europäesch Subventiounen ze kréien.

Bon, domadder verbonne sinn natierlech och Obligatioune wärend dem Label-Joer. Dat ass den Droit à l'image musse mer respektéieren. E Sportskalenner fir d'Promotioun vun der Gesondheet, dem Wuelbefannen an och vun den Integratioune musse mer definéieren. D'Offer u sportlechen Evenementer musse mer ausbauen. D'Sensibilisatioun an den Zougang zum Sport stäerken, en trimesteriellen a globale Bilan zéien. Dat sinn Deeler vun Obligatiounen, déi mer an deem Label-Joer da ganz einfach mussen erfëllen.

Ech mengen, d'Stad Esch vum Label profitéieren. Ech mengen, dass national wäert dëse Label eise Rôle als Leader am Beräich Sport pour tous an Inklusioun bestätegen – also eng Bestätegung vun der Aarbecht, déi geleescht gouf opgrond vun de leschte 15 Joer.

Op europäeschem Niveau wäert dëse Label natierlech och d'Sportpolitik an deem Netzwierk an doriwwer eraus bekannt maachen. Also, et ass déi grouss Visibilitéit um nationalen an och europäeschen Niveau.

Bis ewell huet mat Déifferdeng am Joer 2018 eréischt eng Lëtzebuerger Stad dëse Label eigentlech kritt. Am Joer 2019 war et fir Diddeleng, well si manner wéi 25.000 Leit hunn, e Label vum Town of Sports. Mir sinn also am Land déi drëtt, déi wäerte kënnen, am Fall, wou mer e géife kréien, dovunner profitéieren.

Ech mengen, fir eis ass et wichteg – dat gesitt Der och, wa mer eis Jumelage-Politik definéieren –, datt mer méi grouss ginn, dass déi Netzwierker, déi et weltwäit ginn an och europawäit ginn, wëlle komplett profitéieren dovunner, andeem mer Partnerschaften um Sport an och op der Basis vun de bonne Pratiquë wëllen opbauen. An dat heite wäert dann och eng Verbesserung si par rapport zu all deem, wat de Sport allgemeng bedeit.

Ech mengen, fir d'Valorisatioun vum Label ass e Budget vu 50.000 € virgesinn. Dovunner sinn der schonn 30.000 am Budgetsartikel vum Service des Sports geplangt an droen dann och dozou bäi, fir déi bestoend Evenementer ze verbesseren.

Déi zousätzlech 20.000 erméiglechen et, d'Visibilitéit vun den Eventer duerch eng adequat Kommunikatioun ze verbesseren an europäesch Projeten ze kreéieren, déi als Zil hunn, wéi schonns gesot, Subventiounen ze kréien. Ech mengen, déi lokal Sportspolitik an och déi ënnerschiddlech Sportprogrammer

sinn iwwerall am Escher Sportförderprogramm opgefouert.

Ech mengen, mir wäerten de 5. an de 6. November Visitte kréie vun der ACES. An déi kommen dann heihinner, wou se empfaange ginn. Mir wäerten dann och en éischten Austausch hunn, an duerno wäerte si eis Sportsanlage kucke goen an en Deel vun Esch. An ech hoffen, datt de Gemengerot positiv vis-à-vis vun eiser Kandidatur ass. An ech mengen, et ass alles am Sënn vun der Förderung vum Sport an och vun all deem, wat mer wëllen eigentlech gemeinsam erreechen.

Ofschléissend nach e grousst Kompliment un d'Madamm Zambon an och un de Vincent Gevrey, déi dëst Dokument och zesumme mam Thomas Grün a mat sengem Service opgestallt hunn. Ech mengen, mir si prett, fir um lokalen, um nationalen an och um europäesche Plang deen Defi unzehuelen.

An ech hoffen, dass dëst Dokument, wat e ganz flott Dokument och ass, wäert eis hëllefen, fir dee Label ze erreechen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Zwally. Gëtt et Wuertmeldungen?

Den Här Pulli huet d'Wuert an duerno den Här Bermes.

*(Technesch Problemer)*

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Ech kann och ouni Mikro schwätzen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dir musst de Mikro huelen. Soss setzt Iech eng Kéier eriwwer.

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Jo, also merci fir d'Wuert. Och fir, vun eis aus e grousse Merci un de Service des Sports fir hir Aarbecht a fir dësen ausféierlechen Dossier. Aus Respekt zu där Aarbecht beschränke mer eis och an eiser Interventioun just op dës Kandidatur a mir ginn elo net op aner Punkten, wat d'Escher Sportpolitik oder Sportinfrastrukturen ugeet, an. Dat heescht, do kënnt Der Iech berouegen, Här Zwally.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Ech si guer net opgereegt.

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Gelift?

Mir ënnerstëtzen déi Kandidatur natierlech an hoffen, dass mir dann no Déifferdeng déi zweet Stad am Süde sinn, déi dësen Titel kritt.

An, et ass, wéi gesot, e groussen Dossier. Ech wëll da just op ee Punkt agoen, wou och den Här Zwally ugeschwat huet. Nämlech dee vun der Inklusioun iwwer de Sport, wou d'Stad Esch jo säit 2015 Virreider ass, net nëmmen op nationalem, mee och op internationalem a regionalen Niveau.

Wou mir jo eigentlech weisen, dass et am Sport net nëmmen ëm Performance geet, mee och drëm, Leit mat spezifesche Besoinen d'Méiglechkeet ze ginn, sech sportlech ze betätegen an domat eppes fir hir kierperlech

a mental Gesondheet ze maachen, hiert Selbstwäertgefill ze stäerken an eng Plaz fir sozial Integratioun ze schafen.

Sollt dës Kandidatur Succès hunn, wat mer jo all hoffen, bitt dat der Stad Esch dann eng flott Méiglechkeet, all déi Projeten, déi säit 2015 an deem Beräich vun der Inklusioun iwwer de Sport realiséiert goufen – Dir hutt se schonn ugeschwat, wéi z.B. d'Handisport-Woch oder de Projet Basking –, enger vläicht méi breeder Ëffentlechkeet ze presentéieren a se domat nach méi ze valoriséieren.

Och kann een hoffen, dass eis Inklusiouns-projeten am Sport vläicht e Virbild si fir aner Liewensberäicher an dobäi hëllefen, gesellschaftlech Barriären ofzebauen.

Am Resumé also schwätze mer eis am Numm vun der LSAP fir dëse Projet aus. Mir ënnerstëtzen deen a wënschen der Ekipp bonne Chance fir dann Ufank November, wann d'Jury op Esch kënnt.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Pulli. Dann huet den Här Bermes d'Wuert.

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Merci fir d'Wuert. Merci, Här Zwally, fir déi flott Presentatioun. Och e grouse Merci un all déi Servicer, déi bei der Erstellung vun där Kandidatur matgehollef hunn.

Mir kënnen als CSV natierlech nëmmen dës Initiativ ënnerstëtzen. Ech mengen, Sportspolitik a besonnesch och, wéi den Här Zwally an den Här Pulli et gesot huet, d'Inklusiounspolitik. Ech mengen, et ass immens wichteg, déi sozial Inklusioun, geneesou wéi déi mental, an och de gesonden Ekiliber an och d'Politik, d'Sportspolitik eng général fir Jonk an déi manner Jonk, an alle Veräiner, op allen Niveauen. Kënne mer nëmmen ënnerstëtzen.

Ech mengen, et war jo de Wëlle vun der viregter Majoritéit, fir dës Kandidatur ze maachen, fir nei Weeër ze goen. An hei ass jo déi Kandidatur a mir kënnen déi nëmmen ënnerstëtzen an hoffen, datt mer dann och de Label kréien. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Bermes. D'Madamm Scholl.

**Mme Daliah Scholl (DP)**

Dir Léif alleguerten, also mir kënnen als DP-Fraktioun där Kandidatur zu 100 % zoustëmmen. A wa mer eis gutt erënneren, steet eise Koalitiounsprogramm ënner dem Motto „Eng liewenswäert Stad". An dozou hu mir eis engagéiert bis 2029.

A wat eng liewenswäert Stad ausmécht ass, wann e Bien-être an enger Stad garantéiert ass. An dës kann een duerch eng Mens sana in corpore sano. An dozou hu mir eis alleguerten am Fong verflicht.

De Sportservice ënner der Leedung vum Norma Zambon ass wierklech exemplaresch. Ech weess net, also mir sinn total ofgedeckt. Et ass eigentlech, fir jiddwereen ass eppes hei um Escher Terrain do, an dat kann ech absolutt begréissen.

Am Punkt 3.4. an eisem Koalitiounsprogramm, do steet jo och, dass mer de Sport weider fërdere wëllen. A wat mech awer extreem besonnesch freet, dat ass, dass mer d'Barriärsfräiheet am Sport total ënnerstëtzen. An ech mengen, de Vincent, dee steet och, ass

de Mann och an deem Beräich, deem ech och wëll hei felicitéieren. En huet ... ech mengen, ech hat och en Tandem gestëft fir d'Cause, fir dass d'Leit mat enger Beanträchtegung och kënne sech bedeelegen um Sport.

An ech mengen, d'Paralympics hu mer alleguerten nach ganz kloer an eise Käpp, an ech mengen, dass mir wonnerbar opgestallt sinn. An ech kann lech nëmme felicitéieren. A wéi gesot, mir ënnerstëtzen eis Kandidatur zu 100 Prozent. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni, ähm, Madamm Scholl. D'Madamm Ragni huet d'Wuert.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech denken, dëse Label hei géif eis all zegutt kommen, fir alleguerten déi Aarbecht, déi am Alldag vun de verschiddene Sportsveräiner a Benevolle geleescht gëtt.

Well de Sport ass vill méi, wéi sech nëmme beweegen, mee de Sport hei zu Esch ass scho ganz laang Integratioun, Inklusioun, wou verschidde Kulture sech begéinen, wou Kanner zesumme sech begéinen, wou Frëndschafte geschloss gëtt, wou Ekippegeescht, eigentlech wat een och am Alldag gebrauche kann, gefërdert gëtt.

De Sport ass en Deel och vun der Gesondheet, fir souwuel déi Kleng wéi fir déi Grouss, a wou och z.B. den 3e Âge a keen aneren do och vergiess gëtt, fir déi mat ze integréieren.

Wat och flott ass, fannen ech, ass, dass d'Schoulen do mat agebonne ginn, an ech géif mer wierklech wënschen, fir alleguerten déi Sportsveräiner an déi Benevollen, déi mer hei um Terrain hunn, déi all Dag wierklech eng sensationell Aarbecht maachen, dass mer dee Label géife kréien.

An dofir géife mer deen heite Label och ganz gären als déi Gréng mat ënnerstëtzen. An och dem Service fir dee ganzen, déi ganz Aarbecht hei, fir deen Dossier, dann awer och villmools Merci soen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni. Den Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeechter. Merci och dem Schäffe fir d'Presentatioun.

Et fänkt ganz harmonesch dëse Gemengerot un. An dofir wëll ech et och ganz kuerz maachen a soen, datt och mir als Lénk déi Kandidatur fir dee Label „Europäesch Sportstad" ënnerstëtzen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. An dann den Här Schmit.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Jo, natierlech fannen ech och de Sport absolutt wichteg. Ech war och fréier selwer Sportler. Mee wat den ... ech hunn awer e puer Remarken. A wat de Kostepunkt ubelaangt, ass natierlech erëm eng Kéier ... mir haten héieren hei vu 50.000 €, mengen ech, am Virfeld.

Dat ass e Punkt, solle mer soen, wou mech e bëssen negativ stëmmt. De Rescht ass, déi Obligatiounen, wa mer déi, dee Label do kréichen – nach e Label méi. Ech fannen,

eis Gesellschaft leeft ganz vill alle Labelen no, wat ech net onbedéngt ëmmer nëmme positiv empfannen, als eng positiv Saach empfannen.

An duerno, wa mer deen da souguer hätten, dann hätte mer och dann nach Obligatiounen, wat en duebelschneidegt Schwäert ass. Dat heescht, et gëtt engem da Motivatioun, fir d'Saachen duerchzezéien, well ee se muss duerchzéien. Anersäits, wann een zu eppes forcéiert ass, souguer wann et vläicht eng, eng gutt Saach, dat ass och net ëmmer nëmme positiv.

Jo, an dann am Virfeld, d'Informatiounen iwwer déi ganz Saach ware vu menger Säit aus gesinn zimmlech spärlech. Mee dofir, solle mer soen, weegen all deene Saachen zesummen, wäert ech mech an deem heite Fall dann eeben enthalen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. Mir wäerten net ofstëmmen, et ass eng Presentatioun an eng Diskussioun. Et ass awer kee Problem.

Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, ech géif da jiddwerengem Merci soe fir déi grouss Solidaritéit, déi mer hei eigentlech der Escher Sportswelt entgéintbréngen.

Ech si frou, dass mer gemeinsam op deen dote Wee ginn, well mir musse wëssen, dass mer net eleng sinn, wa mer d'Promotioun vum Sport maachen. Mir sinn do och um nationale Plang ëmmer e bëssen an enger Konkurrenz a mir versichen all Dag dorunner ze schaffen, fir eigentlech déi Labelen, déi jo och net sichtbar sinn an och net vun der Europäescher Gemeinschaft geférdert ginn, dach ëmmer no vir ze bréngen.

Ech mengen, den Här Schmit huet kuerz geschwat vun de Labelen. Wann Der haut gäre wëllt Qualitéit weiderbréngen oder –Dir kommt jo e bëssen aus dem gewerkschaftleche Liewen – wann Der gär wëllt d'Sécherheet weiderbréngen, da braucht Der Spezialisten, déi dofir gëeegent sinn, fir Certificatiounen auszedroen an och auszeschreiwen; ISO-Certificatiounen, Qualitéitslabelen. An ech mengen, dat bleift och an dësem Fall net aus.

An dofir mengen ech schonn, dass et eng Wichtegkeet ass, well et kann ee sech dorobber referéieren. An et ass ëmmer e Minimum vun deem, wat een da ka maachen. An dat soll dann och dozou féieren, dass ee sou Labele soll ustriewen. Egal a wat fir enger Situatioun dass een ass, a wat fir engem Beräich dass et ass.

Summa summarum soen ech Iech alleguerte Merci a mir wäerten dann natierlech och am Laf vun dësem Joer, also vum Joer 2025 op Iech zoukommen. An Dir sidd natierlech och schonn häerzlechst invitéiert bei all deenen neien Evenementer, déi am Zesummenhang vum Label sinn, dorunner deelzehuelen.

Well ech hu mer op jidde Fall elo gesot, doduerch, dass ech ëmmer am Dossier gelies hunn, ech wäert elo och mol erëm ufänken, méi oft lafen ze goen, wann dat nëmme méiglech ass. Merci villmools awer.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Zwally.

### 3.1. Plan d'action communal pour l'égalité des genres ; présentation

### 3.2. Charte européenne pour l'égalité des femmes et hommes dans la vie locale ; ratification nouveaux articles ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Egalité des chances. Den Här Knaff fir d'Punkten 3.1. an 3.2.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Ma merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Gemengerot gëtt herno invitéiert, néng zousätzlech Artikele vun der Europäescher Charte ze votéieren.

Ech wollt vun der Geleegenheet profitéieren an op déi Europäesch Charte an den aktuellen Escher Aktiounsplang agoen, och well eng Rei Leit am Gemengerot sinn, déi dësen Dossier vläicht nach net kennen.

D'Europäesch Charte fir Gläichstellung vu Fraen a Männer gouf den 13. Juni 2008 ouni Géigestëmm am Escher Gemengerot ugeholl. D'Europäesch Charta fir Gläichstellung vu Fraen a Männer gouf ausgeschafft vum CCRE, dem „Conseil des Communes et des Régions d'Europe", dem europäeschen Daachverband vun de Gemengenassociatiounen.

Als Member vun dëser Associatioun huet och de SYVICOL vun Unfank un aktiv un dësem Projet matgewierkt an d'Charte och zu Lëtzebuerg, zesumme mam Innenministère an dem Ministère fir Gläichstellung vu Fraen a Männer, respektiv dem Ministère fir Gender-Gläichstellung, wéi den Numm elo ass, bei de Gemenge promouveiert.

Ëm wat geet et hei? Abee, dës Charta ass, wann een esou wëll, e komplette Programm, fir eng Gläichstellungspolitik um Gemengenniveau ëmzesetzen. An dat ass et, wat dëst Dokument esou interessant mécht.

Si ass nämlech en Instrument, dat deene Gemengen déi dat wëllen, hëllefe kann, iwwer méi vereenzelt, punktuell Initiativen – wéi z.B. Ausstellungen, Konferenzen, Filmowenter oder aner isoléiert Moossnamen – erauszegoen an eng méi ambitiéis an nohalteg Gläichstellungspolitik ze maachen.

D'Charta huet nämlech als Zil, all Beräicher vun der Gemengepolitik ofzedecken, sou dass d'Theema Gläichstellung tëschent Fraen a Männer iwwergräifend an all Aufgabeberäicher vun der Gemeng integréiert soll ginn.

D'Charte liwwert de Gemengen eng Zort roude Fuedem, fir eng konsequent Gläichstellungspolitik tëschent Fraen a Männer um lokalen Niveau duerchzezéien. D'Gläichstellungspolitik ass an deem Sënn eng Politique à responsabilité partagée.

D'Charta baséiert sech op sechs Prinzippien: d'Gläichstellung vu Fraen a Männer ass e fundamentaalt Recht; d'Gläichstellung vu Fraen a Männer kann nëmmen erreecht ginn, wann och aner Forme vun Diskriminatiounen, déi d'Männer an d'Fraen an hirer Diversitéit betreffen, elimineiert ginn.

Mir brauchen eng ekilibréiert Bedeelegung vun de Fraen an de Männer op allen Niveauen an eiser Gesellschaft. Gender-Stereotyppe mussen a Fro gestallt an eliminéiert ginn. D'Gender-Perspektiv an d'Gläichstellung vu Fraen a Männer mussen, als roude Fuedem, an all de politesche Beräicher berücksichtegt ginn. Aktiounspläng sollen ausgeschafft a Ressourcen zur Verfügung gestallt ginn.

D'Charte definéiert néng grouss Aktiounsfelder a si besteet aus 39 Artikelen, déi jeeweils engem spezifeschen Theema entspriechen. Et ass net geduecht, dass dës 39 Artikelen all solle mateneen ëmgesat ginn, wat jo net realistesch ass. Et ass éischter als e graduellen Prozess geduecht.

Uechter Europa hu mëttlerweil ronn 2.300 Gemengen, Stied a Regiounen aus 36 Länner dës Charta ënnerschriwwen. Zu Lëtzebuerg sinn et der bis elo 23 eenzel Gemengen an och de Gemengeverband vun der Nordstad, déi d'Charte ënnerschriwwen hunn. Vun dëse Gemenge sinn der néng, déi bis elo en Aktiounsplang opgestallt hunn.

Ech kommen dann erëm eng Kéier op Esch zeréck. Wéi gesot, déi Charte ass den 13. Juni 2008 ouni Géigestëmm zu Esch am Gemengerot ugeholl ginn. Esch war och deemols mat Diddeleng déi éischt Gemeng am Land, déi d'Charte ënnerschriwwen huet.

Duerch d'Ënnerschréft vun der Charte hat sech d'Escher Gemeng verflicht, en Aktiounsplang auszeschaffen. Den 1. Abrëll 2011 gouf dunn och den éischten Escher Aktiounsplang ouni Géigestëmm am Gemengerot ugeholl. Gutt zéng Joer méi spéit ass dunn den zweeten Aktiounsplang ouni Géigestëmm am Gemengerot den 28. Abrëll 2023 ugeholl ginn.

Den Aktiounsplang vun 2023, de Plan d'action communal pour l'égalité des genres, an net méi Plan d'action pour l'égalité entre femmes et hommes, wéi de Plang vun 2011 geheescht huet.

Mat dem Begrëff „Gender" gëtt der geliefter Realitéit vu ville Leit an och den aktuelle wëssenschaftlechen a politeschen Discoursen an Diskussioune besser Rechnung gedroen.

Et gi selbstverständlech nach ëmmer Leit, déi sech als Fraen a Männer identifizéieren, an et gi selbstverständlech nach ëmmer sozial a strukturell Inegalitéiten tëschent Fraen a Männer, déi mussen eliminéiert a bekämpft ginn. Doriwwer eraus ginn et, vun engem biologesche Standpunkt aus gekuckt, awer net nëmme Fraen a Männer – ech denken do un Intersex-Persounen.

De Begrëff „Gender" ass nëtzlech, well en déi komplex Spannung ausdréckt, déi besteet tëschent de Stereotyppen, den Erwaardungen oder den Normen, déi un dat biologescht Geschlecht gebonne sinn. Op der enger Säit, an der geliefter Realitéit, de geliefte Rollen, de geliefte Verhalensweisen, dem soziale Geschlecht oder Gender op der anerer Säit.

De Begrëff „Gender" dréit och der Realitéit vun der „Gender-Identitéit" Rechnung, déi net nëmmen dem biologesche Geschlecht, wat eng Persoun bei der Gebuert zougeschriwwe krut, entsprécht. Ech dénken do un Trans-Persounen oder un net-binär Persounen.

Aner wichteg Begrëffer sinn d'Begrëffer „Discriminations et inégalités multiples" oder „Intersectionalitéit". Dës Begrëffer bezéie sech op Diversitéit vun de Liewenssituatioune vun de Fraen an de Männer.

Et gëtt unerkannt, datt Fraen a Männer, nieft den Ongläichheeten opgrond vum Geschlecht, och ënner aneren Ongläichheeten oder Diskriminatioune leiden, wéi z.B. d'kulturell Originn, d'Hautfaarf, d'sexuell Orientatéierung, d'sozial Situatioun oder déi kierperlech a mental Fäegkeeten. Där Realitéit dréit den Artikel 10 vun der Charte an déi entspriechend Moossname vun dem Aktiounsplang Rechnung.

Vu datt de Service Égalité des chances och nach d'Missioune vun dem Vivre-ensemble interculturel an de Politiques LGBTIQ ze erfëllen huet, wärt sech dës Approche och

weiderhi verstäerkt an den Aktioune vum Service erëmfannen. Natierlech och en vue vun der Maison de la Diversité.

Wat d'Struktur vum Aktiounsplang ugeet, ass ze soen, datt de Plang sech un d'Struktur vun der Europäescher Charte uleent. Zu all Artikel sinn Objektiver, Moossnamen, Indicateuren a Responsabilitéiten definéiert. Am Virfeld vun der Redaktioun vum Aktionsplang hu Reunioune mat de verschiddene Gemengeservicer stattfonnt, wou déi eenzel Moossnamen diskutéiert goufen.

Den Aktiounsplang vun 2023 zielt Moossnamen op, déi schonn zanter méi laanger Zäit ëmgesat ginn. Domadder soll gewise ginn, datt et eng Kontinuitéit an der d'Gläichstellungspolitik vun der Escher Gemeng gëtt. Zur gläicher Zäit ginn dann nei Moossnamen opgezielt. Déi sinn am Aktiounsplang fett gedréckt, fir se méi visibel ze maachen.

Dir gesitt och am Ufank vun all Kapitel eng Rubrik mam Titel „Ce que nous avons fait". Mir wollte vum neien Aktiounsplang profitéieren, fir eng Obléschtung ze maache vun de wichtegste Moossnamen, déi säit 2011 ëmgesat goufen oder aktuell vum service Égalité des chances a vun den anere Servicer ëmgesat ginn.

Selbstverständlech huet den aktuellen Schäfferot och seng politesch Prioritéiten an den Aktiounsplang afléisse gelooss. Dozou gehéieren ënnert anerem:

- d'Renovatioun an d'Mise en place vun der zukünfteger Maison de la Diversité ;
- Formatioun a Sensibiliséierung vum Gemengeepersonal zu den Themaen „Gender" a Gläichstellung, Vivre-ensemble interculturel an Anti-Rassismus, Diversitéit an Net-Diskriminatioun;
- Entwécklung vun engem Projet „safe spaces", fir Leit ze ënnersëtzen, déi riskéieren, am ëffentleche Raum Opfer vun Agressiounen oder Diskriminatiounen ze ginn;
- Entwécklung vun engem „Gender-Bericht" am Kader vum Observatoire social vun Esch;
- Aktualiséierung vum interne Gläich-stellungsplang fir d'Gemengepersonal;
- Entwécklung vun engem Guide mat Leitlinnen zur Gendersensibiliséierung an der Planung am ëffentleche Raum;
- Entwécklung vun enger Plan d'action LGBTIQ an d'Signature vum Pacte communal du vivre-ensemble interculturel.

Wat elo déi Artikelen ugeet, déi mer solle bäifügen an déi mer sollen nei unhuelen. Do sinn et der néng. Dir hutt am Dossier d'Charte leien an och schonn en Document de synthèse vun der Charte. Do ass den Artikel 31, dee bäikënnt. Dee schwätzt vum Developpement durable pour un avenir durable.

Den Artikel 32 traitéiert vun der Cyberviolence, den Artikel 33 vun der Violence à l'encontre des femmes élues et du personnel. D'Artikele 34 iwwer d'Intersectionalitéit et diversité. Den Artikel 35 Flexibilité du lieu de travail. Den Artikel 36 Numérisation et Inclusion numérique. Den Artikel 37 den Droit en matière de santé sexuelle et reprodutive. Artikel 38 Changement climatique et droit à un environnement sein. An dann Artikel 39, d'Gestion des crises et préparation en civile.

Dir krut an deem Dokument, wat mer bäigeluecht haten, Explikatiounen zu de verschiddenen neie Mesuren, déi vun dem Conseil des Communes et Régions d'Europe,

an Zesummenaarbecht mat engem Groupe d'experts vun dem selwechte Gremium, de 6. Dezember 2022 ugeholl gi sinn.

Ech géif Iech bieden, der Ratifikatioun vun deenen Artikelen zouzestëmmen an ze decidéieren, datt mer déi néng nei Artikelen an d'Charte ophuelen a se och Deel da vun eisem Aktiounsplang fir d'Escher Gemeng maachen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Knaff. Wie kann ech aschreiwen, fir ze schwätzen?

Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo, et ass natierlech erëm eng Kéier an deem Sënn trotzdeem awer och en heikelt Theema.

Wat ech am Fong geholl dozou wollt soen, dat sinn elo net onbedéngt déi néng Artikelen do, déi wou do mech, solle mer soen, irritéieren. Mee et ass éischter de Gesamtwee, dee wou mer scho säit geraumer Zäit an deene Froen aschloen.

Dir wësst jo alleguerten, datt och verschidde Leit a verschidde Stréimungen an der Gesellschaft sinn, déi wou éischter e méi traditionellt Bild hunn, wéi z.B. d'Kierchen an d'Religiounen am Allgemengen.

Elo wëll ech net soen, datt ech den allergréissten, solle mer soen, assez-due Katholick sinn, mee trotzdeem erkennen ech an deenen, an deene Bestriewungen och iergendwéi e wokistescht politeschen Hannergrond. An dat ass eng Saach, déi wou mir natierlech net gefält, dat soen ech Iech ganz éierlech.

An dofir wäerten, wäert ech an deem heite Fall mat Nee stëmmen. Net onbedéngt weegent, wéi gesot, deenen Ännerungen, déi wou elo um Plang sinn, mee well mer dat ganzt Bild am Fong geholl net zu 100 % geet. Ech si mat verschiddene Saachen averstanen, mat aneren net.

An ech fannen, et soll een och net sou an der Gesellschaft maachen, well politesch gesinn ass et oft 100 % ... wéi gesot, jiddweree stëmmt ëmmer an déi selwecht Richtung a mer wëssen alleguerten, datt et méi sou Gruppenzwang ass, wéi eng Realitéit, wat jiddwereen, géif ech emol unhuelen, ënnerlech selwer denkt.

Elo kann een, do kënne Leit, wéi gesot, anerer Meenung sinn. Dat loossen ech hinnen och gären zou. Wa si mir och, solle mer soen, meng Meenungen an déi aner Strömungen an der Gesellschaft och respektéieren, hunn ech domadder kee Problem. Also, do wollt ech mech just kuerz dozou äusseren, ganz onopgereegt. Mee fir eis also wäerte mer do Nee stëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci. Dann d'Madamm Scholl an duerno den Här Baum.

**Mme Daliah Scholl (DP)**

Här Buergermeeschter, Dir Léif alleguerten, fruchtbares Empfangen, Sorge, lebendige Hingabe. Dës Beschreiwung trëfft fir mech eigentlech ganz spontan mat der Venus von Willendorf, déi fält mir elo ganz spontan an.

Déi géif 1908 bei archeologeschen Ausgruewunge fonnt. An et ass eng Figurine, déi d'Fra duerstellt a geet am Fong zeréck an d'Prehistorik a soll d'Symbol vun der Fruchtbarkeet oder, soen ech emol

ganz provokativ, d'Fra als Gebärmaschinn duerstellen. Dat ass emol eng Fro, déi ech emol hei an de Raum stellen.

Mee mat dëse Wierder huet de Poopst d'Wiese vun der Fra an enger Ried op sengem Besuch elo ganz kuerz an der Belsch beschriwwen. An an engem Nu huet hie monter e Kopplabunz an e Weltbild, kann ech emol och sou provokativ soen, an e Weltbild vun der Steinzäit gemaach. Ech weess et net; ech stellen dat hei emol an de Raum.

Dass Gerechtegkeet a Chancëgläichheet an der EU verankert ass, dass Gläichstellung vun de Geschlechter op alle gesellschaftlechen Eebenen duerchzesetzen ass, ass e Leetprinzipp vun der Europäescher Unioun. All d'Mënschen, onofhängeg vun hirem Geschlecht, sollen déi selwecht Chancë kréien an d'Intressen an d'Liewenslagen an hirer Villfalt wouergeholl ginn.

Geschlechterzouuerdnung präägt leider nach wie vor d'Liewe vun de Mënschen, sief et beim Choix vun der Ausübung vum Beruff, iwwer wéi vill finanziell Ressourcen ee verfüügt, wéi vill Afloss an Handlungsspillraum et ginn. Wann awer déi strukturell Zwäng iwwerwonne ginn, fir d'Mënschen an eng Geschlechterroll anzeperschen, gewannen alleguerten un Entscheedungsfräiheet.

Et geet och ëm d'Erméiglechkeet vu geschlechtlecher a sexueller Selbstbestëmmung, lassgeléist vun engem Denken, dat nëmmen zwee hierarchesch openee bezunn an heterosexuell Geschlechter erkennt. Mir mussen all zesummen eis dofir asetzen, dass mir Ongerechtegkeeten ofschafen.

Natierlech musse mir och de besuergten homophobe Geeschter aus dem rietse politesche Spektrum de Wee aus hiren Echokummere weisen. Natierlech versti mir alleguerten, dass, wann een ëmmer just dat héiert, wat ee selwer priedegt, ass et natierlech net einfach.

Si brauche keng Angscht ze hunn a keng Ängschten ze schüren a brauche sech och net als Märtyrer ofgestempelt ze fillen. Mir sinn do, d'Europäesch Unioun ass do, fir Iech de Wee ze weisen, fir e gesond Mateneen. Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Très bien!

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Scholl. Den Här Baum an duerno d'Madamm Ragni.

**M. Marc Baum** (déi Lénk)

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och dem Schäffe Knaff fir d'Presentatioun. A wa mer ganz am Ufank gesot hunn, datt et harmonesch ufänkt, mierkt een awer schonn, datt déi éischt Discorden amgaange sinn, sech hei bemierkbar ze maachen.

Ech wëll awer, mengen ech, dann do weiderfueren, oder dat, wat ech denken, wat awer vun 18 vun 19 Leit heibanne gedeelt ass. An dat ass, an dat huet de Schäffe Knaff och richteg gesot, mir sinn hei an der Kontinuitéit op der enger Säit, a mir sinn och an der Kontinuitéit, datt mer Virreider sinn an deene Froen.

Ugefaangen am Joer 2000, wou mer eng Kommissioun geschaf hunn, 2002, wou de Service geschafe ginn ass ënnert dem deemolege Schäffen Änder Hoffmann. An onofhängeg vun der jeeweileger Konstellatioun, wien d'Majoritéit duergestallt

huet, hate mer heibannen ëmmer ganz grousse Konsens, datt déi Froe ronderëm strukturell Ongerechtegkeeten, déi et ginn, déi real sinn. An de Kampf géint déi strukturell Ongerechtegkeeten war dat, wat eis alleguerte verbonnen huet.

Et sinn eng ganz Rëtsch Initiative vun der Escher Gemeng geholl ginn, onofhängeg dovunner, wie grad, wie grad an der Majoritéit war. An dat hei gesi mir och an där Linn.

Ech mengen, datt et eppes Wichteges ass. Ech mengen, datt et déi néng Artikelen, iwwer déi mer elo in fine dann ofstëmmen, do kann ee soen, jo, ass dat dann net einfach just symbolesch, wat heescht dat dann.

Ech mengen, datt et méi wéi Symbolik ass, well all déi Plan-d'actionen, déi an der Vergaangenheet, an och déi zukünfteg baséieren op deene verschiddenen Artikelen aus der Charta. Se inspiréiere sech a se ginn natierlech erweidert.

Well wat ee sech méi laang a méi intensiv mat deene Froe vu struktureller Diskriminatioun befaasst, datt ee mierkt, dat geet ganz wäit, dat ëmfaasst ganz vill Beräicher. A fir déi strukturell Ongläichheete wëllen unzegoen, muss een dofir och méi granular a méi filigran virgoen, wéi dat vläicht virdrun och den Erkenntnisstand war. Dofir menge mir, datt dat och richteg a wichteg ass, datt mer dat heite mat, matstëmmen.

Ech kéint elo e bëssen ironesch soen, de Schäfferot sollt sech och nach eng Kéier den Artikel 2 vun der Charta op d'Long zéien, dee seet, datt an den Decisiounsgremie soll opgepasst ginn, en Ekiliber tëschent Männer a Fraen och ze hunn.

Dëse Schäfferot ass, do ass nach e bësse Sputt no uewen, mengen ech, wann ech de Schäfferot, d'Kompositioun mer ukucken. Mee awer sou vill ... jo, Här Sehovic, Dir, Dir wäert do warscheinlech Ären Deel dann dozou bäidroen, datt dat, datt dat sech ännert.

Ech wëll awer, an dat ass dann den Discorde, e bëssen op dat agoen, wat awer och virdrun heibanne gesot ginn ass. Déi sougenannt wokistesch Ideologie. „Woke" heescht am Fong näischt Anescht, wéi datt ee waakreg ass, datt een oppasst, datt een de Géigeniwwer als Mënsch wouerhëlt, als Mënsch wouerhëlt, deen anescht ass, wéi ee selwer, an och a sengem Aneschtsi respektéiert. Dat ass alles, wat ënnert där soi-disant wokistescher Ideologie stécht.

Et ginn Iwwersetzunge vun där wokistescher Ideologie ginn et an der Philosophie, ginn et och, mengen ech, an der Relioun. Maach näischt, do kengem eppes un, wat s de net wëlls, dat een dir selwer undeet, wier eng Iwwersetzung vun enger wokistescher Ideologie.

An ech hat eigentlech geduecht, datt et d'Basis vum mënschlechen Zesummeliewe misst sinn an datt, datt notamment dat, wat mer hei maachen, de Versuch ass, strukturell erauszefannen, wou dat net respektéiert gëtt, a Mesuren ze ergräifen, datt et ka respektéiert ginn. Net méi stécht do dohannert.

Ech sinn och bei der Madamm Scholl, wa si seet, datt d'Stëmme komescherweis ëmmer erëm méi haart ginn, déi d'Selbst-bestëmmungsrecht vum Mënsch, an an dësem Fall d'Selbstbestëmmungsrecht vun der Fra, versicht, erëm ze reduzéieren op e reng reproduktiven Apparat.

De Gedanken, deen do hannendru stécht, dat ass deen, dee mer, mengen ech, als oppen a fräi Gesellschaft bekämpfe mussen.

Dat ass net nëmme vum Poopst gesot ginn, dat ass och vu sengem Lieutenant gesot ginn, dem Kardinol hei zu Lëtzebuerg. An dat ass eppes, wou ee seet, nee, dat geet

net méi. Dat kann een net soen. An dat ass och net iergendwéi just eng Meenung, mee et widdersprécht fundamentale Prinzippie vum mënschlechen Zesummeliewen a fundamentale Prinzippie vum géigesäitege Respekt, deen een eigentlech misst hunn.

An et gesäit een, wéi déif patriarchal Strukturen nach ëmmer ideologesch verankert sinn.

Dofir – ech war elo awer relativ fein –, mir ënnerstëtzen dat heiten. Mir ënnerstëtzen de Schäfferot och an de weideren Demarchen, déi e wëlles huet ze maachen an deem heite Beräich. Well ech mengen, datt mer leider héieren, ëmmer nees, datt et wichteg ass, datt mer dat do duerchzéien. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Madamm Ragni.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter. Nom Här Schmit senger Interventioun bleift mir hei just de Mond opstoen. An ech gesi ganz genau, dass et wichteg ass, dass mir ëmmer a weiderhi sou e Plan d'action communal hei votéieren.

Ech wëll et hei och guer net schéin apaken, well d'Leit als „Gruppenzwang", dass dat e Gruppenzwang ass. Hei geet et net ëm Moud an et geet och net ëm iergendeng Teenie-Grupp, wou mir hei ofstëmmen. Hei geet et ëm Mënschen, hei geet ëm Respekt, hei geet ëm Leit, déi wëlle sinn, wéi se sinn.

A mir mécht dee Plan d'action hei net Angscht, mee mir mécht vill méi Angscht, wa sou e Gruppenzwang sou eng Politik mécht, wéi elo grad hei beschriwwe gëtt. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni. Dann ... den Här Bermes.

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Ech wollt och ganz kuerz eng Wuertmeldung maachen. Am Fong misst dat Ganzt, an enger idealer Gesellschaft misst eng Selbstverständlechkeet sinn.

Bon, et ass leider net sou an dofir muss een eeben dee Plan d'action maachen, fir, wéi d'Madamm Ragni gesot huet, fir de Respekt vu jidderengem, datt jidderee gläich behandelt gëtt. An dofir kann ee sou Initiativen a sou Plan-d'actionen nëmmen ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Bermes. Dann huet den Här Knaff d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter.

Just fir den Intervenantë Merci ze soe fir hir dach gréisstendeels a majoritär positiv Zoustëmmung zu där Adoptioun vun deenen neien Artikelen.

Wéi gesot, déi nei Artikelen an där Charte, dat si Richtlinne fir eis. Et si Richtlinne fir eise Service a fir d'Politik, fir nei Instrumenter auszeschaffen, fir, wéi gesot, där Egalitéit nach e bësselche méi no ze kommen.

Wéi gesot, merci fir déi grouss an déi breet Zoustëmmung.

Mir hunn deemools, wéi mer dee Prozess, an deen den Här Baum och agefouert, ageleet

huet an nach eng Kéier rappelléiert huet, ware mer geschlossen dofir. Deemools war och den ADR am Gemengerot an en huet déi Charte an d'Kreatioun vun deem Service, wéi mer de Service de l'Egalité des chances gemaach hunn, och matgestëmmt a matgedroen. D'Zäiten änneren, et gëtt méi rau, no riets.

Bon, mir wëssen dat a mussen dofir kucken, eis do dergéint ze wieren. An dofir villmools merci fir d'Zoustëmmung.

Ech wollt nach e ganz grousse Merci soe surtout un eise Service vun der Egalité des genres, deen elo schonn, mengen ech, mir wëssen, wien do d'Cheville ouvrière war, deen d'Iddien hat, deen dat duerchgesat huet, villmools Merci soe fir déi Aarbecht, déi se geleescht hunn am Sënn vun der Gläichstellung.

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Villmools merci. Dann au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☒ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 3.3. Prix eschois d'encouragement à l'égalité des genres ; règlement ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de Punkt 3.3. Den Här Knaff huet weiderhin d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Jo, voilà, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi Propositioun vun deem Prix d'encouragement à l'égalité des genres ass eng Initiativ vun der Kommissioun.

Et si si, déi d'Iddi haten, fir esou e Präis an d'Liewen ze ruffen.

Et géif drëm goen, Leit oder Associatiounen, déi sech speziell fir d'Egalité des genres um Escher Territoire asetzen, fir déi iergendwéi wäertzeschätzen, fir se ze honoréiere fir dat Engagement, wat mer elo all decidéiert hunn, datt et wichteg ass – oder majoritär decidéiert hunn – datt et wichteg ass, un deem Konzept weider ze schaffen.

Et ass, wéi gesot, e klenge Reglement, mee et ass, mengen ech, eng grouss Wäertschätzung fir déi Leit, déi, wéi gesot, daagdeeglech fir d'Gläichbehandlung sech asetzen.

Dir hutt d'Reglement gesinn. Fir d'éischt gëtt den Objet determinéiert „de récompenser les efforts ou engagements particuliers réalisés par toute personne ou groupe de personnes dans le but d'assurer l'égalité des genres ».

De Präis soll e Geldpräis si vun 3.500 €, mee awer och, wéi gesot, an dat ass nach méi wichteg, eng Wäertschätzung an eng Remise vun engem Certificat, deen den Engagement duerstellt.

Et ass am Reglement da beschriwwen, wéi d'Kandidature sollen agereecht ginn, a wéi engem Zäitraum, a wéi engem Delai. Et sinn och d'Critères d'éligibilité, déi genannt ginn, an och wéi duerno d'Procedure de sélection ass mat engem éischten Tri.

An duerno d'Kandidaturen, déi determinéiert gi bei der Commission de l'égalité des chances, déi stëmmen duerno, wien de Präis soll kréien. An et ass finalement duerno de Schäfferot, deen déi lescht Decisioun dann hëlt.

De ganze Präis an de ganze Reglement steet natierlech ënner den Donnéeën och vun der Protection des données vun der Gemeng.

Wéi gesot, ech mengen, et ass en, et ass eng Wäertschätzung fir déi Leit, déi sech um Terrain, ausserhalb vun de Servicer, vun hirer Aarbecht, fir d'Egalité des genres aschätzen. An ech mengen, deemno wär et e Präis, dee misst am Fong Är Zoustëmmung kréien.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☰ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wëllt Dir Är Abstentioun begrënnen, Här Schmit?

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci fir d'Wuert. Jo, ech wollt am Fong geholl soen, datt ech jo och mat an der Kommissioun war, wou dat doten an der Egalitéitskommissioun, wou dat dote mat elaboréiert ginn ass.

Et si gutt Pisten dran. Déi Abstentioun ass am Fong geholl ... ech hätt och kënne grad sou gutt vläicht dofir stëmmen. Et si just e puer Saachen, wou ech Bedenken hunn. Ech muss soen, ech sinn net géint déi traditionëll, traditionell Egalitéit. Dat heescht, d'Egalitéit fir, fir d'Fraleit par rapport zu de Männer. Dat ass eppes, wat ech och total ënnerstëtzen.

Et si just e puer Niewenaspekter, wou mer do, wou ech do vläicht e bësse méi bedenklech sinn. Am grousse Ganze fannen ech dat och, deen och e gudden, eng gutt Richtung an eng gutt Saach, datt et dee Präis, wéi gesot, gëtt, datt deen an d'Liewe geruff gëtt.

A meng Abstentioun ass domat ze begrënnen, déi geet an déi selwecht Richtung wéi vidru mäin Nee. Dat heescht, do si verschidde Schwingungen, déi ech eeben net sou gutt fannen. An dofir déi Abstentioun.

An ech fannen, wéi och gesot ginn ass virdrun ... ech hat jo do vill Géigewand kritt. Mee wéi den Här Baum och gesot huet, Wokismus soll jo och sinn dann, deenen anere Meenungen, aner Leit och ze akzeptéieren. Da géif ech och da bieden, jiddwereng Partei ënnerschiddlech Ufaassungen op verschiddene Punkten trotzdeem, egal wéi, wéi se geaartet sinn, dann awer och dann an deem Sënn politesch ze akzeptéieren. Merci.

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Schmit.

## 4. Plan d'aménagement Particulier Quartier Existant ; mise en exécution jugement du 26 juillet 2024 ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de Punkt 4. Dat sinn d'Suitten ... dat heescht, mir kommen nach eng Kéier op d'Suitte vum Urteel vum Tribunal administratif vum 26. Juli 2024 betreffend de PAP Quartier existant zeréck, wou mir dann elo déi Upassungen, déi vum Geriicht gefrot goufen an an der Concertatioun mat de Juriste vum Inneministère fomuléiert goufen, hei am Gemengerot ofstëmmen.

Ech huelen elo net nach eng Kéier d'Ried vun der leschter Sëtzung aus der Täsch, fir dës nach emol virzeliesen an de ganzen Debat ze maachen. Ech weisen awer drop hin, dass eng vun de Suitte vum leschte Gemengerot notamment och déi war, dass, wéi den Här Baum zu Recht gefrot huet, de Link um Internetsite zum PAP Quartier existant bäigefüügt gouf an Erkläerunge bäigefüügt gouf, déi op d'Urteel an d'Suitten higewisen hunn.

Wat gëtt elo wéi konkreet hei am PAP Quartier existant ugepasst? Mat de Juriste vum Interieur si mer esou verbliwwen, dass et keng aner inhaltlech Verännerungen am Dokument gëtt wéi déi, déi vum Geriicht gefrot goufen.

Domadder evitéiere mer, dass mer an eng komplett PAP-Quartier-existant-Prozedur musse goen an déi komplett missten duerchlafen. Mee ab dem Vott vun haut kënne mer dann dësen direkt ugepassten an a senger Integralitéit komplette PAP Quartier existant dann applizéieren. An dee gëtt dann natierlech nach eng Kéier vum Inneministère approuvéiert, mee en ass, e wier dann ab haut an der Prozedur.

Am Artikel 34.1., do sträiche mer en Tëschesaz. Am Artikel 51, also dee vun de Definitiounen, gëtt d'Definitioun vun der Maison unifamiliale un déi an der nationaler Legislatioun genotzter Formulatioun ugepasst. Et ginn do dräi Passagen an där Definitioun gestrach.

Domat ass de Logement intégré an allen Eefamilljenhaiser hei zu Esch dann erëm méiglech. Dat ënner deene Konditiounen, déi ë.a. awer am PAP Quartier existant, wéi och an deenen anere Reglementatioune festgeschriwwe ginn.

Da stëmme mer och nach emol iwwer d'Partie graphique of. Hei huet sech um Plang selwer näischt verännert. Et keen Haus méi oder manner als Eefamilljenhaus gréng markéiert ginn, mee mer confirméieren eeben och an der Partie graphique, dass an dëse gréng markéierten Haiser e Logement intégré elo méiglech ass.

E Changement d'affectation bleift awer weiderhin onméiglech. Dat ass net vum Geriicht a Fro gestallt ginn an domadder bleift dann och d'Substanz, déi äusserlech Bausubstanz vum Eefamilljenhaus weider geschützt.

Iwwer méiglech aner Upassunge vum PAP Quartier existant diskutéiere mer zu engem spéidere Moment vun der Mandatsperiod. Heifir wäerte mer dann awer, wa mer do Upassungen da wéilte virhuelen, dann ass et natierlech kloer, dass mer dann duerch déi ganz Prozedur géinge goen.

Ginn et Wuertmeldungen heizou? Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Mir wäerten dat doten natierlech kloer matstëmmen, well et einfach wichteg ass, dass de PAP Quartier existant sou séier wéi méiglech à jour gesat ass.

Ech wëll awer trotzdeem eng Kéier kuerz bedenken, dass déi Wichtegkeet vun där awer vläicht klenger Upassung awer trotzdeem, datt et do wichteg fir verschidde Leit, dass et net oninteressant gewiescht wier, wann een dat doten am Virfeld eng Kéier an der enger oder anerer Kommissioun gesinn hätt, notamment d'Juridique, notamment de Logement, oder vläicht och d'Stadentwécklungskommissioun.

D'Stadentwécklungskommissioun, mengen ech, déi ass zënter Méint net méi zesummekomm. Ech denken, ee vun den Haapttheemen hei, wat mer hei beschaffen, ass d'Stadentwécklung. An do wär ech frou gewiescht, wa mer dat do eng Kéier hätte kënne schwätzen.

D'Upassunge si minimal, an awer hätt een ... Dir hutt eis elo Erklärunge ginn, déi kuerz waren, déi awer pertinent sinn. Mee déi hätt een awer do an enger Ronn, bëssen entspaant hätt een do kënnen ausdiskutéieren an da wäre mer op engem anere Stand gewiescht oder et wäre vläicht nach nei Iddie komm.

Dofir, méi wäert ech ... also, méi Remarke sinn elo do net ze maache vu menger, vun eiser Säit hier. Egal wéi wäerte mer dat do matstëmmen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz. Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Déi zweet Remark vum Här Faltz kann ech och just ënnerstëtzen. Ech mengen, dat hei hätt een och kënnen an, mengen ech, sollen a missen an enger Kommissioun diskutéieren, well et ass awer e Sujet, deen iwwer Wochen a Méint an der Press breetgetréppelt ginn ass, wou et e juristescht Urteel gëtt, an datt een dat awer och hätt kënne mat de Kommissiounsmemberen eng Kéier duerchgoen.

Deen ... ech hunn awer – an Dir bréngt mech do an eng mësslech Situatioun, well ech weess net richteg, wéi ech ofstëmme soll, well ech net richteg weess, wat ech ofstëmmen.

Wann et d'Ofstëmmung doranner besteet, den Artikel 34.1. an den Artikel vun den Definitiounen ze änneren, da stëmmen ech evidenterweis mat, well et ass eng Upassung un d'Urteel.

Mee wann et elo drëm geet, datt ech de ganze PAP Quartier existant misst ofstëmmen, da géif ech mer do mäi Vott reservéieren, well ech mengen nach ëmmer, datt déi Argumentatioun, déi mer och virun dräi Joer bruecht hunn, firwat mer et net matstëmmen als Gesamtpackage, nach ëmmer valabel ass.

Dofir, wann Der mer Opklärung géift ginn, wat mer ofstëmmen, da kann ech Iech soen, wéi ech ofstëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

Ech mengen, dass een de Sujet u sech hätt kënnen tatsächlech an enger, also de Sujet u sech vun de Logement-intégréen hätt een eventuell kënnen an enger Kommissioun diskutéieren.

Ech mengen, dass elo eng Commission juridique hei eigentlech net vill Avisen hätt kënnen dozou formuléieren, well et ass relativ

kloer definéiert, wat mer solle maachen a wat mer mussen upassen.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Dat war et och scho virun dräi Joer.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Do ass ... jo, jo, mee hei ass et awer elo ganz kloer definéiert. Ech mengen och, dass mer do kee Spillraum gehat hätten. Well wa mer do iergendeppes Aneschters drageschriwwen hätten ...

*(Ënnerbriechung duerch den Här Jean Tonnar)*

Merci, Här Tonnar, fir Äert Ënnerbriechen.

Well wa mer do eppes Aneschters drageschriwwen hätten oder wann do elo d'Kommissiounen op eemol aner Iddie komm wieren, da wiere mer an eng Situatioun komm, wou hei da vläicht deem do net zougestëmmt gi wier, oder wa mer d'Prozedur verlängert hätten, wou et dann aner Prozedure ginn.

Dat heescht, ech mengen tatsächlech, dass een iwwer de Sujet u sech hätt kënnen traitéieren, wann dat eng Demande vun der Kommissioun gewiescht wier. Par conter mengen ech, dass hei déi Upassunge selwer, eigentlech dass et do net vill Spillraum gëtt.

Dat wat mer elo stëmmen, dat sinn tatsächlech just Upassungen. Dir stëmmt elo net de komplette PAP Quartier existant, mee mer stëmmen elo d'Verännerunge vun den, vun deenen zwee Artikelen, respektiv mir huelen aus dem Grafik ... mer confirméieren de gréngen Graphique. Mir soen, dass eeben do an Eefamilljenhaiser och Logement intégré machbar ass.

Au vote.

- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 5.1.1. Règlement d'ordre intérieur de la bibliothèque ; modification ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Punkte 5.1.1. a 5.1.2., wou et ëm d'Bibliothéik geet. Den Här Knaff huet d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Mir leeën lech haut en Dokument vir fir Approbatioun, wou et ëm de Reglement d'ordre interieur vun eiser Bibliothèque municipale geet.

Dee Reglement d'ordre intérieur ass frësch ausgeschafft gi vun eiser Direktioun, well mer eis wollten alignéieren am Fong op déi Reglementer, déi besti bei anere Bibliothéiken am Land, an notamment den Daachverband vun de Bibliothéiken, dee sou e Reglement d'ordre interieur am Fong ausgeschafft huet.

Dir hutt de ganze Reglement virleien. Et geet, am éischte Fall, am éischte Punkt geet et ëm d'Generalitéiten, wat ass d'Missioun vun der Bibliothéik, ëm wat geet et, wat soll et de Leit bréngen. Fixéiert awer och eng Rei Richtlinnen, wéi ee sech soll an enger Bibliothéik behuelen, datt een net soll telefonéieren, datt een net soll Kaméidi maachen, etcetera.

Bon, ech mengen, déi Saachen, déi normal sinn an enger Bibliothéik, wou ee kënnt, fir Bicher ze consultéieren.

Den zweete Punkt ass d'Inscriptioun an de Prêt: Wéi kann ee profitéiere vum Service, datt ee sech muss aschreiwen, datt een eng Adress muss uginn, datt een eng E-Mail-Adress muss uginn. Wann ee keng huet, da kritt een eng zur Verfügung gestallt. Wie ka léine kommen, sief dat Personnes physiques, sief et Personnes morales, wéi laang dauert d'Durée vun engem Prêt, wéi kann dat verlängert ginn.

Den drëtte Punkt, dee schwätzt vun der Offre numérique. Et kann een och Saachen online consultéiere goen an d'Bibliothéik. Do ass e Mindestalter fixéiert ginn am Reglement op 14 Joer. Wéi kann een, dat ass de véierte Punkt, e Buch reservéieren, wat ee wëll liese kommen oder léine kommen.

E fënnefte Punkt betreffen d'Aktivitéiten an d'Manifestatiounen, déi an der Bibliothéik kënne stattfannen, datt et do de Servicer erlaabt ass, Fotoen ze maachen an datt jiddwereen, deen am Fong .....

**(Mikro huet net funktionéiert)**

Material informatique, wéi ee kann déi Laptoppen, déi an der Bibliothéik sinn, wéi een déi kann utiliséieren, datt een dofir och eng Carte de lecteur brauch.

An de siwente Punkt, dat sinn erëm d'Données à caractère personnel, wéi déi gehandhaabt ginn.

Voilà, et si keng ... ech mengen, et waren elo, wat deen do Punkt ugeet, keng Beanstandungen um Niveau vun der Kommissioun ginn, sou datt ech Iech géif bieden, deem Reglement d'ordre interieur fir eis Bibliothéik zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et Froen zum Reglement d'ordre interieur?

Nee, dann au vote.

- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 5.1.2. Règlement-taxe de la bibliothèque ; modification ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer eng kleng Upassung vun der Tax vun der Bibliothéik.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Jo, do ass et just esou ... wat nei bäikomm ass, dat ass, wann ee seng Carte de lecteur verléiert an e freet eng nei, datt dat e Präis vu 5 € kascht.

An et ass nach reglementéiert ginn, wat geschitt, wann een d'Buch net zeréckbréngt. Da kritt een eng Facture vum Service geschriwwen, wat d'Valeur vum Buch ugeet.

A fir do awer eng Richtlinn ze hunn, hu mer gesot, datt dee Montant awer net ka méi wéi 250 € ausmaachen. Mir krute vun der Direktioun, a se huet dat och sou ageschriwwen, datt se selten, oder datt et keng Bicher ginn, déi iwwer eng Valeur vu méi wéi 250 € hunn.

An dann och nach, datt, wa sou eng Facture muss ausgestallt ginn, datt och nach Frais de dossier do dobäikommen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Froen heizou? Au vote.

- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 5.2. Règlement-taxe Salon Helen Buchholz ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An da stëmme mer Entréespräisser fir de Salon Helen Buchholtz.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Am Bridderhaus hate mer am Kader vun 2022 eng Serie vu Concerten, Concerts de chambre, organiséiert am Bridderhaus. Si haten e ganz grousse Succès. Et war eng Demande do vum Public, fir erëm weider sou Concerten, eng Serie vu sou Concerten ze organiséieren.

Et war sech do am Fong gëeenegt ginn, fir déi Recitallen oder déi Concerts de musique de chambre, fir déi am Zwee-Jores-Rhythmus ze organiséieren. Dat ass eeben elo, et geet elo am 6. November u mat enger Serie vu Concerten. An geet elo drëm, d'Entréestickete fir de Concert do, fir déi Concerten ze fixéieren.

An do ech proposéieren ech Iech ze stëmmen als Entréespräis fir een Adulte 20 €, als Entréespräis fir déi Jonk tëschent 12 an 18 9 Joer, fir Kanner vu 4 bis 11 4,5 €, a fir déi Leit mam Kulturpass 1,5 €. An ech géif Iech bieden, deene Präisser zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 6.1. Office Social ; Rapport d'activité pour l'exercice 2023 ; décision

### 6.2. Office Social ; Budget pour l'exercice 2025 ; avis

### 6.3. Office Social ; Budget rectifié pour 2024 ; avis

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Cavaleiro proposéiert, déi Punkte 6.1. bis 6.3. zesummen ze behandelen. Wann dat fir jiddereen okee ass, da ginn ech dem Här Cavaleiro d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Här Buergermeeschter, léif Kolleginnen a Kollegen, wéi gesot, mir hunn haut um Ordre du jour de Rapport d'activité vum Office social aus Esch ze diskutéieren. De Rapport d'activité fir d'Joer 2023, deen ech och hei wëll virstellen. Och wann dëse Rapport eis all u seng Urgence a Wichtegkeet erënnert natierlech.

Et ass en Dokument, dat net nëmmen Zuelen an Tendenzen ofbilt, mee virun allem de Schicksal vun de Leit, déi dagdeeglech mat Erausfuerderungen an Ongläichheete kämpfen. An dat sinn d'Leit, fir déi eis Majoritéit eleng iwwer 50 % vum Budget vum Office Social finanzéiert, an dat mat Iwwerzeegung an Noutwendegkeet, well eis Stad steet dofir, dass keen eleng gelooss gëtt.

2023 ass net just e weidert Joer an de Statistike vun der sozialer Situatioun vun eiser Gemeng, mee e markéiert eng Zäit vun Eskalatioun. Mat engem Plus vun 9,8 % u Fäll, ware mer mat enger Demande konfrontéiert, déi iwwerproportional zu der nationaler Moyenne vu just 0,2 % geklommen ass. Dat bedeit, dass bei eis 1.597 Stéit, also bal 4.200 Leit, fir Hëllef komm sinn. An an dësen Zuelen erkennt ee kloer, wéi massiv de Besoin ass.

Mir gesinn eng weider Kéier eng markant Hausse an den Demandë vun eise Matbierger, déi eis d'Dimension vun der sozialer Prekaritéit erëm an d'Bewosstsinn rufft. D'Zuel vun den Demandë fir Hëllefen ass radikal geklommen.

Do wou fréier all zwou Wochen héchstens 20 Decisiounen no all Conseil geholl ginn ass, sinn haut et der bal 60. Dëse massiven Unzock weist den onermiddlechen Engagement vun eisem Office social, awer och d'Urgence, déi hannert dëse Situatioune steet.

Dëse Rapport ass domat en Zeie vun de Konsequenzen, déi wirtschaftlech Onsécherheet, steigende Loyerpräisser an héich Liewenskäschten op déi prekäerst ënnert eis hunn. Dofir ass et eng Grondprioritéit fir eis politesch Majoritéit, dass eis Gemeng eng aktiv Roll an der sozialer Gerechtegkeet spillt. Mir investéieren net nëmme finanziell an d'Hëllef fir déi Aarmséilegst an eisem Esch, mee mir investéieren och an d'Iddi vun enger Stad, déi zesummenhält.

Esch-Uelzecht ass net nëmmen eng Gemeng ënnert aneren, mee eng, ënnert aneren, mee eng, déi zevills um sozialen Zesummenhalt opbaut an déi en encadréierte soziale Reseau zur Verfügung stellt.

Déi steigend Zuele sinn déi éischt Indikatioun, mee hannert all eenzele vun deene Fäll stécht eng Realitéit, déi dacks mat dramatesche Konsequenze verbonnen ass. De Wunnengsmangel, mat oft héije Loyershéijungen, bréngt vill Leit un d'Grenz vum Liewensminimum.

Fir 2023 goufen, wéi de Rapport et prezis beschreibt, iwwer 65 Zwangs-

deguerpissementer enregistréiert. Dëst ass net nëmmen Zuelen, mee et si 65 Schicksaler, déi eis weisen, wéi prekär d'Situatioun fir vill Stéit ginn ass. Fir vill Leit ass de Kampf fir en Daach iwwert dem Kapp zu engem onmoossegen Opwand ginn.

D'Office social huet eng, seng Interventiounen an dësem Beräich duerch direkt finanziell Hëllefen a mat 76 % méi Hëllefen am Beräich Loyer an Hebergementskäschten erhéicht. Mat der Erhéijung vun den Demandë geet och e wëssen, e weesentlechen Opwand un der Ariichtung vun Adresses de référence an eiser Stad zesummen.

Dës Zuel ass besonnesch am Joer 2023 a klorem Uschlag. An heibäi suergen eis Servicer dofir, dass déi Leit, déi op der Strooss liewen och keen Daach iwwert dem Kapp hunn, eng offiziell Ureechbarkeet kréien, wat hinnen d'Méiglechkeet gëtt, aner legal an administrativ Hëllefen a Servicer ze kréien.

Dëse Service ass vun elementarem humanitärem Wäert, an deementspriechend ass et fir eis e Grondpfeiler vum soziale Schutz. Mir als Gemeng stinn hei net just als Geldgeeber zur Säit, mee als aktive Partner, dee sech der Problematik vum Logement ugeholl huet an aktiv um Terrain agegraff huet.

Eis sozial Prioritéite ginn duerch déi ganz Team vum Office social op eng konkreet Aart a Weis an d'Praxis ëmgesat. 2023 gouf fir iwwer 1,25 Milliounen Euro un Direkthëllef an dréngend sozial Interventioune gesuergt; eng Erhéijung vun 28 % par rapport zum Joer virdrun.

Dat ass e Budget, dee mir als politesch Majoritéit onbeschwéiert ënnerstëtzen, well et ëm en, well et ëm de Wuelstand a Liewensqualitéit vun eisen Noperen a Matbierger geet. Mir gesinn dës Mëttel net als Käschten, mee als Investitioun an eng méi gerecht Zukunft fir jiddwereen.

D'finanziell Ënnerstëtzung ass e Grondpfeiler vum sozialen Zesummenhalt zu Esch, an déi onermiddlech Aarbecht vun eise Sozialaarbechter ass dobäi e wäertvollen Asaz, fir deen ech hinne besonnesch Merci soen.

Fir d'Gemeng war et evident, dass mer eisen Deel zu dësem Effort bäileeë mussen. Mir hunn d'Zuel vu Sozialaarbechter an d'Personalsstruktur vum Office social kontinuéierlech ënnerstëtzt, fir méi Effizienz ze bréngen an den Drock op d'Ekippen ze reduzéieren.

Mir wëssen, dass all eenzelen Dossier mat Zäit an Empathie behandelt muss ginn, fir déi bescht Léisung ze fannen.

An dësem Joer huet de Conseil d'administratioun vum Office social eng fundamental Ännerung duerchgesat, fir dem steigende Besoin méi reaktiounsfäeg ze ginn. Vun enger gerechter Verdeelung vun den Dossieren, iwwert nei Gestiounsplatt-formen, bis hin zu Verbesserungen an de Responsabilitéite vun den ARIS-Agenten, déi sech elo speziell un den intensiv betreiten Dossiere beschäftegen, goufe wichteg an néideg Ännerungen ëmgesat.

Fir déi manner Privilegéiert an eisem Esch kënnen esou konkreet a strukturell Verbesserungen den Ënnerscheed maachen. Eise politeschen Engagement ass et, esou Strukturen weider ze fërderen an d'Aarbechtsbedingungen fir eis Sozialaarbechter weider ze optimiséieren.

De Grond ass kloer: Sozialaarbecht mat Qualitéit a Empathie ass d'Basis fir eng staark Gemeng, an dat ass d'Welt, déi mir wëllen.

Eis Zesummenaarbecht mat den nationalen a lokale Partner organiséiert e këschtenaarme soziale System, dee Leit duerch eng

integréiert Begleedung reegelrecht en neit Kapitel ka bidden.

Zu den neie Partner vum Office social an den Asbl, déi sozial Beräicher u sech leeden, gehéieren ënner anerem d'Ligue Médico-Sociale, d'Klima-Agence an d'ONIS. Zesummen erméigleche mer en Integratiounssystem, dee stabiliséierend wierkt an dee jiddwerengem d'Méiglechkeet gëtt, en neien Ufank ze maachen.

Dëst ass eis gemeinsam Strategie, en Esch vun der Zukunft opzebauen, e Modell fir integrativ sozial Kohesioun a fir Solidaritéit.

Här Buergermeeschter, léif Kolleginnen a Kollegen, dëse Rapport ass eng Unerkennung an eng, an en Appell. Et ass d'Unerkennung vun der Aarbecht, déi all Dag vum Office social geleescht gëtt, an et ass en Appell, fir weiderhin an eis sozial Infrastruktur ze investéieren, fir op déi unze, ugeduechsten Erausfuerderungen ze reagéieren.

Dës Majoritéit ass iwwerzeegt, dass jiddereen d'Recht huet, sech anstänneg an eiser Gemeng opzehalen an ze liewen. An dat ass de Kär vun eiser Politik. Eis Ziler sinn ambitiéis, mee mir bleiwen engagéiert a bereet, d'Ressourcë bereetzestellen, déi néideg sinn, fir dës Missioun ze erfëllen.

Esch ass net nëmmen eng Stad – et ass eng Gemeinschaft, déi sech fir eng gerecht a solidaresch Welt asetzt. An dat mat Stolz an mat enger kloer politescher Linn, déi sech onbedéngt fir déi setzt, déi eise Schutz a Solidaritéit verdéngen.

Här Buergermeeschter, léif Kolleginnen a Kollegen, ech presentéieren elo och nach den ugedroene Budget fir 2025 an de Budget rectifié fir 2024 vum Office social, déi eng konkreet Illustratioun vum Engagement vun eiser Gemeng an der sozialer Hëllef duerstellen.

Also de Budget rectifié 2024. Fir d'Joer 2024 goufen d'Depensë vum Office social erhéicht op e Gesamtbetrag vun 5.399.895,61 €, fir esou den zousätzleche Besoine gerecht ze ginn, besonnesch duerch déi verstäerkt Demande fir Aides sociales.

Dësen Effort ënnersträicht eis Verflichtung zu enger ëmfaassender sozialer Politik, mat spezifesche Leitposten, wéi d'Hëllef u Persounen a prekäre Situatioune mat méi wéi 2,73 Milliounen Euro. Eng Augmentatioun, déi sech virun allem op d'Sécherung vum Logement, d'Liewensmëttelhëllef an d'finanziell Ënnerstëtzung fir Gesondheetsversuergung fokusséiert.

Eng Erhéijung vun der, vun den Dotatiounen un d'Versécherungskäschten a perséinlech Servicer, fir esou méi Beneficiairen z'erméiglechen, Accès op déi néideg Ressourcë fir hiert Wuelbefannen ze kréien.

De Budget 2025. Fir 2025 ass de Gesamtbudget op 5.865.550 € festgeluecht ginn, wat e kloren Engagement an d'Kontinuitéit vun eiser sozialer Ënnerstëtzung markéiert.

E puer wichteg Punkten dorënner: Aides aux Nécessiteux mat engem Betrag vun 3,09 Milliounen Euro, gëtt e substantiellen Deel vun dësem Budget fir Direkthëllefen u Leit an Nout allocéiert. Dës Erhéijung weist eis Bereetschaft, op déi verännerend Besoine vun de Bierger anzegoen, an d'Qualitéit vum Service am Beräich vum Sozialwiesen ze erhéijen.

Dotatiounen un d'Logementshëllefen an ëffentlech an héich Demande, Déngschter, wéi Aides alimentaires an energeetesch Hëllefen, si vill méi héich budgetéiert, wat d'Sécherheet fir eise Bierger a punkto Wunnen an Energie garantéiert.

D'Engagement vun der Stad Esch. Mat engem finanzielle Bäitrag vu 50 % zum Gesamtbudget vum Office social illustréiert d'Gemeng hiren Engagement a stellt sech der Verflichtung fir Solidaritéit an der Gemeng vir.

Eise Fokus läit am Prinzipp vun der sozialer Gerechtegkeet an enger gréisserer Accessibilitéit vun de soziale Servicer. D'Politik vun der Majoritéit prioritär en Ausbau vun de Kapazitéite vum Office social, souwuel op der administrativer wéi op der betriiblecher Säit.

Dëse Budget representéiert net nëmmen eng finanziell Dispositioun, mee en Engagement, fir d'Sozialpolitik vun eiser Gemeng weider auszebauen an unzepassen. Eist Zil ass et, all Bierger d'Méiglechkeet ze ginn, an Dignitéit ze liewen, mat enger sozialer Hëllef, déi sech un déi reell Besoinen upasst.

Ech recommandéieren dëse Budget fir Är Zoustëmmung, an ech freeë mech natierlech op Ären Accord fir eis politesch Visioun vun engem solidarreschen Esch weider ze fërderen.

Ech bieden Iech all och, de Rapport d'activité 2023 als feste Grondstee vun eis weider Aarbecht an eiser sozialer Politik ze ënnerstëtzen, an esou déi Solidaritéit ze bestätegen, déi Esch-Uelzecht esou vill Wäert op all Mënsch leet. Merci fir Är Opmierksamkeet an och fir Är Ënnerstëtzung.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et Wuertmeldungen heizou? Här Faltz.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, merci. Just eng kleng Remark. Den Office social ass do fir déi Äermst vun der Gesellschaft, an net déi Aarmséilegst vun der Gesellschaft. Dat ass e flagranten Ënnerscheed an dat ass zimmlech respektlos.

A vu que datt Dir Är Ried jo ofliest, kann et kee Verspriecher sinn. Dofir, géif Iech bieden, sou Saachen ze ënnerloossen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz. D'Madamm Ragni.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci fir dëse Rapport d'acitivité. Mir als déi Gréng kënnen dëse Rapport d'activité an och dëse Budget fir 2024 nëmmen ënnerstëtzen.

Sou e Rapport d'activité ass eigentlech immens flott, well e wierklech hannert d'Mauere kucke léisst vun däser wäertvoller Aarbecht, déi am Alldag geschitt fir sozialschwaach Leit, déi wierklech och vun dëse Servicer ofhängeg sinn a wou deenen och dann dee Moment gehollef ka ginn.

Et gesäit een natierlech och – den Här Cavaleiro huet jo elo och hei d'Statistiken am Fong e bësselchen opgezielt –, wéi et ausgesäit par rapport zu deene leschte Joren an elo fir 2023, wou et jo och drastesch geklommen ass. Ech denken, dass eis Maison sociale, wéi mer se soss ëmmer genannt hunn, wou all d'Servicer dra sinn, en extreeme wichtege Service hei zu Esch ass.

A wéi gesot, mir kënnen dëst nëmmen ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni. Den Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och fir d'Presentatioun.

Ech mengen, wann een d'Virwuert vum Rapport liest, et muss ee soen, da ginn engem d'Dronkenellen aus. Wa mer am Landesduerchschnëtt eng +/- Stagnatioun hu vun den Zuelen, vu de Leit, déi an den Office social ginn, eng liicht Augmentatioun vun 0,2 %, an zu Esch hu mer eng vun 9,8, dann, mengen ech, ass dat eppes, wat eis alleguer interpelléiere muss.

An ech wier eigentlech frou gewiescht, wa mer dozou vläicht awer nach déi eng oder aner Erklärung méi kritt hätten. Dat heescht, de Versuch ze maachen, firwat ass déi Situatioun a sou engem fir d'Escher Leit diskrepante Verhältnis zur, zum Landesduerchschnëtt. Also Esch + 9,8, Landesduerchschnëtt + 0,2. Et kann ee vläicht souguer soen, wann Esch net wier, da wier de Landesduerchschnëtt warscheinlech 0,0 – enfin.

Mee ech mengen, datt mer do wierklech Erklärunge brauchen. Mir hunn Instrumenter, mir hunn eng Kooperatioun mat der Universitéit, mir hunn d'Sozialberichterstattung. Ech mengen, datt mer deem Phenomeen, wou en hierkënnt, wierklech nach musse méi op de Fong goen.

An ech mengen, et gesäit een, wann ee sech déi Grafiken ukuckt, dat ass jo och wierklech allerhéchst, an héchstem Mooss alarmant. Wann ee sech just ukuckt, d'Referenzadressen, wou mer, wou den Office social virun 3, 4, 5 Joer sou an der Moyenne 15, 16, 17 Referenzadressen uginn huet, fir datt d'Leit iwwerhaapt kënnen de REVIS respektiv RMG kréien, dann huet sech dat quasi vervéierfacht op elo entre-temps 60 Referenzadressen am vergaangene Joer.

An dat selwecht gëllt och fir d'Evolutioun vun den, vum Secours financier, déi den Office social mécht, wou mer par rapport zu 3, 4 Joer eng Verduebelung, deelweis – 2020 war speziell, dat ass wouer – eng Verdräifachung vum, vun de Montanten hunn. An ech mengen, mir musse wierklech als Escher Gemeng probéieren, do deem, dee Phenomeen einfach nach méi fundamental ze verstoen.

Well ech mengen, mer maache ganz dacks esou, an och mat duerchaus berechtegtem Houfer, datt mer eng Universitéitsstad sinn, mee ech mengen, mer si virun allem och nach ëmmer eng Aarbechterstad. Just datt d'Aarbechter haut net an de Minne sinn oder op der ARBED sinn, mee dat si Leit, déi um Bau schaffen, dat si Leit, déi am Botzsecteur schaffen, déi am HORECA schaffen. Leit, déi eeben am Niddreglounsecteur schaffen, wou den Drock, de finanziellen Drock duerch d'Evolutioun um Logement, awer net nëmmen, immens héich ass.

An deem Kontext ... ech wosst net richteg, wéi ech et ubrénge soll. Mer wësse jo, et ass jo ugekënnegt, datt d'Energiepräisser ab dem 1. Januar wäerten an d'Luucht goen. Éischtens mengen ech, datt mer och an deem Kontext – a wëssen, wéi d'Zuelen elo scho sinn, wou et déi verschidde staatlech Deckelen op de Präisser ginn. Déi ginn elo, déi Deckele gi gelabbert.

Dat wäert och eng enorm sozial Erausfuerderung si fir e ganz groussen Deel vun der Escher Populatioun. An ech mengen och, datt mer misste kucken, eis eng Strategie ze gi géint Energieaarmut, wéi mer mat deem Phenomeen ëmginn. Well d'Energiepräisser riskéieren och an den nächste Joren weider ze klammen. Ech mengen, datt de Pic nach net erreecht ass vun de Präisser. An dat ass eppes, wat de Leit wierklech awer un d'Liewegt geet.

Dat zweet, wat ech dozou wollt soen, ass: Ech mengen, datt mer awer zu Esch an enger, wann een dat sou soe kann, luxuriéiser Situatioun sinn, datt mer selwer Besëtzer si vum Elektrizitéitswierk

a vun där Gesellschaft, déi den Akaf an de Verkaf vum Stroum zu Esch mécht.

Mer wëssen och, datt elo nei Regulatioune kommen an et ass den Netzbedreiwer, dee se finalement muss dann herno ëmsetzen. An ech géif mech wierklech immens freeën, wa mer an engem vun den nächste Gemengeréit eppes géife maachen, wat an der Vergaangenheet ganz dacks war. Nämlech eng bësse méi fundamental Diskussioun iwwer Sudstroum, eng, wou mir honnertprozentegen Aktionär sinn, an all sengen Dimensiounen.

Dat heescht, als Sudstroum, als ekonomeschen Acteur selbstverständlech, mee awer och Sudstroum ze projezéieren, wat och Verantwortungsberäicher vun deem awer para-ëffentlechen, oder ëffentleche Betrib Sudstroum ass.

Mer haten dat an der Vergaangenheet, datt ech mech erënnere kann op jidde Fall, ganz dacks. Ech mengen, déi lescht 5, 6 Joer net – sauf erreur de ma part. Ech mengen, datt et wierklech sënnvoll wier, wa mer eng fundamental Diskussioun iwwer d'Entwécklung vu Sudstroum géifen hei féieren.

Dat drëtt, wat ech soe wollt, ass, dat ass eng Fro och un de Schäfferot. Am Budgetsprojet fir 2025 um nationalen Niveau soll jo och d'Allocation de vie chère verännert ginn. Dat heescht, op der enger Säit soll de Champs d'application erweidert ginn, méi grouss gemeet ginn, an op der anerer Säit sollen och d'Montanten erhéicht ginn.

Elo ass et sou, datt dem, zu Esch, datt mer quasi och eng Escher Allocation de vie chère hunn, déi sech awer un deem Montant vun der Allocation de vie chère vum Familljeministère undockt. Ginn et do scho Berechnungen, wat dat fir Esch ongeféier kéint heeschen, géif heeschen? Wou si mer do drun?
Well mer hate jo och schonn, mengen ech, virun zwee Joer e bëssen d'Diskussioun, musse mir net och selwer bëssen un eis Krittären nach eng Kéier drugoen, well am Moment ass et jo gestaffelt no Composition de ménage, wéi vill Prozent mir vun deem staatleche Montant ginn. Dat einfach nach eng Kéier ze iwwerpréiwen, ob do eng Volontéit ass, fir an déi Richtung ze goen.

Dann dat lescht, wat ech wollt soen. Den Här Cavaleiro huet och geschwat vun de Capacitéite vum Office social, déi misste gestäerkt ginn. Gläichzäiteg gëtt et op, mengen ech, Regierungsniveau Tentativen, fir déi berüümt Simplification administrative virunzedreiwen, ë.a. mat sou engem Prinzipp, wéi de Once only.

Datt vill méi staark Automatisme sollen agefouert ginn, datt, wa Leit eng Demande anzwousch maachen, datt dat interkonnektéiert gëtt, datt dat doduerch eventuell och zu engem manner groussen – also éischtens fir d'Beneficiairen interessant ass, well se net 20-mol Demarchë musse maachen, mee just een-, zwee- oder dräimol Demarchë musse maachen. Mee et kann awer och dozou féieren, datt et zu enger administrativer Entlaaschtung vum Personal kéint féieren.

Do meng Fro: Sinn, wou ass dat par rapport elo zum Escher Office social drun? Ginn déi Reflexioune gefouert? Wéi gesäit et do am Moment aus?

Dëst gesot wäerte mer natierlech de Budget vum Office social matstëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. D'Madamm Ragni.

Dir wollt net schwätzen? Dann den Här Schmit.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeescher, fir d'Wuert. Jo, am Fong geholl déi Ausféierungen, wou elo vum Här Baum gemaach gi sinn, dat gesi mir am Fong geholl praktesch identesch wat de finanzielle Valet ubelaangt.

Dat heescht, natierlech wäerten, wäert ech och dat heiten, de Budget 2025 fir den Office social och matstëmmen. Et ass sou, dass dat Soziaalt och fir mech eng grouss Valeur huet an datt een net ... datt ech fannen, datt een dat eeben net kann net ënnerstëtzen.

Ech wéilt awer dorop warnen, also an deem, an där Hisiicht warnen, datt mir schonn an eisem eegene Budget virgesinn haten, fir dëst Joer 90 Millioune Schold ze maachen. An datt sou Saache wéi déi heiten, déi Nouvellen hei vum Office social an déi exponentiell Zuelen – wann dat sou weidergeet, dann ass et iergendwann emol e Point de rupture, wou wäert kommen.

Ech wëll hei, wéi ech et schonn e puermol gemaach hunn, warnen iwwer déi budgetär Gesondheet vun Esch an, déi wou sech menger Meenung no ze vill schnell degradéiert a wou mer wäerte ganz schnell, spéitstens 2025 oder 2026, an Esch a Schwieregkeete wäerte geroden.

Ech hoffen, datt do Analyse gemaach ginn an Iwwerleeunge gemaach ginn, wéi op d'mannst, also d'Explosioun vun de Käschten an deem Sënn, och hei, wat den Office social ubelaangt, ka gestoppt ginn. Well sou weidergoe wéi elo, wéi bis elo, kann et net.

Wéi gesot, déi heite Saach wäert mer ënnerstëtzen, deen heite Budget vum Office social wäerte mer ënnerstëtzen, mee mer géifen awer gären der Gemeng un d'Häerz leeën, fir do ze kucken, fir eng Reduktioun ze erreechen. Op jiddefalls keng, kee méi Weidersou, wéi den Här Baum et och an deem Sënn souguer vu lénker Säit aus gesot ginn ass. Dat heescht, wann déi Lénk scho warne vun de Finanzen, dann, géif ech soen, muss een dat wierklech echt seriö huelen. Mir maachen dat selwecht. An ech hoffen, datt dann an Zukunft gëtt gekuckt gëtt, fir dat iergendwéi erëm an eng besser Richtung kënnen ze steieren. Ech soe Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech si mer net sécher, ob den Här Baum dat sou gemengt hat. Merci, Här Schmit.

*(Gelaachs)*
Ech gesinn, ech kucken eng Kéier an d'Ronn, ob nach een eppes wëll soen. Da ginn ech d'Wuert un den Här Cavaleiro.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci Iech alleguer fir Är Reaktiounen op déi Presentatioun.

Ech wëll vläicht fir d'éischt mol dem Här Faltz awer äntwerten. Ech schreiwe meng Riede selwer. Ech maache meng Interventioune selwer. Ech verbrénge ganz ganz vill Stonnen, fir meng Aarbecht ze preparéieren. A wann ee vill Stonne bei sou Saache verbréngt, kann emol heiansdo eppes och sou passéieren, datt ee Wuert, en depasséiert Wuert erabréngt.

Ech wëll kloerstellen, datt et hei ëm déi äermst Leit aus Esch geet, an net déi aarmséilegst. Dat wëll ech hei kloer betounen.

An et ass awer schued, datt Der Iech bei der zweeter Säit opgehalen hutt, nozelauschteren. Well et waren awer trotzdeem ganz vill Informatiounen, déi ech

Iech hei ginn hunn. An ech wär awer der Meenung gewiescht, datt dat e bësse méi Interessi bewisen hätt.

Bon, dat gesot, wëll ech vläicht och nach dem Här Baum och Merci soe fir seng Propos. Ech mengen, ech wëll ... déi Saach mat der Energie ass kloer, datt et och eng Suerg ass fir eis.

Ech mengen, dat sinn och Reflexiounen, wou mer an deene reegelméissegen Diskussioune féiere mam Office social, respektiv och mat eiser Coordination sociale. A mir wäerten dat sécherlech och am Zesummenhang mat der Sudstroum och diskutéieren a kucken, wat een do ka maachen.

Ech wëll awer just trotzdeem awer och nach soen, datt mer virun zwee Joer, dräi Joer och schonn d'Allocation de vie chère an deem Sënn och schonn ugepasst haten. Ech mengen, dat war den Ufank. Et muss ee kucken, a wéi eng Richtung datt mer ginn. An natierlech wäerte mer dat scho berücksichtege fir de Budget 2025.

Vläicht dem Här Schmit awer vergewësseren. Ech mengen, mir hunn eng Verantwortung, mir hunn eng kloer Verantwortung an deem do Sënn. Ech mengen, dat gesitt Der déi lescht Joren, datt mer do net an deene Beräicher reduzéiert hunn, ganz au contraire.

An als Stad Esch kucke mer scho kloer, datt dat, wat mer budgetiséieren, datt dat och am Ekiliber bleift. Ech mengen, et muss een iwwerall an enger Balance stoen, fir datt et herno och kloer duergeet. A mir wäerten op jidde Fall eis Verantwortung an deem Sënn net verfeelen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Cavaleiro. Kënne mer alles zesummen ofstëmmen? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 7.1. Convention relative au service Nightrider ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Konventiounen. Mer fänken u mat der Konventioun mam Service Nightrider. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn hei en, also de Kontrakt mat Sales-Lentz zur Diskussioun an zum Vott fir e Service, deen et eigentlech scho gëtt.

An ech mengen, déi scho méi laang hei sinn, déi wëssen dat. De Service Nightrider a mat

der NightCard erméiglecht et den Escher Biergerinnen a Bierger fir en, fir owes oder an der Nuecht den Auto doheem stoen ze loossen an eebe kënne relativ individuell ugepasst un de Besoin vum Client kënne sech ze deplacéieren, fir owes e schéine Moment mat senge Léifsten ze verbréngen.

De Service war bis elo organiséiert um Niveau vum ProSud fir all d'Gemengen, déi Member si fir de ProSud. Do ass aus reglementareschen Iwwerleeungen, notamment wat den Dateschutz betrëfft, decidéiert ginn, dass eng Konventioun mam ProSud net méi opportun ass an dass eeben dofir all d'Gemengen eenzel solle Konventiounen ofschléissen, fir dee Service ze assuréieren.

Dat maache mer heimadder. Fir d'Clienten ännert sech guer näischt. D'Benotzung bleift genausou wéi se ass. An et geet hei drëms, fir eigentlech eng Kontinuitéit vum Service ze assuréieren. D'Statistike leien am Dossier vir.

Ech weise vläicht op e klenge Feeler hin am schrëftlechen Dossier, deen d'Conseilleren an d'Conseillièren zougeschéckt kritt hunn. Am Artikel 6 vum Datum waren d'Datumen nach falsch. Dat ass awer korrigéiert am E-Conseil, sou dass do d'Delaien alleguerten elo richteg sinn. An dorop wollt ech hiweisen.

Ech bieden ëm Är Zoustëmmung. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Jo, merci, Här Sehovic, fir d'Explikatiounen. Ech hätt just eng Fro. Wou ech mer zum Schluss d'Grafiken ugekuckt hunn, wat d'Utilisatioun vum Nightrider ugeet, hunn ech awer, wann ech dat richteg interpretéieren, awer misse feststellen, datt eigentlech ëmmer manner Leit op de Service zeréckgegraff hunn, op jidde Fall an de leschten 3, 4 Joer.

Bon, méi rezent, oder méi laang virdrun, et si verschidde Gemengen och erausgeklommen. Dat erkläert warscheinlech och een Deel dovunner. Mee souguer duerno war et nach eng, war et relativ stabill an dunn ass et mat Covid awer relativ rapid erofgaangen, wat jo och verständlech ass. An do op deem niddregen Niveau ass et, gisséiert et am Moment e bësse viru sech hin.

Also, ech fannen, datt dat eng wonnerbar Initiativ ass, mee wollt einfach nofroen, ob Der dofir och Erklärungen hutt.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Sehovic.

Den Här Tonnar huet als éischt nach eng Fro.

**M. Jean Tonnar (LSAP)**

Jo, dat ass absolutt richteg. D'Iddi ass am Fong gutt, mee heiansdo huet een d'Gefill, d'Gemenge géifen do privat sponsoren. Och déi Navette, déi do duerch d'Uelzechtstrooss fiert, wou net gewollt ginn ass an aneren Uertschaften, déi hu mir da kritt.

Wann ee kuckt, et sinn ëmmer déi selwecht Entreprisen, déi do profitéiere vun der Escher Gemeng a vun anere Gemengen. Mee kuckt lech déi Zifferen un, a wat dat kascht fir déi puer Leit, déi dovunner profitéieren. Et misst een emol de Calcul maachen, wat dat do als individuell Faart wäert kaschten d'Gemeng.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Okee, wa soss kee méi aus dem Gemengerot eppes wëll soen, dann elo den Här Sehovic.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Effektiv, wann ee sech d'Statistiken ukuckt, da stellt ee fest, dass een an de Covid-Joren eng dramatesch Baisse hat. Och wann ech elo net de ganze Süde kucken, mee spezifesch just Esch.

Also ech mengen, de Conseiller Baum huet jo erkläert, dass effektiv eng Rei vu Gemengen iwwert d'Zäit erausgeklomme sinn aus dem Programm, sech anescht organiséiert hunn. Mee mir maachen effektiv de Constat, dass an de Joren 2020, 2021, an och 2022 e Stéck wäit schonn d'Zuele relativ erofgaange sinn.

Mee ech stellen awer och fest, wa mer d'Zuelen ukucken, dass ab 2023 erëm eng Reprise ze konstatéieren ass, déi um Niveau ass vun, wann ech elo d'Trajeten eleng kucken, eng Versechsfachung par rapport zu 2021, an ëmmer nach eng Verdräifachung par rapport zu 2022, wou mer zu Esch 200 Trajete ronn haten an 2023 hu mer der elo 600.

Dat heescht, ech mengen, dass eng vun den Erklärungen de Covid ass. Ech hu viru Kuerzem en interessanten Artikel gelies, deen och konstatéiert, dass eigentlech déi ganz Party-Kultur an der Suite amgaangen ass, ze änneren. An och déi Clubing-Kultur net méi genau d'selwecht ass wéi virdrun. Och dat kann en Deel vun der Erklärung sinn.

En Deel vun der Erklärung ass awer ganz sécher och, dass d'Offer evoluéiert huet. Hei hu mer jo e Service, den Nightrider, deen awer net déi eenzeg Offer ass, déi d'Stad Esch senge Biergerinnen a Bierger mécht, fir owes eebe kënnen a Sécherheet sech ze deplacéieren.

Mir hunn agefouert jo och de Late-Night-Bus, dee freides a samschdes fiert. Eng komplementär Offer iwweregens vun engem, vun enger anerer Entreprise ugebueden, déi eebe vläicht en Deel vun där, vun deem, vun där Demande, déi et fréier beim Nightrider, bei dee Service einfach elo eriwwer migréiert huet op den anere Service.

Ech wëll an deem Kontext och drop hiweisen, dass mer am Moment zesumme mat der Gemeng Schëffleng amgaange sinn, de Service vum Late-Night-Bus, dee bis elo e reng Escher Service war, ze kucken, ob mer dee kënne weider verstäerken um Niveau vun der Taktung vun deene Late-Night-Bussen, déi mer ubidden.

An och eventuell um Niveau vun den Trajeten eventuell zesummen eppes maachen, wou mer och déi Schëfflenger kënne mat an d'Boot huelen. Déi Diskussioune lafen, soudass mer do wierklech kontinuéierlech dru schaffen, fir déi Offer besser ze maachen.

Par rapport zum Käschtepunkt. Eis war wichteg, e Service ze garantéieren elo, mat enger verännerender kontraktueller Situatioun. Mir wäerten Evaluatioune maachen a kucken, wéi mer weiderfueren. Mee mer wollten elo à l'immédiat sécherstellen, dass dee Service oprecht erhale bleift, en absence eebe vum ProSud, deen dat assuréiert.

Ech wëll awer och soen, dass de Schäfferot bei deenen Investitiounen natierlech op de Käschtepunkt kuckt, mee se als Service public consideréiert, an dass mer eigentlech léiwer hunn, all Mënsch, deen, wann en e Patt gedronk huet, an en Nightrider oder an e Late-Night-Bus klëmmt an net a säin eegenen Auto. An an deem Sënn loosse mer eis déi Offer och gären eppes kaschten.

Wéi gesot, um Niveau vun den Entreprisen a sou weider hu mer eng gewëssen ... et ass net ganz richteg, dass et ëmmer déi selwecht sinn. Mir hunn do verschidde Prestatairen. Mir maache verschidde Saache mam TICE, mir maache verschidde Saache mat aneren Entreprisen.

Voilà. Ech bieden ëm Zoustëmmung.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

De Late-Night-Bus ass z.B. en anere Prestataire. An de Schoulservice, dee benotzt och ëmmer oft en anere Prestataire. Also, mir sinn net just bei engem.

Ginn et soss nach Froen? Nee, mir kënnen ofstëmmen. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 7.3. Convention relative au Club Senior / Club Aktiv Plus appelé « Mosaïque Club » pour l'exercice 2024 ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Konventioun fir de Club Mosaïque, de Seniorsclub. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Et ass eng Konventioun, déi mer alljoers hei leien hunn.

Dat hei ass d'Konventioun vun 2024. Firwat vun 2024? Et ass effektiv sou, dass de Ministère se net wollt erausginn, well d'Budgetsdiskussiounen national gesinn nach net ofgeschloss waren. An déi si relativ méi spéit komm. Ech mengen, d'Budgetsdiskussiounen, déi an der Chamber gefouert gi sinn, ware méi spéit drun. Dofir hu mer dann eigentlech elo d'Konventioun kritt.

U sech bei de Conditions générales, do wäert sech näischt changéieren, ausser dass d'Definitioun eng aner ginn ass. Se heescht Club Senior, an entre-temps kann ee se och « Club Aktiv Plus » nennen.

Eis Participatioun bleift nach wie vor bei 13 % vun deene Suen, déi eligibel sinn. An domadder, mengen ech, wier alles gesot. D'Aktivitéite bleiwen déi selwecht.

Ech wëll dorop opmierksam maachen, dass mer ëmmer eng Brochure vum Club Mosaïque kritt hunn, déi am klenge Format war. Entre-temps hu mer dat op DinA4 erausginn, well et och e grousse Succès ass. Ech mengen, dat gesäit een och opgrond vun de Leit, déi sech elo mellen, fir matzemaachen, dass déi dat emol liesbar kënne kréien an deementspriechend och méi aktivéiert sinn. An an deem Sënn, mengen ech, ass alles gesot. Ech géif lech dann och bieden, fir dës Konventioun fir dëst Joer matzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wuertmeldungen heizou? Den Här Tonnar huet d'Wuert.

**M. Jean Tonnar (LSAP)**

Ech hunn eng prinzipiell Remark.

Ech liesen, dass déi Saach schonn den 1. Januar ugelaf ass. Wa mer dann elo Nee stëmmen, wat geschitt dann? Wier et net méiglech, dass mer déi Saachen all emol ugangs des Joers oder Enn dem Joer virdrun an de Gemengerot kréichen?

Well et kënnt ee sech e bëssen domm vir, hei Saachen ze stëmmen, déi elo iwwer zéng Méint schonn en vigueur sinn, a warscheinlech gutt klappen. Ech weess et net. Mee trotzdeem wier et awer vläicht fir de Gemengerot e bësse méi respektabel, wann een dat hätt, wann d'Joer ufänkt oder éier d'Konventioun ufänkt.

Iwwerleet Iech dat.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, Är Remark ass pertinent. Et ass awer u sech sou, dass et eng Plattform gëtt, wou mer eis zwee Mol am Joer gesinn, wou de Ministère zesummen ass, Doheem versuergt vun der Croix-Rouge an eis Gemeng och. An da versiche mer ëmmer, op en Nenner ze kommen. Et ass awer elo sou gesinn, dass verschidde Saachen eeben net konnte kloergestallt ginn, eeben aus budgetären Ursaachen, déi domadder verbonne sinn. An dat ass eigentlech d'Ursaach, firwat dass ee sou spéit ass.

Ech ka mer och virstellen, et ass kee frou doriwwer, wann en um Enn vum Joer eng Konventioun kritt, déi 2024 eigentlech sollt schonn of ... also déi einfach weidergefouert gëtt. Mee, wéi gesot, mir versichen, eis dann doranner ze verbesseren. Wann de Ministère mathëlleft.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Zwally.

Ech rappelléieren awer ... et gëtt och aner Erklärungen. Mir hunn och aner Konventiounen dëst Joer, notamment déi mam Staat, wou relativ spéit gestëmmt goufen, wat awer net un eis läit, mee dat läit z.B. dorunner, dass och de Staatsbudget ... d'lescht Joer ware Chamberwalen, dowéinst ass de Staatsbudget och eréischt am Laf vun dësem Joer gestëmmt ginn.

An dat huet dann en Effet natierlech op d'Konventiounen, déi de Staat mat eis kann ofschléissen. Dat ass eng Erklärung am ganze Land ginn da sou Konventiounen eebe mat Retard gestëmmt.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 7.4. Convention avec le Syndicat d'Initiative d'Esch-sur-Alzette ; avenant ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

D'Konventioun mam Syndicat d'Initiative, den Här Knaff huet d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Jo, mir haten déi Konventioun schonn am leschte Gemengerot. Do si vun der Oppositioun, méi prezis vum Här Funck, e puer Modifikatiounsvirschléi komm. An déi hu mer du wouergeholl. D'Konventioun ass duerno nach eng Kéier duerch d'Commission juridique gaangen.

Et geet, wéi gesot, à la base drëm, datt d'Sue fir de Syndicat anescht ausbezuelt sinn. Dat heescht, méi an der éischter Hallschent vum Joer an e bësse manner an der zweeter Hallschent vum Joer, well do, wéi gesot, hir, d'Aktivitéite méi am éischten Deel vum Joer leien.

Mir hunn do awer nach eng Rei Saache changéiert, notamment wat d'Terminologie ugeet, fir eng, en Imperatif am Fong duerchzestellen. Datt de Syndicat „doit communiquer le budget définitif" et „la subvention annuelle doit être utilisée à des fins auxquelles elle a été accordée". „La Ville procède à un contrôle"dass dat och eng Obligatioun ass.

An, wéi gesot, soss ass näischt changéiert un der Convention de base, déi 2013 ausgeschafft ginn ass a gestëmmt ginn ass.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 7.5. Contrat « Attract'Esch » ; avenant ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

De Contrat « Attract'Esch », den Här Knaff huet d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Hei geet et ëm eng kleng Verlängerung vun deem, vun där Enquête d'attractivité résidentielle, déi mer beim LISER an Optrag ginn hunn.

Wat war den Ausschlageeber, fir déi Enquête an Optrag ze ginn? Dat war den, ware Resultater, déi beim Observatoire social erauskomm sinn, datt vun deenen 28.000 Aarbechtsplazen, déi zu Esch utiliséiert ginn,

an awer nëmmen am Fong zu 13 % vun Escher Residenten utiliséiert ginn.

An de But vun der, vun där Enquête, déi beim LISER ugefrot ginn ass, war, wéi gesot, d'Question d'attractivité résidentielle des salariés travaillant à Esch-sur-Alzette.

Déi Enquête, déi de LISER gemaach huet, ass elo ofgeschloss. Et mussen elo nach déi Donnéeën, déi se encodéiert hunn, mussen och nach etudiéiert ginn an ausgewäert ginn. Dat wäert nach dauere bis Mäerz 2025, an dofir froe mer, datt déi Konventioun bis Mäerz 2025 verlängert gëtt.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et Froen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 7.6. Contrat de bail relatif au Pavillon P3 sis à la Place de la Résistance ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Contrat de bail fir de Pavillon P3, den Här Knaff behält d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. D'Gemeng ass Proprietär vun engem Pavillon Nummer 3 op der Place de la Résistance. Se ass och Proprietär vun engem Lokal um drëtte Stack vum Theater.

Déi zwee Lokaler waren zesummen un en Exploitant verlount ginn, dat awer net zur Satisfaktioun vum, vun der Gemeng a vun Esch, well deen, dat Lokal um drëtte Stack, wat fréier Gino's geheescht huet, well dat awer also vum Locataire net sou exploitéiert ginn ass, wéi déi Escher a surtout och d'Besicher vum Theater sech dat hätte kënne virstellen.

Mir haten e puer Kontakter mat dem fréiere Bedreiwer. Do war awer keng, keen Accord ze fannen. Wann dat Lokal am Pavillon 3 se interesséiert huet, sou huet den Gino's se uewen net interesséiert. An dofir hu mer dee Kontrakt net verlängert a mir hunn deen auslafe gelooss.

Dee Kontrakt, den ale Kontrakt ass elo de 15. Abrëll ausgelaf. Mir hunn dunn en Appel d'offre gemaach op Basis vun engem Cahier des charges, fir eng kleng Restauratioun ze starten. Dësen Appell gouf den 1. Mäerz 2024 veräffentlecht a war bis de 7. Abrëll 2024 op bliwwen.

Et hate véier Kandidaten en Dossier eragescheckt. Déi Dossiere goufen alleguer vum Departement vun den Affaires

économiques entgéintgeholl an analyséiert. Et ass do festgestallt ginn, datt zwee vun den Dossieren net recevabel waren, well de Kandidat net wollt säi Lokal owes oploossen. Dat war awer fir de Service an och fir de Schäfferot eng Condition indispensable, datt dat Lokal och owes op wär, fir justement ze evitéieren, datt mer zu Esch, wéi gesot ... oder fir et besser gesot ze promouvéieren, datt mer zu Esch nach eng gewëss Nuetsaktivitéit och hunn.

En anert Konzept, dat war vun der Viabilitéit hier dem Service net ugepasst genuch. Dat war eng Persoun, déi wollt indesch Kichen ubidden a se wollt awer do donieft och nach Pizza verkafen, se wollt och nach lëtzebuergesch Spezialitéiten ubidden. Nujee, voilà, wann een e bëssen d'Emissioune vum Stefan Raach, der Restauranttester gekuckt huet, da war dat dat éischt, wat ee gesot kritt huet, dat si Saachen, déi kee richtegt Konzept hätten, datt déi net géife goen.

Dofir krute mer proposéiert, wéi gesot, deen, den anere Kandidat unzehuelen, dee soss all d'recevabel Konditiounen erfëllt huet. Dat ass d'Enseigne NobiNobi déi japanesche Streetfood proposéiert. Dee Kontrakt, deen ass, wéi gesot, eis proposéiert gi vum Projet, pardon, vun der Promotion économique. En ass dunn och vum Schäfferot sou guttgeheescht ginn.

An ech géif Iech bieden, elo de Contrat de bail par rapport zu deem Lokal ze adoptéieren. De Contrat de bail ass den normale Contrat de bail, wéi mer se Standard hu fir d'Locatioun vun deene Bienen, déi der Gemeng gehéieren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et Wuertmeldungen heizou? Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Jo, ech stëmmen dat hei, mir stëmmen dat hei och mat. Wuelwëssend, datt et déi zweetbescht Léisung ass.

Déi bescht kennt Der: sprengen.

*(Gelaachs)*

Mee bon, wann Der et net sprengt, dann ass dat zweet, dann ass dat zweet deen heie seriöe Restaurateur dran ze setzen, deen och e Konzept huet, och e Konzept huet, wat, mengen ech, dra passt, wat et och an där Form am Zentrum sou net gëtt.

Wéi gesot, déi zweetbescht Solutioun ënnerstëtze mer dann och. Mee virun allem ënnerstëtze mer och dat, wat den Här Knaff am Ufank gesot huet, nämlech datt ee kuckt, fir den eemolegen Ubu, duerno Gino's, fir do eng aner, fir do eng eegen Escher Solutioun ze fannen, fir datt d'Leit, déi an den Theater ginn, och duerno d'Méiglechkeet hunn, nach e bëssen am Theater ze bleiwen, eventuell och eng Renconter mat Artisten ze hunn.

A fir och do deen Deel, deen Espace, deen e wonnerschéinen ass, mat enger och wonnerschéiner Vue, fir deen zougänglech ze maachen, och nach vläicht engem méi grousse Public zougänglech ze maachen an do och Aktivitéiten, eventuell Klengkonschtaktivitéiten do ze maachen an domadder och d'Ugebuet vum Escher Theater ze erweideren. Dat ass, mengen ech, de richtege Wee, an och deen ënnerstëtze mer. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Dann au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 7.7 Contrat de service avec l'Université du Luxembourg concernant le Plan Communal Jeunesse ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An ofschléissend eise Jugendschäffen, den Här Cavaleiro.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech si frou, Iech dëse Contrat de service mat der Uni Lëtzebuerg haut hei kënnen ze presentéieren, fir e wichtege Schratt a Richtung Zukunft vun der jonker Generatioun zu Esch ze setzen.

Haut presentéieren ech Iech offiziell de Contrat de service mat der Uni Lëtzebuerg, deen eng zentral Roll an der Entwécklung vun eisem neie Plan communal Jeunesse wäert spillen. Dësen neie Plang huet als Zil, d'Liewenskonditioune vun eise Jonken ze verbesseren an hir Stëmm méi staark an d'Kommunalpolitik anzehalen.

Fir d'éischt emol loosst mech kuerz zeréckblécken. D'Politik fir d'Jugend huet zu Esch ëmmer eng wichteg Plaz gehat. Schonns 2008 hate mir de Plan communal Jeunesse fir d'éischt Kéier ëmgesat, deen et erméiglecht huet, spezifesch Moossname fir d'Besoine vun de Jonken an eiser Stad ze definéieren.

Zanterhier hu mir vill geléiert a weiderentwéckelt, a mir sinn eis bewosst, dass d'Zäit, d'Erwaardunge vun de Jonke sech weider geännert hunn. Haut mat der Ënnerstëtzung vun der Université du Luxembourg, a virun allem vun hirem Center for Childhood and Youth Research starte mir eng nei Etüd, déi eis erlaabt, déi aktuell Realitéiten a Suerge vun der jonker Generatioun zu Esch nach méi grëndlech ze erfuerschen.

Dësen neie Kontrakt mat der Uni Lëtzebuerg ass weesentlech, well hien net qualitativ héichwäerteg Fuerschung garantéiert, mee och d'Participatioun vun de Jonke selwer an de Mëttelpunkt stellt. Mir wëlle verstoen, wéi d'Jonker, déi hei liewen, schaffen, studéieren oder hir Fräizäit verbréngen, eis Stad erliewen. Wéi gesi si hir Plaz zu Esch? Wat sinn hir Uleies a wéi kënne mir als Stad hinnen hëllefen, sech nach besser ze entwéckelen?

D'Erausfuerderunge sinn immens divers. Et geet net nëmmen drëms, ze kucken, wéi se hir Fräizäit verbréngen oder wéi si sozial verbonne sinn, mee och hir Zougänglechkeet zur Ausbildung, Aarbecht a Wunnen ze verstoen.

Mir wëllen erausfannen, wéi eis Infrastrukturen, eis Servicer an eis Hëllefsangeboter nach méi no un de relle vun de Jonke kënnen upassen.

De Plan communal Jeunesse ass net just e politescht Dokument, et ass e Liewensplang fir déi kommend Generatioun. An dat erfuerdert eng grondleedend Analys vu ville wichtege Punkten. Zum Beispill wéi kënnen eis jonk Leit mat den digitale Verännerungen ëmgoen, wéi reagéiere si op déi ëmmer méi grouss Digitaliséierung vun hirem Alldag. Oder, wéi kënne mir hinnen an der Orientéierung hëllefen, wann et ëm Berufswale geet, de Wee an d'Aarbechtswelt oder d'Bildung.

Och Froen iwwer de Logement an déi generell Liewenskonditioune wäerten eng wichteg Plaz an dësem Plang hunn.

De Projet, deen iwwer zwee Joer leeft, geet, gëtt vun engem Team vum Center for Childhood an Youth Research duerchgefouert a wäert en ëmfaassend Bild vun der Jugend zu Esch zeechnen. Et handelt sech hei ëm e Projet vu grousser Wichegkeet, net nëmme fir déi Jonk selwer, mee och fir eis als Stad, déi deementspriechend Moossname wäert aus dëser Etüd zéien.

Mat engem Budget vun insgesamt 263.000 € ginn d'Käschte fir déi wëssenschaftlech Fuerschung ofdeckt, wëlle mir sécherstellen, dass mir e fundamentale Schrëtt an déi richteg Richtung maachen. Besonnesch wichteg ass och, dass dës Fuerschung op methodesch solidem Fouss steet, stécht.

Mir schwätzen hei vun enger Mixed-Methods-Approche. Dat heescht, mir verbonne qualitativ a quantitativ Analysen, fir e ganzt Bild vun de Bedierfnesser an de Liewensrealitéite vun eise Jonken ze kréien. Duerch Interviewen, Gruppendiskussiounen, souwéi ethnografesch Observatioune gi mir direkt op d'Jonk wou, zou an analyséiere mat hinnen zesummen, wat hir gréisst Uleies sinn.

Eis Ziler si kloer: Mir wëllen d'Verständnis vun der Stad iwwer déi nächst Generatioun verbesseren a baséiert dorop dann och Politik an Aktiounen ausriichten, déi d'Wuel vun de Jonke staark fërderen.

Och wäert d'Etüd net nëmmen och d'Bestëmme vun der Stad bleiwen, mee wäert sech un den europäeschen an internationale Standarde vun der Jugendfuerschung orientéieren. Mir wëllen domat eppes opbauen, wat net nëmme fir Esch, mee och fir aner Gemengen am Land als Beispill dénge kéint.

Ech wëll der Uni Lëtzebuerg an dem ganze Fuerschungsteam villmools Merci soe fir hir Bereetschaft. Ech mengen, déi waren nach net méi spéit wéi d'lescht Woch nach an der Jugendkommissioun, fir de Projet nach eng Kéier ze erklären an op Froen anzegoen, wou déi eenzel Membere vun der Kommissioun haten. An ech mengen, sou wäit ech dat och konnt suivéieren, goufen all d'Froen och geäntwert.

Mir gleewen als, all fest drun, dass dëst den entscheedende Schrëtt ass, fir déi Jonk nach besser ze ënnerstëtzen a fir Esch als eng Stad vun Zukunft fir all d'Generatiounen opzestellen.

Ech soen lech Merci an, wéi gesot, ech hoffen, ech freeë mech op déi nächst Schrëtt an dësem wichtege Prozess.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Cavaleiro. Gëtt et Wuert-meldungen? Madamm Agovic.

**Mme Enesa Agovic (LSAP)**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Merci, Här Cavaleiro, fir dës Erklärungen.

Ech sinn elo e bëssen iwwerrascht, dass Dir sou vill Punkten hei virgestallt hutt,

déi sollen ënnersicht ginn an ... jo. Dat ass nämlech e bëssen opbliwwe bei der leschter Jugendkommissioun.

Am leschte Gemengerot hate mir jo och ugefrot, fir dëse Punkt vum Ordre du jour erofzehuelen, well eeben nach vill Froen op wieren an d'Etüd eeben och guer net presentéiert gouf an der Kommissioun. Dat ass dann och geschitt. D'Etüd ass dann och effektiv vun zwee Fuerscher virgestallt ginn – kuerz.

Mir haten och als Memberen, d'Méiglechkeet, eis Froen, déi mer haten, am Viraus eranzeschécken, fir dass d'Fuerscher sech kéinten drop virbereeden an dass mir effektiv all eis Äntwerte kréien.

Wat an der Theorie ganz gutt kléngt, war an der Praxis awer leider net esou erfollegeräich; och wann et am Rapport vun der Jugendkommissioun e bëssen anescht kléngt.

Zefridde mat den Äntwerte ware mir nämlech net. Virun allem awer och, well mir net vill Äntwerte kruten. Zwou Säite Froen hu mir erageschéckt; déi wéinegst Froe goufe beäntwert.

D'Fuerscher hunn dann ëmmer versicht, eis och ze soen, dat géif un hirem oppenen Usaz vun der Etüd leien – si nennen dat dann e Processus de recherche ouvert – an datt vill Froe sech eréischt géifen en cours de route vun der Etüd beäntwerte loossen.

Eng weider Erklärung war och, datt d'Chercheueren ëmmer erëm op dee Comité de pilotage verwisen hunn. An do sinn da bei eis weider Froen opkomm, z.B. wien ass iwwerhaapt an deem Kommitee, wéi fënnt dësen Austausch an deem Kommitee statt. Mat der Uni, mat der Kommissioun eventuell? Dat sinn alles Froen, wou net beäntwert konnte ginn.

An, jo mir kënnen och ganz gären eis Säite voll mat Froen un dëse Kommitee eraschécken. Mir misste just wëssen, u wien et adresséieren.

Dat heescht, zesummegefaasst weess een also nach net genau, wat ënnersicht gëtt mat deem oppenen Usaz vun der Etüd, mee et bezilt een awer – bon, ech nennen elo de Betrag mat der TVA – 300.000 € dofir.

Am Kontrakt steet dann och nach, datt dëse Montant wuesse kann. Mir hunn d'Uni dann och dorop uge ... also gefrot, inwiefern, firwat. An du sote si: Nee, nee, dat wäert scho sou bleiwen. Mee si wëllen de Kontrakt awer net änneren. Dat heescht, Dir ënnerschreift awer e Kontrakt, wou drasteet, schwaarz op wäiss, et kéint nach méi deier ginn.

Deen oppenen Usaz vun dëser Etüd ass natierlech och e Choix vun de Wëssenschaftler, vun de Fuerscher, mee wann ee sech d'Etüd méi genau ukuckt, da muss ee sech awer eng Fro wierklech stellen. An zwar: Wat ass d'Plus-value vun dëser Etüd fir Esch, a virun allem fir déi Escher Jugendlech?

Wat gewosst ass, dass d'Etüd d'Situatioun vun der Jugend hei an Esch am Fokus huet. Dir hutt vill Theeme scho genannt, wéi z.B. d'Aarbecht, de Logement, d'Gesondheet, Fräizäit asw. Dat sinn alles absolutt wichteg Theemen, jo, mee d'Etüd soll zwee Joer daueren, wat awer wierklech laang ass fir sou wichteg a virun allem och dréngend Theemen.

An der Presentatioun vun der Etüd ass och ganz kloer gesot ginn, datt dës Etüd nëmmen eng Bestandsopnam vun der Situatioun vun de Jugendlechen hei zu Esch ass a keng Léisungsusätz bitt. Also verléiert ee fir d'éischt zwee Joer, fir d'Etüd ze maachen, da wäert dës Bestandsopnam bestëmmt erëm vun lech analyséiert ginn – warscheinlech erëm mat enger Etüd –, fir dann eréischt e Plan communal Jeunesse auszeschaffen.

Wann dee Plang da bis steet, da sinn déi Jugendlech, déi bei der Etüd hei matgemaach hunn, am Fong schonn an enger ganz anerer Phas an hirem Liewen an hunn am Fong net vill dovunner. Déi eng schaffen da scho vläicht, hu ganz aner Prioritéiten, asw.

A wa mir scho vun de Jugendleche schwätzen. Dir, Här Cavaleiro, hutt jo gesot, d'Participatioun vun de Jonken, vun de Jonker géif hei am Mëttelpunkt stoen. Ech sinn elo e bëssen iwwerrascht. Et sollen nämlech Interviewe mat zéng Jugendleche gemaach ginn. Mir hunn nämlech nach eng Kéier nogefrot, ob et wierklech just zéng Jugendlecher sinn – an déi Fro krute mer beäntwert an der Jugendkommissioun. Jo, zéng Jugendlecher.

An dann och nach „de certains quartiers". Mol net zwéngend aus all Quartier hei an Esch. Esch huet 15 Quartieren, an et ass mol net sécher, datt déi interviewt Jugendlech iwwerhaapt vun Esch sinn. Et kënnen nämlech och Jugendlecher bei der Etüd matmaachen, déi sech nëmmen hei zu Esch ophalen.

Wéi kënnen dann zéng Jugendlecher hei iwwerhaapt representativ fir ganz, fir déi ganz Escher Jugend sinn? Ginn do dann och sozial, kulturell, sozio-ekonomesch Diversitéiten iwwerhaapt berücksichtegt?

Ausserdeem ass d'Alterskategorie vun de Jugendleche bei der Etüd och ganz ganz breet gefächert: vun 12 bis 29 Joer. Mee e 14-Järegen aus dem Brill huet ganz aner Prioritéite wéi e 25-Järegen, deen um Belval schafft zum Beispill.

D'Uni huet zwar och erkläert, datt si sech ganz bewosst fir dësen, fir dës qualitativ Approche entscheet huet, mee eng quantitativ wär an eisen Ae besser a géif och déi aktuell Problemer vun der Escher Jugend méi an de Vierdergrond setzen.

Duerch sou eng quantitativ Approche géif een zumindest erkennen, wat deene meeschte Jugendlechen am Moment am wichtegsten ass, a mat sou enger Gewiichtung kéint een da geziilt un de verschiddene Besoine vun de Jugendlechen direkt schaffen.

Mee wa mir eis all éierlech sinn, kenne mir am Fong, oder mir wëssen, wou déi Besoine vun de Jugendlecher sinn. Zum Beispill, wou si sech am léifste géifen hei zu Esch an hirer Fräizäit ophalen, d'Aarbecht natierlech, de Logement – Stéchwuert also do d'Suergekand. Hir mental Gesondheet och, e Besoin vun de Jugendlechen.

A mir hu jo och hei zu Esch Leit, déi sech mat dësen Theemen auskennen a beschäftegen. Nieft de Jugendaarbechter huet Esch och Streetworker, d'Jugendhaus, de Jugendinfopunkt, Educateuren an och Enseignanten, déi reegelméisseg mat de Jugendlechen iwwer hir Problemer a Wënsch schwätzen.

A genau dës Escher Experte solle fir dës Etüd dann och interviewt ginn, well si – an ech zitéieren – „connaissent les jeunes et leurs situations de vie". Mee dann hu mir jo scho Leit, déi sech an deem Beräich vun der Escher Jugend auskennen.

Wisou iwwerspréngt d'Gemeng dann hir eegen Experten, déi deelweis souguer fir d'Gemeng schaffen a bezilt anerer zousätzlech, déi sech net mat der Situatioun vun de Jugendlechen hei zu Esch auskennen? Mir hunn d'Infoe jo schonn. Mir kéinte se am Fong just siche goen an da géif dat alles vill méi kuerz daueren, an d'Jugend vun haut hätt dann och eppes fir, dovun.

Dat heescht, d'Escher Gemeng huet scho vill Uspriechstelle fir d'Jugendlech a kéint a misst déi och fir hir Jugendpolitik méi eescht huelen. Si sinn d'Experten, si hunn och de

Kontakt mat ville Jugendlechen, si kennen hir Besoinen.

A sou eng Zesummenaarbecht tëscht all deenen Acteure géif de Jugendlechen natierlech vill méi brénge wéi eng Etüd, déi am Moment nach keng konkreet wëssenschaftlech Froen opgestallt huet, wat analyséiert soll ginn, an zwee Joer just eng Bestandsopnam virweist, keng Léisungsusätz liwwert a méi wéi 300.000 € kascht.

Ech wéilt hei zum Schluss just nach eng Kéier betounen, datt mir kengesfalls d'Aarbecht an d'Kompetenz vun de Fuerscher vun der Uni. lu a Fro stellen, mee als Oppositiounspolitiker stelle mir eis hei wierklech nach ganz Froen zu der Etüd, déi opbliwwe sinn.

A bei sou engem Betrag, deen Dir bezuele wëllt, sidd Dir net nëmmen eis, mee virun allem den Escher Jugendleche konkreet Äntwerte schëlleg. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Agovic. Den Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. D'Madamm Agovic huet eigentlech dat op eng magistral Aart a Weis duergeluecht, wat och meng, oder wat eis Bedenke sinn.

Et ass effektiv esou, datt och eise Vertrieder an der Kommissioun op sengem Honger sëtze bliwwen ass, wat Froe waren, déi mer am Virfeld eraginn hunn an op wou wierklech effektiv déi mannst eng Äntwert komm ass, déi an iergendenger Form hätt kënnen, hätt kënnen zefriddestellen.

Dir wësst, ech si jo e Fan dovunner, fir effektiv Etüden ze maachen a Saachen ze verstoen. Ech hunn awer mat dëser, mat dësem Projet wierklech e Problem, well ech d'Methodologie unzweifelen. Ech zweifelen effektiv un, datt ee mat enger qualitativer, oppener Approche zu deem Resultat ka kommen, wat ee wëll. Nämlech eng Bestandsopnam ze maachen.

Qualitativ Approchë mat Interviewe mécht Sënn, wann een d'Feld immens ageschränkt huet. Et kann ee qualitativ Analyse maachen – Sujet Schoulofbriecher – an do iwwer Interviewe Saachen erausfannen a Konklusiounen zéien.

Et kann een, ech soen elo, Santé mentale bei Kanner, déi an der Primärschoul waren an den Iwwergang an de Lycée maachen, qualitativ Approchen, wann et relativ kloer ageschränkt ass. An ech mengen, datt dat och a sou Beräicher wäertvoll a sënnvoll ass.

Wann awer de Scope sou enorm ass, fäerten ech, datt do wierklech net vill Intelligentes kann erauskommen, virun allem well alles gekuckt gëtt. Also, Leit, déi liewen, schaffen, studéieren oder Esch frequentéieren. Also dat heescht, se musse mol net Escher sinn. Dat heescht, dat ass sou zimmlech alles.

Zéng qualitativ Interviewen ze maachen. Dat ass random, dat ass, dat huet bal eppes Willkürleches, wou ech net, wou ech wierklech d'Plus-value net verstinn. Virun allem, well jo awer och de viregte Schäfferot scho sou Enquêtë gemeet huet.

A wat ech mer elo nach hätt kënne virstellen, ass, datt opgrond vun deenen Enquêten, déi gemeet gi sinn, datt ee seet, mir beoptragen d'Uni, eppes spezifesch ze kucken an do effektiv mat enger oppener qualitativer Approche virzegoen.

Dat ass awer net geschitt an da spillt effektiv déi Fro, déi d'Madamm Agovic och opmécht.

Et ass e ganz laangen Zäitraum, et sinn zwee Joer, wou déi Etüd gemeet gëtt. Da kënnt dann iergendeppes eraus, dat soll dann an e Plan communal iergendwann eng Kéier afléissen, dee jo dann och nach eng Kéier misst, misst opgeschafft ginn.

Soudatt ech effektiv och mech wierklech an dësem Fall schwéierdinn, iwwer 300.000 €, deemno wéi souguer nach méi, hei einfach eng Carte blanche ze gi fir e Projet, dee sou laang an der Zäit gestreckt ass, deem seng Finalitéit mir net ganz kloer ass a wou ech effektiv mengen, datt een anescht vläicht méi séier kéint virukomme wéi op déi doten Aart a Weis. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. D'Madamm Weyrich.

**Mme Joy Weyrich (CSV)**

Merci. Léif alleguerten, et sinn zwee Aspekter, op déi ech nach kuerz opmierksam maache wollt.

An zwar, éischtens emol ass et sou, dass mir eng Uni-Stad sinn. Dat heescht, et ass net nëmme wichteg, fir eis kulturell a wëssenschaftlech Prägung vun Esch, mee et erméiglecht eis och eng Chance, déi mer hei an der spezieller Situatioun hunn.

Mir kënnen duerch déi Kooperatiounen – a wa mer se net wouerhuelen, ass et e bëssen traureg – hei och d'Entwécklung an d'Politik vun eiser Stad matfërderen. A firwat net op déi Moyenen zeréckgräifen, wa mer se grad virun der Dier hunn. Dat heescht, se ignoréiere geet jo net.

An dann deen anere wichtegsten Aspekt ass, dass et eeben och dorëms geet, dass den Ëmgang, d'Zesummeschaffe mat der Jugend op der Basis vu wëssenschaftlech fundéierten Daten definitiv e wichtegen Aspekt fir eis Zukunft duerstellt. An ech soen domadder mat Bedacht, een Aspekt.

Well d'wëssenschaftlecht Schaffen, do kennen ech mech e bëssen aus, huet hei wierklech hir Nodeeler. Dat ass d'Zäit – Dir hutt vollkomme Recht. Sou eng Studie, déi zwee Joer dauert, dat ass leider dat, wat awer an all de Fachberäicher sou ass.

An dat anert – do hutt Der och komplett Recht –, dat sinn ëmmer d'Kritikpunkte bei all de wëssenschaftleche Studien ass d'Methodologie. Dat heescht, wéi siche mer deen Nombre N eraus, wéi vill Kanner, vu wat fir engem Alter, wat fir engem Quartier. Mee dat ass d'Aufgab halt vun de Fuerscher, an et ass d'Aufgab vun den Unien, dass déi Studien duerno wëssenschaftlech fundéiert, wëssenschaftlech qualitativ och héichwäerteg sinn.

Wichteg war just ee Punkt, op deen ech wollt agoen, ass, dass déi gefillt Wourechten, déi mer natierlech och an de Stroossen héieren, net ëmmer ganz genau dat sinn, wat der Realitéit entsprécht. An do wollt kuerz op déi Studie do hiweisen, déi d'lescht Woch erauskomm ass, déi 17. Shell-Studie, déi an Däitschland souzesoen do och vun de Kanner ënnersicht huet tëschent 12 a 25 Joer.

Dat ass eng Studie, déi gëtt et zënter 1953. Déi gëtt, all zwee Joer gëtt déi duerchgefouert. An do geet et dorëms, hautzudaags an de Medien an an der Ëffentlechkeet mengt jo jiddereen, eis Jugend wier méi pessimistesch, virun allem säit Covid, dass mer, dass déi Jugendlech méi extreemistesch géife wielen an och dass se d'Vertrauen an de Staat an an d'Gesellschaft verluer hätten.

Déi Studie huet gutt gewisen, dass dat iwwerhaapt guer net stëmmt. Also natierlech

hu si Suergen an Ängscht fir d'Politik, d'Gesellschaft an d'Ëmwelt a si gesinn och Handlungsbedarf, mee et kann een net vun enger genereller Saach ausgoen, just well een dat dobaussen héiert oder nëmme well dat d'Medien op den éischte Bléck sou virverurteelen.

Dat heescht, et ass wichteg, dass mer deen Aspekt vun der Wëssenschaftlechkeet mat eran huelen an dat als, dozou bäifügen. Dat heescht, dass mer objektiv nolauschteren, an dozou gehéiert leider d'Wëssenschaft dozou, an eis net nëmmen op Meenungen an d'Virurteeler baséieren. Merci.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Très bien!

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Weyrich. An ofschléissend den Här Schmit.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Jo, et ass am Fong geholl schonn dat meescht zu deem Punkt hei gesot ginn. D'Oppositiounsparteie fannen, fannen ech, hunn, d'Sozialisten an och den Här Baum, hunn am Fong geholl déi Haaptpunkten hei ervirgestrach, déi wou och mech am Fong geholl beréieren.

Et ass wouer, dass ech et jo schonn x-mol, $x^2$-mol schonn iwwer d'Budgetsituatioun, a surtout déi zukünfteg Budgetsituatiounen higewisen hunn. An Etüden a Labelen, dat kascht alles Suen. An ech mengen, dat ass nach net richteg ukomm.

Ech mengen ... Dir sot zwar ëmmer ... also et héiert een hei, et géif och an, wéi solle mer soen, et géif lech och beweegen, Dir géift wierklech oppassen, sou ze geréieren, datt d'Gemengefinanzen, wann, wann d'nächst Kéier gewielt gëtt, vläicht net an engem desaströsen Zoustand wäerte sinn. Mee ech ka mer am Fong geholl dat net richteg gleewen. An ech gesinn, datt mer op eng Mauer histeieren.

A wann emol eng aner Majoritéit sollt hei vläicht an Zukunft iwwerhuelen, da wäert se sech virun engem Scherbenhaufen, finanziell gesinn, virfannen. An dat kann och net, solle mer soen, dat kann och net déi aktuell Majoritéit bestëmmt als gutt empfannen. Also ech géif wierklech do puchen, fir ëmzeswitchen, fir déi Saach anescht ze gesinn.

Budget a Fiinanzen, dat ass net fir mol mat der Hand eemol driwwer ze goen oder driwwerzekucken. Hei muss eng Ännerung geschéien. Hei muss wierklech eng Spuer, e Spuerwëllen do sinn, fir datt mer dat e bëssen an déi richteg Richtung erëm kënnen hibéien.

Also, wéi gesot, Labelen an Etüde kaschte vill Suen. 300.000 € fir eng schwammeg Saach. Och wann ech weess, datt d'Relatiounen tëscht de sozialen Acteuren och wichteg sinn, an dat ... okee, een eppes ... do muss een dann och, solle mer soen, e gewësse Käschtepunkt a Kaf huelen. Mee an deem heite Fall si mer bei 300.000 € fir eng schwammeg Saach. Also, et deet mer leed, mee do, dee Wee op jiddefalls ginn ech net mat.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. Dann huet den Här Cavaleiro d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci. Voilà, ech mengen, mir hunn hei e Contrat de service. Ech hunn e presentéiert, ech hunn en erläutert an all deenen diverse Facettë vun deem, wat mir eis erwaarde vun där Etüd.

Et ass ëmmer e bësse komesch, wann ee vun Zuele schwätzt, vun Träger. Eng Kéier gëtt gesot, Dir gitt ze vill aus. Warscheinlech, wann de Budget bis diskutéiert gëtt, gëtt da gesot, Dir maacht do net genuch, investéiert net genuch un der Jugend.

Mir maachen et! D'Jugend ass d'Generatioun, eis nächst Generatioun, déi vun den Escher. An et ass eis wichteg, datt mer do kloer investéieren, an dofir ass déi Etüd och extreem wichteg.

Mir wëllen eis net limitéieren op eng Etüd, wou mir vu vireran dem Chercheur diktéieren, wat en do soll ënnersichen. Ech mengen, eng, mat enger oppener Etüd loosse mer dem Chercheur en cours de route komplett Fräiheet, am Interêt vun deem, wat mer eis erwaarden, wat d'Recherche ubelaangt. Datt en déi Recherchë kann an deenen Domänen eragoen, wéi en, wéi d'Recherche sech eeben entwéckelt.

Wann een ze, wann ee vu vireran dat alles ze vill limitéiert, ze vill Konditiounen, ze vill streng definéiert, wéi déi Etüd soll sech realiséieren, da bleift dem Chercheur guer keng Fräiheet an da kréie mer warscheinlech net onbedéngt dat, wat mer eis all wënschen. Datt mer e kloert Bild hu vun eiser Jugend.

Ech wëll hei just betounen, datt déi Recherche, wou mer elo mat der Uni wäerten ugoen, ass eng Suite, eng kloer Suite vun aner Analysen, déi scho gemeet gi sinn, vun z.B. engem Jugendforum, My young Esch, zum Beispill.

Mee do ginn all déi Dokumenter, all déi Analysen an Iwwerleeungen, déi all déi Jore virdru scho gemeet gi sinn, wäerte vun de Chercheuren op de Leescht geholl ginn. Et ass net, wéi wann dat Material wier, dee keen Interêt hätt, ganz au contraire. Dat erméiglecht eis natierlech, al Donnéeën ze vergläichen eebe mat den Donnéeën, wou d'Chercheuren elo wäerten erausfannen.

Bon, 200 ..., bon, bal 300.000 € kënnen natierlech vill ausgesinn. Ech wëll just hei betounen, et sinn dräi Chercheure wärend zwee Joer, déi an där heiter Etüd wäerte schaffen. Ech weess net, mat wellche Moyenen do dee Verglach gemeet gëtt, ob dat elo vill ass oder wéineg.

Ech sinn der Meenung, datt mer eebe grad, well mer och eng Uni-Stad sinn, op Chercheuren zeréckgräifen, déi, mengen ech, awer trotzdeem net onbedéngt déi allerdëmmst sinn an enger Etüd, an déi do sécherlech eis wäerte kloer hëllefen, eis Ziler ze erreechen an eebe fir eis Jugend eng besser Jugendpolitik kënnen ze gestalten.

Au delà vun den Enquêten, déi gemeet ginn, a well et eeben eng Etüd ass, déi oppen ass, limitéiert sech hei déi Etüd net reng op déi puer Interviewen. Ech mengen, och dat wäert en cours de route gesi ginn, wat wierklech d'Resultater sinn. An do wäert déi Etüd sech natierlech och nach weider adaptéieren un de Besoinen an un de Resultater, déi mer grad dee Moment och fannen.

Dat gesot, ech denke schonn, datt awer trotzdeem vill erkläert war, wat d'Ziler waren. D'Ziler an d'Achsen, d'Axes de recherche ware kloer definéiert. Wann Der schonn eleng an der Descriptioun vun den Axes et questions de recherche, dat war jo schonn dra beschriwwen. Dofir verstinn ech net grad d'Kritik.

An ech mengen, hei wëlle mer wierklech op e seriöe Partner och zeréckgräifen, deen eis sécherlech och mat engem anere Point de vue d'Situatioun vun der Jugend wäert analyséieren an dat konfrontéiere mat der Vue vun och Spezialisten, déi mer och um Terrain hunn. Ob dat elo de Jugendservice oder aner Acteuren, an déi natierlech an deem ganze Prozess och erëm eng Kéier wäerten zesumme matschaffen.

Dat heescht, et wäert awer trotzdeem eng Etüd sinn, och mat den Acteuren, déi mer schonn um Terrain hunn an déi och schonn all déi Joren iwwer deene Froe sech Froe gestallt hunn.

Dofir, ech géif Iech bieden, wéi gesot, déi Konventioun matzestëmmen. Ech mengen, et ass am Sënn vun eiser Jugend, a mir ënnerstëtzen deen op jidde Fall.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Cavaleiro. Ech erlabe mer dann awer och als Finanzschäffen drop ze reagéieren op dat, wat den Här Schmit gesot huet. Dir hutt gesot, dass Der schonn x-mol hei ëmmer erëm widderholl hutt, dass mer musse spueren an dass villes ze deier wier.

Wann Der sot, dass villes ze deier ass an dat bei all zweetem Punkt maacht, dee mer hei hunn, dann erlaben ech mer, Iech awer awer ze froen, wat dann Är Vergläichmesuren do sinn. Op wat baséiert Der Iech do? Wou gitt Der hin a kënnt elo soen, dass dës Etüd ze deier ass, oder dass all anere Projet bal, dee mer elo haten, ze deier ass?

Ech géing Iech, wann Der dat hutt, wann Der dat kënnt maachen, da proposéieren ech Iech, dat hei och virzedroen. Well soss hunn ech just ëmmer d'Gefill, dass alles ze deier ass, an dass Är Alternativ zum ze deieren ass, fir einfach näischt ze maachen, wat awer, mengen ech, egal ob Majoritéit oder Oppositioun – a vläicht ass och heiansdo eppes méi deier, wéi eppes anescht. Mee näischt maachen, dat ass, mengen ech, net déi Alternativ, déi mer ustriewen.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Däerf ech eppes soen?

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Nee, dat däerft Der net. Dat ass de Privileeg vum Schäfferot, zum Schluss d'Wuert ze hu virun de Votten. Dir hutt jo gesot, wat Der denkt. An ech hunn Iech elo geäntwert.

Ech roden Iech awer nach eng Kéier un: Wann Der wierklech mengt, dass d'Budgetspolitik an d'Finanzpolitik sou schlecht wieren, géing ech Iech uroden, mol eng Kéier d'Budgeten ze liesen aus de leschte Joren, Vergläicher ze maachen.

Ech géing Iech uroden, an eis Finanzservicer ze goen, ech géing Iech uroden, an de Servicer mol eng Kéier ze schwätzen, wéi z.B. d'Opstellung vun eisem Budget ordiniaire ass, wéi d'Ëmsetzung vun eisem Budget am Ordinaire sinn.

An da wäert Der gesinn, dass et bei Wäitem eng Politik ass, déi räsonabel ass an déi mat vill Responsabilitéit gefouert gëtt. Awer trotzdeem eng Politik ass, wou et drëms geet, fir virunzekommen an de Fortschrëtt an dëser Stad hei zu hunn.

An elo gi mer an de Vott par rapport zum Plan communal de la Jeunesse.

- ☒ **Enesa Agovic**
- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☒ **Steve Faltz**
- ☒ **Ben Funck** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☒ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☒ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☒ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 8. Questions de personnel ; séance publique ; décision

### 8.A. Création d'un poste de receveur, dans le statut du fonctionnaire dans le groupe de traitement A2, sous-groupe à attributions particulières ; décision

### 8.B.1. Décision de classement de Mme C. Valbuena, enseignante dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du Conservatoire ; décision

### 8.C.1. Réduction du stage de Madame Stéphanie Duprel, fonctionnaire dans le groupe de traitement A1, sous-groupe enseignement musical ; décision

### 8.C.2. Réduction du stage de Daniel Coelho Heliodoro, fonctionnaire dans le groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Questions de personnel. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter.

Mir hunn am Dossier eng Creation an och eng Suppression de poste ze maachen, et ass um Niveau vun eise Recetten. De Receveur wäert d'nächst Joer a Pensioun goen, dofir proposéiere mer scho mat Zäiten, eng Creation de poste ze maachen an der selwechter Funktioun. A soubal deen dann an der Pensioun ass, da wäerte mer eng Suppressioun vun deem Poste maachen.

Dann ass eng Decision de classement, déi Der an Ärem Dossier stoen hutt. Do sinn och alleguer d'Krittären, déi erfëllt sinn, fir dat kënnen ze accordéieren. An dat selwecht gëllt dann och zum Schluss bei deenen zwou Reductions de stage, déi Der virleien hutt.

Dofir géif ech lech dann och bieden, fir deem zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et Froen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **André Zwally**

## 9.1. Règlement portant introduction d'une taxe sur les locaux commerciaux et d'exploitations inoccupés ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci. Da komme mer bei verschidden Taxereglementer. Mer fänken u mat dem Taxereglement op eidelstoende Geschäftsflächen ze proposéieren.

Den initiale Projet vun dësem Taxereglement gouf ursprénglech den 12. Oktober 2022 hei am Gemengerot presentéiert an dunn och unanime vun alle Parteie gstëmmt. Op déi inhaltlech Argumentatioun fir dëst Reglement ginn ech elo net weider an. Dat gouf deemools beim Vott gemaach – a vläicht mécht jo een oder deen anere vun Iech dat.

Wat op jidde Fall ass, dat ass, déi Deliberatioun vum Oktober 2022, déi gouf duerno fir d'Approbatioun un de Inneministère geschéckt an do huet et bal ee Joer gedauert, bis d'Stad Esch en éischte Retour krut, mat der Konklusioun, dass verschidden Artikele missten ëmformuléiert ginn.

Am Echange mam Inneministère huet et du bis elo gedauert, Mëtt Mee, wou dann déi endlech richteg Formulatioune fonnt goufen. Et si follgend Ännerunge gemeet ginn: An der Motivatioun fir d'Aféierung vun der Tax ass ëmformuléiert ginn, well de Ministère, deen huet et sou empfonnt, dass eis Tax formuléiert wier, dass et Sanction déguisée hätt kënne sinn. An elo ass d'Formule sou verbessert, dass verdäitlech gëtt, dass et eng Tax ass op Compensation de nuisance, déi mer hunn, wann eidelstoend Flächen an der Uelzechtstrooss eebe sinn, oder soss am Zentrum.

Da gouf reprochéiert, dass laut Artikel 1 nëmme Lokaler besteiert ginn, déi eng Vitrinn hunn donnant sur le fond de la rue. An da géif en Desekiliber mat anere Proprietäre bréngen. Dowéinst gëtt dann de leschte Saz vum Artikel 1 gestrach. An domat sinn alleguer d'Locaux commerciaux an der Zone 1 an 2 betraff.

Den Artikel 2.3 gouf kritiséiert, well d'Definitioun vun der Occupation effective ze vag formuléiert war. D'Definitioun gouf dofir ugepasst. An am Zesummenhang goufen e puer Wierder am Artikel 9 bäigefüügt, fir ze vermeiden, dass et zu Contrat de complaisance ka kommen.

Well hei gëtt ergänzt, dass eis Sericer am Zweifelsfall de Proprietär Pièce kënne froen, déi beleeën, dass déi deklaréiert Aktivitéit tatsächlech och existéiert.

An et ass esou, dass d'Commission jointe och proposéiert huet, de Begrëff „Activité exercée" duerch „Activité déclarée" ëmzeschreiwen, wat och, deem och Rechnung gedroe gouf.

Dann eng Ännerung am Artikel 3, Alinea 3. Do stoung an eisem Reglement eng Kosolidaritéit ënner Koproprietären. Dat ass laut dem Inneministère awer nëmme gesetzlech reegelbar, an net iwwer d'Gemengereglementer. Dat gouf gestrach.

An dann eng kleng textuell Ännerung gouf et och am Artikel 6, Alinea 1, wou elo vun „Taxe communale" geschwat gëtt, fir dat ze verdäitlechen.

Am Artikel 7.2, war festgehale ginn, dass e Proprietär, dee beim Projet CLAIRE matmécht, eng Exoneratioun kéint kréien. Dat wier laut dem Ministère och eng Rupture dans légalité de traitement vun de betraffene Leit. Fir dat ze verbesseren, gouf virgeschloen, de Punkt 7.2.2. bäizefügen, deen engem Proprietär et erlaabt, sech ze exoneréieren, wann hie beweist, dass hien déi néideg Efforten en place gesat huet, fir e Locataire ze fannen.

De Rescht si kleng textuell Verbesserungen, déi inhaltlech awer näischt un der Versioun vum 12 Oktober 2022 änneren.

Mir hoffen, dass dëst Taxereglement dozou bäidroe wäert, eis kommerziell Attraktivitéit weiderhin ze stäerken an och d'Uelzechtstrooss weiderhin ze dynamiséieren. Wou mer jo eigentlech, wéi déi nei Geschäfter et elo gewisen hunn, op engem gudde Wee sinn.

Dat heite gouf och alles duerch d'Kommissioun geschéckt, géing ech elo mol soen, gouf vun der Kommissioun gekuckt an ugeholl.

D'ailleurs, och wéi deemools am Oktober 2022, wou dann awer gewisen huet, dass och d'Kommissioun net ëmmer, weeder d'Kommissioun nach de Gemengerot nach eis Juristen net ëmmer déi perfekt a lescht Formulatioune fir all Reglement fannen.

Ginn et Wuertmeldungen heizou? Den Här Ramdedovic, duerno den Här Baum.

**M. Dejvid Ramdedovic (CSV)**

Merci fir de Wuert. Léif Membere vum Gemengerot, no all de Schrëtt zanter 2017, déi Stad Esch ënnerholl huet, fir den Zentrum an Alentours ze redynamiséieren, mir sinn elo un engem entscheedende Punkt ukomm, fir eisen Zentrum ze revitaliséieren an d'Liewensqualitéit zu Esch ze verbesseren.

Service de la Promotion et Développement économique gouf 2017 gegrënnt, ugefaange mat dem éischte Phas, wou de Bezuele vun de Loyer un d'Besitzer garantéiert gouf. An eng zweet Phas mat der Grënnung vun der GLS, wou de Stad Esch een Drëttel vun de Loyer fir den éischte Joer an ee Sechstel fir den zweete Joer iwwerheelt.

De Stad Esch bitt eng Primm bis zu 25.000 € fir déi éischt Installatioun op Basis vun den Investitiounen, déi vun de Locataires gemeet gëtt. Zousätzlech spillt de Service de la Promotion et Développement économique eng wichteg Roll als Garant an Tëschenhändler tëschent dem Besitzer an dem Locataire.

D'Stad Esch huet Escher Blog, Projet CLAIRE a Popup-Storen opgebaut an encouragéiert weider Installatioun vun neier Geschäfter zu Zentrum.

Firwat ass dës Steier néideg? Mir sinn eis all bewosst iwwer de Phenomeen vun der kommerzieller Desertifikatioun vun Uelzechtstrooss. Eise kommerzielle Raimlechkeete sinn eng schlecht Reklamm fir déi aktiv Geschäfter a feiert zu enger Reduktioun vu Visiteueren.

Nëmme besichtegt Stroossen sinn attaktiv. Wat méi Geschäfter a Visiteuren nach méi ofschreckt, fir sech an der Uelzechstrooss neizeloossen an ze shoppen.

Ursaach fir déi eideler kommerzialler Raimlechkeeten: héich Efforten a Käschte fir d'Konformitéit fir d'Raimlechkeeten. Oft zécke Besitzer, fir hir Raimlechkeeten ze verlounen, wéinst den néidege Renovatiounen, fir zu gesetzlech Normen anzepassen. Dës Käschte kënnen exzessiv sinn oder de Besitzer wohnen net méi an der Regioun.

Zweetens, de Loyerspräis ass net ugepasst a sou reflektéieren de gefrote Loyer an net ëmmer den aktuelle Bedéngungen am lokale Immobiliemaart. Zu héich Loyer kënne potenziell Locatairen ofschrecken, wéi z.B. duerch Waarden op besser wirtschaftlech Bedéngungen. Zousätzlech behalen e puer Besitzer hir Raimlechkeete léiwer eidel a waarden op eng favorabel wirtschaftlech Situatioun.

Dës Strategie, obwuel Verstand dréit zur Stagnatioun vun eiser lokaler Wirtschaft an zur Desertifikatioun vun eiser Zentrum bäi.

Am Oktober 2022 hate mir 321 Raimlechkeeten, dofir 278 beluecht an 51 onbeluecht. An nëmme 37 % sinn um Maart. Haut hu mir ongeféier 350 Raimlechkeeten an de Prozent vun eidel Raimlechkeeten huet sech nach ëmmer net verbessert.

D'Aféierung an Avantagë vun dëser Steier soll de Besitzer motivéieren, hir onbesat Raimlechkeeten ze verlounen an domat zur wirtschaftlecher Revitaliséierung vun eiser Zentrum bäizedroen.

Mir hu konkreet Beispiller bei Bréissel a Metz, déi d'Effizienz vu sou Moossname weisen. Zu Bréissel huet d'Aféierung vun enger Steier op eidel Geschäfter net nëmmen d'Zil vun onbewunnte Raimlechkeete reduzéiert, mee och der lokaler Wirtschaft revitaliséiert.

Zu Metz huet eng änlech Steier gehollef, verschidde verloosse kommerzialer Beräicher erëm am Liewen ze loossen, andeems de Besitzer motivéiere goufen, séier Locatairen ze fannen.

Dëse Beispill bestätigen eise Iwwerzeegung. D'Aféierung vun dëser Steuer ass net als Strof oder Sanktioun geduecht, mee als Instrument, fir nei Locatairen ze encouragéieren, hei gewënscht Aktivitéit am Zentrum duerchzeféieren.

Méi oppe Geschäfter bedeit mehr fir eise Awunner a mehr dynameschen a flotte Liewensraum, vun deem vill Leit profitéiere werden.

Zum Schluss, léif Kolleegen a Kolleeginnen, wollt ech nach eng Kéier betounen, datt et Zäit ass zu handelen. Zusamme maache mir Esch erëm an engem dynamesch liewensfrouen Zentrum. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Ramdedovic. Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert an och fir déi Erklärungen.

Et war mir net bewosst, datt Dir elo och fir d'wirtschaftlech Entwécklung zoustänneg sidd. Hunn awer sou e klengen Zécken am klenge Fanger, datt ech mer soen, datt ech mer virstelle kann, firwat Dir dat gemeet hutt.

Mir ënnerstëtzen dat heiten. Mir hunn et och schonn 2022 ënnerstëtzt. Hunn et och wierklech ganz bedauerlech fonnt, datt den Interieur dee Moment wierklech ee Joer gebraucht huet, fir kënnen en negativen Avis ofzeginn, awer zumindest mat e puer Pisten, wéi et soll virugoen.

Den Här Ramdedovic huet et gesot, mir hunn an de leschte Jore sou vill Aiden, Subventioune punktueller Natur votéiert, déi eigentlech am Interêt vun der Geschäftswelt sinn. An ech mengen, dat hei ass awer och de Pendant dozou, nämlech ze soen, mir si bereet, Aiden zur Verfügung ze stellen, mir schafen och e Kader innerhalb – also e Kader, dat ass z.B. d'CLAIRE, wou mer dann de Leit entgéintkommen, och de Proprietären entgéintkommen, fir hinnen ze hëllefen.

Mee de Géigenzuch ass dann awer och, datt Eegentum och eng Verflichtung huet, notamment am Stadzentrum. A wann een där Verflichtung net nokënnt, da muss ee fir déi Nuisancen awer och opkommen, déi, dat dat Net-Nokomme vun där Verflichtung bedeit.

Ech mengen och, datt d'Montanten, déi hei gewielt gi sinn, zwar bescheiden, awer trotzdeem en Incisif kënne sinn, fir Leit op de Wee ze bréngen, fir wierklech och déi Verantwortung ze iwwerhuelen.

A mer däerfe jo net vergiessen, datt déi mannst Proprietäre vun deenen Immobilie sinn Escher entre-temps. Ech mengen, datt dat just nach en Deel vun de Leit ass. A fir vill Leit ass et wierklech just nach do dofir.

Eng Rëtsch Proprietären, déi och zum Deel just nach Gesellschafte sinn, ass et e spekulativen Objet. A fir där Spekulatioun entgéintzewierken, mengen ech, ass et wichteg, datt mer dat heite votéieren. Et fënnt also eis Zoustëmmung.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wann et soss keng Wuertmeldunge ginn!?

Jo, et ass logesch, dass och de Finanzschäffen och zu Taxe ka schwätzen, Här Baum. Dat, dat aliicht lech genausou wéi all aneren heibanne bestëmmt.

Ech wëll ... et ass gutt, dass Der dat ernimmt hutt, well eigentlech ass dat heiten Taxereglement jo 2022 mat den Incentive gestëmmt ginn. Dat war deemools am gläiche Moment. Dat heescht, op der enger Säit d'Besteierung, op der anerer Säit awer, wéi den Här Ramdedovic gesot huet, déi Hëllef fir wann ee sech hei installéiere wëll. Dat soll een och matenee verbannen. Dat hutt Der gutt ausgedréckt.

Ech denken awer, dass den Här Knaff eis, also lech net géing Recht ginn, Här Ramdedovic, an ech ginn lech och net Recht, wa mer vun Desertifikatioun schwätzen. Dat ass e staarke Begrëff. Et ass e professionelle Begrëff, dee sou benotzt gëtt, mee gottseidank ass et dobausse méi lieweg wéi dat.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**

### 9.2. Fixation du taux de l'impôt commercial communal pour l'exercice 2025 ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer zu der nächster Tax. Mer missten eeben, eemol am Joer musse mer zwou Taxe stëmmen, déi dann ëmmer fir dat Joer drop applizéierbar sinn. Dat eent, dat ass den ICC, an dat anert, dat ass den Impôt foncier.

Mir fänken u mam Impôt commercial communal. Do proposéiert de Schäfferot, beim Taux vun 275 %, sou wéi och an de Virjoren, bäizehalen. Ech muss Iech soen, dass een elo net komplett chiffréiere kann, wat den ICC vun Einname bei eis alles global ausmécht.

Et ass sou, dass mer ee Montant am Budget hunn, wou eisen Deel vum ICC ass, dee mer direkt kréien. Dat ass chiffréiert gi fir d'Iescht an an de Virjore mat 5,5 Milliounen. D'Previsioune vum Budget an elo d'Opstelle vum Budget rectifié, dat freet den Här Schmit bestëmmt, do gi mer dovunner aus, dass mer awer schonn däitlech iwwer 6 Millioune kommen. Also op d'mannst eng hallef Millioun bäikréien am ICC.

An dann ass jo och nach e ganzen Deel vum ICC, dee gëtt, dee bezuelen, dee kënnt an de Fond de dotation globale des communes, an dee gëtt da verdeelt iwwer déi ganz Gemengen eraus. A prozentual kréie mer jo dann och eisen Deel.

Gëtt et Froen oder Wuertmeldungen zum ICC? Den Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Et wäert Iech net verwonneren, wann ech soen, datt mer net frou sinn doriwwer. Mir sinn net frou doriwwer, wéi e virun entre-temps siwe Joer erofgesat ginn ass, vun 325 op 200, jo, vun 325 op 275 Punkten.

Et ass dee Moment a beschter liberaler Traditioun probéiert ginn ze erklären, datt, wa mer d'Steieren erofsetzen, datt mer doduerch méi attraktiv gi fir Betriber, fir Betriber unzezéien.

Et war dee Moment, wann ech mech richteg erënneren, och vu grousse Banke rieds, déi géifen doduerch op Esch kommen. An ech mengen awer, datt mer elo, siwe Joer duerno, oder knapp siwe Joer duerno, mengen ech, awer scho kéinten e bësse Bilan zéien, a wéi wäit déi Mesure da wierklech zur wirtschaftlecher Dynamiséierung vun Esch bäigedroen huet, wëssend och, datt mer weesentlech méi niddreg si wéi eis Noperen. Natierlech net sou niddereg wéi d'Stad Lëtzebuerg oder Leideleng, mee mer hunn awer och Gemenge ronderëm, déi och e Geschäftsraim, eng ekonomesch Entwécklung hunn, wéi Diddeleng oder Déifferdeng, déi wäit dodriwwer leien.

Fréier ware mer och ëmmer en accord mat Suessem – dat ass och doduerch geännert ginn. An ech muss Iech soen, ech gesinn nach ëmmer wierklech d'Plus-value dovunner net, ausser datt verschidde ganz grouss Betriber manner Steiere musse bezuelen. An dat fanne mir net gutt.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, ech géif dem Här Baum natierlech d'Rechnung ginn, Recht ginn a sengen Ausféierungen.

Ech wéilt vläicht do e Punkt nach dobäiféieren, datt ech denken, datt et méi wichteg ass an och vill méi attrayant ass, wéi elo eng niddreg Steier a sou e businessfriendly Environnment fir Geschäftsleit ze schafen.

An ech mengen, do gi mer, an dat ginn ech .. dee Kreditt ginn ech Iech, dass mer jo do awer staark Efforte maachen, fir Leit bei eis ze bréngen. An ech denken, dass dat vill méi attraktiv ass fir Geschäftsleit, wa mer e séieren Zougang zu de Gemengeninstanzen hunn, oder en oppent Ouer, oder wat och ëmmer. Oder mat Infrastrukturen oder mat sou Saache kéinten ubidden.

Dat wat jo dann natierlech och kascht. An ech denken, an der Iddi vun enger Harmoniséierung an engem solidareschen Händele vun där Gewerbesteier mat eisen Nopeschgemengen, géifen déi Méisuen, denken ech, besser a sou investéiert ginn, a sou Infrastrukturen oder a sou Servicer investéiere ginn, dass dat à la longue, mengen ech, méi bréngt, wéi elo eng niddreg Steier.

Dofir, och mir wäerten dat do net matstëmmen, well mer denken, mir sollten eis do un eis Nopeschgemengen upassen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz. Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter. Jo, wat d'Gewerbesteier ubelaangt. 275 ass en Taux, wou mir am Fong geholl och als ze niddereg ugesinn.

Ech muss zwar soen, datt awer ... dat muss ech zwar selwer relativéieren, well mer wësse jo, datt mer nach an enger Phas sinn, wou mer vill Saachen, vill Chantieren hunn an nach wëllen am Fong geholl trotzdeem Commercen unzéien, fir hei méi Liewen erëm an Esch eranzekréien.

Also géif ech do éischter verhalten am Fong geholl ofstëmmen an dat heiten dann dës Kéier nach sou matdroen. Mee op de Wee goen, fir eis ze iwwerleeën, ob mer da vum nächste Joer un, net iergendwéi an eng Erhéijung missten erakommen, déi wou dann erméiglecht, datt dat trotzdeem e bëssen déi vill Depensen, wou mer jo hunn, wou ech elo net nach eng Kéier soe wäert, oder schonn x-mol drop higewisen hunn, datt et der ze vill sinn. Mee datt mer do och dann Recettë kréien, déi wou dat awer e wéineg kéinte kompenséieren an ausbalancéieren.

Och wann dat net doudsécher nëmmen eng gewëss Drëps op e waarme Steen ass, ass et nach ëmmer besser, eng gewëss Drëps ze hunn, wéi näischt ze hunn.

Wéi gesot, fir dëscht, fir dës Kéier, en vue que datt mer wierklech nach do elo Problemer mat deene Quartieren hunn, déi wou mer do wëllen entwéckelen, verstinn ech dat a wäert ech dat also dann dës Kéier matdroen. Mee an Zukunft géif ech mengen, datt et trotzdeem do eng gewëss Erhéijung misst méiglech sinn. Iwwerleet Iech et. Dat ass op jiddefalls meng Positioun zu där Steier.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. Dass mer eis eng Kéier ... den Här Bermes wollt och nach d'Wuert.

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Merci fir d'Wuert.

Ech sinn awer der Meenung, datt deen Taux vun 275 ubruecht ass, well ech och un déi zukünfteg Projeten denken. Ech hat dat jo och an der Finanzkommissioun gesot. Ënner anerem denken ech do un d'Metzeschmelz – dat ass jo nach e puer Joren.

Mee do hu mer, kréie mer Bürosflächen, an ech mengen, do musse mer och attrayant bleiwen, fir do flott Eki ... also flott a gutt Betriber ze kréien, fir datt déi d'Welt hei zu Esch kënnen änneren. An och d'Uelzechtstrooss, datt mer attrayant bleiwe fir all Betriber.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Bermes.

Wa soss kee méi aus dem Gemengerot d'Wuert wëll huelen, dann ... den Här Bermes huet Recht mat der Metzeschmelz. Ech gesinn awer elo als éischt de Quartier Belval, dee sech gutt entwéckelt, wou Societéiten hikommen, och well elo méi Bauflāch a méi, also méi Büroen do sinn, wou iwwerhaapt ee kann hikommen.

A sécherlech ass dat awer och e Bléck, wou da verschidden Entreprisen drop kucken. An notamment ass eng grouss Bank och zanter dem Changement vum Impôt commercial op Esch komm. Keng 20, awer eng grouss Bank ass awer heihinner komm.

Ech wëll och soen, dass mer, wann een dann nach eng Kéier d'Konte kuckt, datt mer awer am Verglach zu 2017, 2018 elo an der Moyenne awer 1 Millioun kënnen aschreiwe bei de Recetten. An do schwätzen ech net vun de Recettë vun, déi mer plange fir 2024, mee déi vun 2023. Dat ass net eleng sécherlech dem ICC geschëlt, mee vläicht och mat dem ICC geschëlt.

An tatsächlech, da kommen ech awer ofschléissend zeréck, et sinn eng ganz Rëtsch Plazen, wou sech nach eppes deet hei an Esch. A wann eng Entreprise haut sech Gedanke mécht, fir muer, iwwermuer op Esch ze kommen, dann ass awer och den ICC vläicht e Facteur, oder sécherlech e Facteur, dee mat en consideration geholl gëtt.

Au vote.

- ☒ **Enesa Agovic**
- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☒ **Steve Faltz**
- ☒ **Ben Funck** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☒ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☒ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 9.3. Fixation du taux de l'impôt foncier pour l'exercice 2025 ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci. Da komme mer bei den Taux vum Impôt foncier fir 2025.

Beim Impôt foncier gëtt et zwou Kategorien: d'Kategorie A an d'Kategorie B. D'Kategorie

A betrëfft déi landwirtschaftlech Flächen an d'Kategorie B all déi Flächen, op deene gebaut ass oder op deene gebaut ka ginn.

D'Proprietäre vun alle Bienen an alle Fläche bezuelen dann och Impôt foncier, ausser een: dat si mir selwer. Mir bezuelen eis net selwer Suen, awer mir kréien, obwuel mir och nach eng ganz Rëtsch Flächen a Bienen natierlech hei hunn. An all déi aner bezuelen.

A mir kommen dann op Recettë fir, 2023 huet dat z.B. 2,48 Milliounen ausgemaach. Eleng vun deenen 2,48 Milliounen, eleng heivunner ware 1,5 Milliounen, dat heescht ronn 61 %, vum kompletten Impôt foncier ënner der Kategorie 1 erakomm, also Fläche mat Constructions industrielles et commerciales.

Déi aner Kategorië sinn: d'B2 Constructions à usage mixte, B3 Constructions à autre usage, B4 Maisons unifamiliales a Maisons de rapport, B5 Immeubles non bâtis autre que le logement, a B6 Terrains à bâtir à des fins d'habitation.

An de Kategorien A an an de Kategorië B1 bis B5 proposéiere mer, de Punktwäert vun de Virjoren ze halen. Ech liese se elo net vir, déi hat Der am Dossier.

Mir proposéieren dann awer och eng Erhéijung vum Taux vum B6, also den Terrain mat onbebaute Bauflächen. An hei proposéiert de Schäfferot eng Major, eng Verduebelung vum Taux vu 600 % op 1200 %.

Ech verstoppen net, dass déi Verduebelung, Erhéijung, dass dat, oder déi Diskussioun iwwer eng Erhéijung sécherlech och zeréckgeet op déi Motioun, déi d'LSAP d'lescht Joer hei proposéiert hat, wou se e Punktwäert vu 4000 % proposéiert haten, wat dann de gläiche Punktwäert gewiescht wier mat Schëffleng.

E Punktwäert, deen awer och am Verglach zu all deenen anere Gemengen am Süden bal dräimol sou héich ass, an heiansdo zéngmol sou héich ass wéi aner Gemengen, déi och net wäit vun eis ewech hei leien. Och däitlech iwwer der Moyenne vum Süden a vun de Gemengen.

Mir hunn eng Analys gemaach vun der Situatioun vun eise betraffenen Terrainen, mir hunn och e Verglach eebe mat den anere ProSud-Gemenge gemaach a mat de Gemengen aus dem Kanton.
A mir hunn och en consideration geholl notamment dat Urteel, wat d'Gemeng Dikrech geschwat kritt huet wéinst enger iwwerdimensionéierter Erhéijung. Si waren op 15.000 % eropgaangen an dowéinst si mer elo mol bei enger Verduebelung op 1200 % bliwwen a wëllen dat proposéieren.

Einfach well et eis räsonabel a proportionell vertrietbar schéngt, well den Ecart tëscht dann eeben deem Wäert, wou den héchste gëtt, an dem niddregste vun der anerer Kategorie, och deem räsonabel weiderhi schéngt.

Mir hätten no Schëffleng den zweethéchsten Taux am Kanton Süden an am ProSud. Wa mer d'Abstraktioun vu Schëffleng maachen, wiere mer däitlech iwwer der Moyenne vum Süden a vun de ProSud-Gemengen.

Mir hätten de selwechten Taux, wéi z.B. Diddeleng, also enger Stad, déi opgrond vun enger bevirstoender an urbanistescher Entwécklung jo awer och mat Esch vergläichbar ass, a mir géingen trotzdeem mat enger Verduebelung en Zeeche u Proprietäre schécken, déi elo duebel sou vill Steier op onbebautem Terrain musse bezuelen, wéi nach virdrun.

Dat ass eis Propos. Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Den Här Pulli huet d'Wuert.

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Merci och nach eng Kéier, dass Der mam Här Sehovic e Mëttwoch an d'Kommissioun komm sidd, fir de Memberen dat ze erklären an eis och d'Méiglechkeet ginn hutt, eis Proposen dann nach eng Kéier ze presentéieren.

Ech wëll just ganz kuerz op eis Argumentatioun vun deemools agoen, well se zum Deel nach ëmmer déi nämmlecht ass. Dat war, dass d'Bauland nach ëmmer, wéi d'Etüde weisen, de gréissten Afloss huet op d'Präisentwécklung, besonnesch och an der Stad Esch.

An dat war ee Grond, well, firwat mir der Meenung waren, fir do eppes ze maachen. Et war awer och eiser Meenung no, oder ass eiser Meenung no eng Fro vu Gerechtegkeet, well d'Gemeng jo Investissementer mécht an d'Stroossen, an d'Infrastruktur, an dann den Terrain u Wäert eigentlech zouhëlt.

An et muss een och, et kann ee verlaangen, dass do e gewëssen Deel ofgi gëtt, wann een net gewëllt ass, drop ze bauen.

D'Fro vu Gerechtegkeet spillt jo och ëmmer méi an enger Situatioun, wou mer sinn, an enger Klimakris, Biodiversitéitskris, wou mer wierklech kucke mussen, dass mer am Perimeter no bei den ëffentlechen Infrastrukture bauen, an net de Perimeter nach erweideren.

An dofir hate mer eeben deemools déi Propos gemaach, fir den Taux u Schëffleng unzepassen, well mer jo och am leschte Gemengerot déi Upassung souzesoe vun de Grenzen haten am Kader vum Projet Metzeschmelz. Dofir géif dat eiser Meenung no eigentlech nach ëmmer Sënn maachen.

Ech wéilt och nach kuerz op d'Geriichtsurteel agoe vun Dikrech, well dat Dir et ugeschwat hutt. Do war jo eigentlech de Problem, dass, sou wéi ech dat verstanen hunn an erklläert krut, dass do d'Deliberatioun net ganz gutt geschriwwe war a si einfach ze schnell mateneen erhéicht hunn. An dass dat de Grond war, firwat, voilà, firwat d'Urteel sou war, wéi et ass.

An zu Schëffleng, wou jo am Moment en Taux vu 4000 ass, ass et jo keen, gouf et jo kee Recours. Dat heescht, et kéint een nach am Fong dovun ausgoen, dass dat och zu Esch de Fall wär, wann ee géif op 4000 dee Moment eropgoen.

Dofir si mir am Prinzipp nach ëmmer vun eiser Meenung iwwerzeegt, dass en Taux vu 4000 géif Sënn maachen, well mer awer déi Entscheedung als Schrëtt an déi richteg Richtung unerkennen, hu mer dann e bëssen, an och eiser Fraktioun diskutéiert, wat solle mer dann elo maachen.

Ech mengen, et ass kloer, dass mer net kënnen dogéint stëmmen. D'Fro ass, ob mer eis enthalen oder dofir stëmmen. An dofir hu mer da gesot kritt, mir sollten dem Buergermeeschter einfach eng Fro stellen, ob en, oder dem Schäfferot eng Fro stellen, ob e bereet wär, fir gegeebenenfalls deen Taux d'nächst Joer nach eng Kéier unzepassen. A falls dat de Fall wär, géife mer dat da matstëmmen, falls net, géife mer eis dee Moment enthalen.

Dofir wollte mer déi Fro dann hei am Numm vun eiser Fraktioun eng Kéier stellen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Also, ech muss éierlech soen, ech hat änlech Iwwerleeungen wéi den Här Pulli.

Et ass jo wierklech ze begréissen, datt Der e Schrëtt maacht, vu 600 op 1200. Wuelwëssend, datt mer dann awer nach ëmmer ganz wäit vu Schëffleng ewech sinn. Dat heescht, 4000 ass duerchaus méiglech, 4000 ass net a Fro gestallt ginn, och net vum Interieur.

Mer sinn elo um Niveau vun Diddeleng, déi hunn och 1200. Déi hunn awer par contre dem Gemengerot d'Versprieche ginn, datt se ab elo all Joer wëllen ëm 200 Punkten eropgoen.

Bon, ech hätt léiwer och, Diddeleng wier méi héich, wier op de Schëfflenger Wee gaangen. Mee bon, et ass eng fundamental sozialdemokratesch Approche, fir a ganz klenge Schrëttercher iergendwéi zum Zil ze kommen. Bon, et ass och vläicht, well de Buergermeeschter Angscht viru sengem eegene Schiet huet.

Zu Esch hu mer kee sou en ängschtleche Buergermeeschter, dofir hätt een och kënnen dovunner ausgoen, datt do bësse méi Wuppes dohannert wier.

Ech mengen, an dat, do ginn ech dem Här Pulli Recht, ech mengen, déi Diskussioun kann elo net eriwwer sinn, datt ee seet, mir hunn elo eng Kéier eng Erhéijung gemeet. Mee ech mengen, datt een, datt dat hei en Ufank soll sinn, deen ee sollt konsequent weidergoen.

Well effektiv den onbebaubaren, oder onbebauten – dat ass jo eppes Anescht –, onbebauten Terrain ass ee vun den Haaptfacteuren, firwat d'Präisser an d'Luucht gedriwwe ginn.

Mir als Stad Esch investéieren och selwer vill an de Logement. Dofir mengen ech, datt Leit, déi Terrain einfach onbebaut loossen, och eng gesellschaftlech Responsabilitéit hunn, an da quasi wéi eng Luxussteier och dozou musse bäidroen, datt d'Stad Esch hir Responsabilitéiten am Logementsberäich muss kënnen huelen.

An d'Argumentatioun ass net fundamental anescht wéi déi beim Punkt virdrun. Et sinn och Nuisancen, déi doduerch entstinn, datt bebauten Terrain net benotzt gëtt.

An da wollt ech nach froen, eng ganz onschëlleg Fro, wéi et dann ass mat där Tax op eidelstoende Wunnengen. Wéi de Schäfferot dat gesäit? Sou wäit ech weess, ass se jo nach ëmmer en vigueur, se ass nach net abrogéiert ginn.

Wëll de Schäfferot se dann iergendwann eng Kéier vläicht applizéieren, wéi dat jo awer normalerweis bei Taxen de Fall misst sinn?

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Den Här Schmit.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter. Jo, zu deem Fall hate mer och, wéi gesot, an der Kommissioun, an der, schonn eng Diskussioun. An d'Kategorie B6 ass imminent wichteg fir Esch.

Wéi den Taux do ausgesäit, ass am Fong geholl immens wichteg an deem Sënn, datt en eng grouss Offer soll garantéieren. Dat heescht, et ass eng ... do huet een en Hiewel am Fong geholl, fir d'Offer indirekt kënnen ze erhéijen, d'Wunnengsoffer an och d'Spekulatioun ze chronotréieren. Dat heescht, géint d'Spekulatoun virzegoen, oder op d'mannst dat ze versichen.

Wat ech hei och wëll … mir hate jo vun der Metzeschmelz geschwat, wou dat och am Fong geholl Sënn géif maachen, sech mat den Nopeschgemengen, a surtout mat Schëffleng, wéi ech et och schonn an der Kommissioun gesot hat, eng Concertatioun am Virfeld do ze hunn.

Och wann een net onbedéngt muss sech elo op 4000 % direkt hinzegoen, denken ech mer, hätt een awer kënne mat hinne sech concertéieren, fir och hir Argumenter kënnen ze héieren, wat vläicht net nëmme finanzpolitesch Argumenter sinn, mee vläicht aner Argumenter, wou een dann an deem Feld hätt, an deem Kontext sech hätt kënnen eng Meenung bilden, déi wou vläicht e bësse méi räsonabel gewiescht wier.

Well d'Richtung, an déi mer eis beweegen, d'Propos, wou Der maacht, vun 1200 % geet fir mech an déi richteg Richtung. Ech soen net, datt mer eis do net an déi richteg Richtung beweegen, mee ech hunn awer éischter d'Gefill, datt mer net wäit genuch ginn.

Ouni elo direkt 4000 % ze fuerderen, géif ech dach soen, datt op d'mannst hätt missen do eng Concertatioun stattfanne mat hinnen, fir ze kucken, ob een da wierklech 4000 % da fuerdert, oder ob een awer trotzdeem nach méi staark 1200 an déi Richtung geet, datt een do deen Impôt B6 eropschrauft. Well mer sinn an enger Situation d'urgence.

Also ech mengen, et ass nach net richteg an de Käpp ukomm, budgetär gesinn, an och wat d'Wunnengsnout ubelaangt, an och d'Präisser vun de Wunnengen ubelaangt. Datt mer an eng Situatioun hikommen, wou mer net méi kënnen an Zukunft weider sou maache wéi bis elo.

An obschonn datt Der Iech an déi richteg Richtung beweegt, fannen ech, geet dat heite leider ze lues an net entschidde genuch. Ech géif Iech elo keng mollesse virwerfen, awer trotzdeem kann ech dat dote sou gudde Gewëssens net matdroen.

Also ech géif dogéint stëmmen, an der Hoffnung, datt mer dann d'nächst Joer do en, solle mer soen, eng Erhéijung gesinn, eng Propositioun vun Iech, déi wou an d'Richtung nach méi no uewe geet, a surtout eng Concertatioun, déi wou da vläicht eis méi Einsichte bréngt a méi Erklärunge bréngt, wou mer da kënne vläicht dann nach mat der Nopeschgemeng eng, en Accord fannen, oder zumindest eng Konvergenz fannen, déi wou an eng aner Richtung deit.

Wéi gesot, fir mech ass dat en Dossier, wierklech eng vun den Haapturgencen, wou mer mussen dru schaffen. An ech hunn Iech meng Erklärungen dozou ginn. Ech soen Iech Merci.

A wéi gesot, ech deelen dann an deem heite Fall d'Preoccupatioune vum Här Baum an natierlech vun de Sozialisten, wou natierlech dee Punkt, mengen ech, gutt hei bruecht hunn a gutt och dorop geschafft hunn.

Heiansdo, wann een … dat maachen ech alt heiansdo. Ech weess net, ob dat sou üblech ass, mee wann ech wierklech fannen, datt gutt geschafft ginn ass, hunn ech d'Tendenz, dat trotzdeem ervirzehiewen an ze soen.

Well ech fannen dat, sou gerecht muss ee sinn, datt een och kann der politescher Konkurrenz, solle mer soen, gutt Aarbecht attestéieren, wann ee mengt, datt et de Fall wär.

An dat maachen ech och weiderhin. Well ech mengen, e bëssen Éierlechkeet an der Politik, dat deet eis alleguerte gutt. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. D'Madamm Ragni huet d'Wuert an duerno den Här Bermes.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter. Wann d'Leit onbebauten Terrain hunn, bréngen dës Flächen oft näischt fir eis Gemeinschaft. Si schafe kee Wunnraum, awer och keng Aarbechtsplazen, mee si huelen awer Plaz ewech.

A ville Stied a Gemenge brauche mir genau dës Plazen, fir Wunnraum ze schafen, ze bauen, fir Wunnen ze bauen a fir Parken och unzeleeën.

Mat méi héijer Grondsteier op onbebautem Terrain hunn d'Besëtzer elo en Ureiz, eppes mat hirem Terrain unzefänken. Dat kann heeschen, si bauen do eppes oder verkafen d'Fläch. Sou kënnen och Wunnengen dee Moment entstoen, an et hëlleft jiddwerengem, deen no engem Daach iwwer dem Kapp sicht.

Dës Ännerung ass e Schrëtt an déi richteg Richtung. Se suergt fir méi Wunnraum a besser Notzung vun de Flächen an eiser Gemeng. Villmools merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An dann den Här Bermes. Merci, Madamm Ragni. Den Här Bermes.

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuertmeldung. Ech mengen, mir setzen hei e Signal, wat jo gutt ass. Mir verduebelen den Taux.

An ech muss awer soen: Wann ee kuckt, et muss een dat Ganzt och ëmmer spezifesch zu der Gemeng analyséieren. Et kann een net einfach sou soen, mir maachen dat sou a sou.

Well wann ech mech elo richteg erënneren, ech hunn d'Dengen net méi hei. en Här Buergermeeschter war an d'Finanzkommissioun komm an an d'Sozialkommissioun, fir dee Projet virzestellen.

Dat, wéi gesot, et leien 146 Terraine ginn et hei. A vun 146 Terraine gehéiert quasi d'Hallschent der Gemeng, well mir hu jo och nach d'Terrainen IKO an AGORA, déi maache jo déi Projete Rout Lëns a Metzeschmelz.

Dat heescht, och wann déi, wann do den Impôt foncier erhéicht gëtt, ma déi ginn dat herno weider. Dat ass jo ganz kloer. Also ass dat net ëmmer, et muss ee ganz kloer oppassen, wat ee mécht.

An da schlussendlech bleiwen nach hei 20 Terrainen, well déi bësse sou ronderëm leien. Ech weess net ... den Här Buergermeeschter ka vläicht herno genau d'Denge soen. Op jidde Fall, mir fannen dat hei ganz gutt. Ze verduebelen ass dat richtegt Zeeche gesat an et geet och an déi richteg Richtung. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Bermes. Wann et soss keng Wuertmeldunge ginn, da gräifen ech den Här Bermes direkt op, wat hie gesot huet.

Tatsächlech hu mir och geduecht, dass et awer e bëssen ze einfach ass, fir elo eng Gemeng erauszehuelen, an da Schëffleng, well mer do a 5, 6, 7, 8 Joer oder duerno eng gemeinsam Grenz hätten. Dass dat awer net den eenzege Krittär ka sinn, fir onbedéngt elo ze soen, mir mussen onbedéngt den Taux vu Schëffleng huelen. An Dir hutt an der Kommissioun, an och elo erëm, vu Schëffleng geschwat, dass mer do awer misste schwätzen.

Et gëtt z.B. eng aner Gemeng, do hu mer eng Grenz, déi ass scho fléissend, an do geet ee just iwwer d'Strooss. Dat ass d'Gemeng Suessem. D'Gemeng Suessem läit a verschiddenen Tauxen ënnert, hannert eis a wäert och elo

mat eiser Upassung d'Hallschent vum Impôt foncier an dem B6 hu wéi mir e wäerten hunn.

Dat heescht, wann een dat da weidermécht, da misst ee jo herno weider ... jo, et ass Recht, dass een herno e Quartier zesummen huet. Ech mengen awer, dass d'Aufgab, fir da vu Gemeng zu Gemeng weiderzegoen a vu Gemeng zu Gemeng weider de Konsens ze fannen, dass dat relativ schwéier ass.

An do gouf et souguer Ministeren, déi schonn Impôt-fonciere wollte Reforme maachen an déi sech d'Zänn ausgebass hunn. Ech denken do un ... dowéinst sinn ech do méi bescheiden, Här Schmit, wéi Dir et vläicht sidd an Ären Ambitiounen.

An dann déi 4000 vu Schëffleng ass fir mech net onbedéngt de Krittär, well ech dann awer mengen, dass mer, wéi den Här Bermes gesot huet, eis spezifesch Situatioun hunn, déi een awer och soll kucken.

Mir hunn tatsächlech 145 eidel Terrainen, 76 dovunner gehéieren der Stad Esch, notamment d'Nonnewisen. An do si mer wierklech beméit, virunzekommen. Dann ass IKO 14 grouss Terrainen. Dat ass ee vun de groussen, ee vun deenen Acteuren, dee vill bezilt vun där Steier.

Et kann een IKO awer elo wierklech net virwerfen, och wann et e Privatprojet ass, et kann een IKO awer wierklech net virwerfen, dass do kee Bagger géing rullen an dass do kee Beméie wier.

Op der anerer Säit ass et de Schlassgoart, wou mer awer mat AGORA, ARBED an deen Iwwergang, dee geplangt gëtt, och deenen net ka virwerfen, dass déi net beméit sinn. Sou dass mer herno eng 52 Privatterrainen hunn an déi nach, wou concernéiert sinn. Dat heescht net 52 Proprietären, mee 52 privat Terrainen.

An ech weess och do vu verschiddenen, déi Projeten ugeduecht hunn, mee wou dann net déi richteg Investisseure fonnt hunn dee Moment. Dat heescht, et ass awer eng, wa mer d'Baulücke kucken, soll een dat, déi Quell awer mat en consideration huelen.

D'Argumentatioun deele mer jo och, wou d'LSAP d'lescht Kéier virgedroen huet. Mir deelen eebe just net deen Opschwong vu 600 % direkt op 4000, an eeben déi Logik, fir onbedéngt sech mussen u Schëffleng unzepassen.

Ech mengen net, dass deen, wou den héchsten Taux huet, dass deen d'Hoheitsgebiet huet fir deenen anere musse virzegoen, dass déi aner sech mussen un dee riichten. Dat ass eis Logik, dofir eebe méi a stufeweis a méi op eis Situatioun consideréiert virzegoen an deem doten.

Dir frot, ob mer d'nächst Joer et dann awer kënnen erhéijen. Ech kann lech dat net verspriechen. Ech kann lech awer haut verspriechen, dass mer gäre bereet sinn, sou wéi mer et all Joer gesetzlech musse maachen, déi Diskussioun hei ze féieren.

An ech kann lech verspriechen, dass mer gäre gewëllt sinn, ech op jidde Fall gäre gewëllt sinn, fir erëm eng Kéier d'nächst Joer an eng Kommissioun ze kommen, vläicht dann nach eng Kéier am Viraus aner Elementer nach ze sichen, déi als Basis vun der Diskussioun kënnen déngen.

Mee verspriechen, dass mer et d'nächst Joer eropsetzen, dat wëll ech lech elo net ginn. Ech mengen, dass een deem net virgräife soll an een dann, jo, dass een deem einfach elo net hei soll virgräifen.

Et gëtt keng onschëlleg Froen, Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Dach.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Déi doten op jidde Fall net. Virun allem net, wann Der se mat sou engem Grinse stellt.

Déi Tax hunn ech tatsächlech an de leschte Woche mech ëmmer erëm hannendru gesat, hu mat verschiddene Leit geschwat, fir ze kucken, wéi mer dann elo kéinten hikommen, fir déi anzezéien.

An à ce stade sinn ech bei der Konklusioun, dass et sou, wéi et do niddergeschriwwen ass, net méiglech ass. Dowéinst wëll ech d'Diskussioune weiderféieren, fir eventuell am nächste Joer dann heihinner ze kommen an dann ze soen, entweeder eng komplett Upassung, eng Upassung vu verschiddenen Elementer ze maachen, fir dass et méiglech ass.

Oder ze soen, wa mer einfach déi technesch Moyenen net hunn, fir z.B. an Appartementshaiser net kënne kloer ze determinéieren, wien op wat fir enger Wunneng op wat fir enger Etage ugemellt ass, wien op wat fir enger Etage, jo, eidel steet oder wéi do d'familiär Leere sinn, dass dat … also dass einfach d'Basis elo net ginn ass.

A wa mer déi technesch Basis net hunn, dass mer dann och noutfalls mer musse soen, dass mer déi vläicht och net kënnen ophiewen. Awer déi Diskussioun wäerte mer féieren d'nächst Joer, dat hunn ech duerchaus vir, an dorobber schaffe mer hi mat de verschiddene Servicer am Moment.

A ganz onschëlleg wëll ech dann awer zum Här Schuss, zum Schluss dem Här Schmit, dass ech awer Är Logik net verstinn, dass, wann Der sot, mir hätte gären en Taux vu 4000 a mir hätte gäre vill Recetten, sou vill Recettë wéi méiglech, a mir da soen, da komm, mir ginn elo mol op 1200, dass Der da sot, nee, da stëmmen ech awer léiwer Nee an akzeptéieren nach ee Joer nëmme 600 % eranzekréien.

Wat jo dann d'Hallschent ass vun deem, wat mer kéinten, wat Der kéint erakréie mat eis zesummen, wann Der d'1200 géingt matstëmmen. Dass dat eng rechneresch bizarre Logik ass. Mee Dir an Är Partei, Dir wäert déi jo suivéieren an ausgerechent hunn, an dat dann och Äre Wieler erkläre kënnen.

Au vote.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Stëmme mer de B6 eenzel?

**M. Christian Weis** (CSV), Buergermeeschter

Jo, de B6 eenzel.

Jo, natierlech. Wann dat okee ass, stëmme mer all déi aner zesummen an dann de B6.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**[ Vott B6 ]**

- ≡ **Enesa Agovic**
- ≡ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ≡ **Steve Faltz**
- ≡ **Ben Funck** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ▬ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☒ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ≡ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Här Faltz, wëllt Der Är Abstentioun begrënnen?

**M. Steve Faltz** (LSAP)

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Ech wéilt op déi Remark agoen, wou Der gesot hutt, wou Der am Fong de Verglach nach gemaach hutt mat Suessem, wou mer dann elo géifen driwwer leien, a par rapport zu Schëffleng.

Ech denke schonn, dass Schëffleng duerch deen enken urbane Raum, dee Schëffleng duerstellt, méi no zu dem Escher Raum ass wéi Suessem. Suessem ass dann awer e Konglomerat vun dräi, ech menge souguer véier Uertschaften, déi dann awer virun allem un de Reborden einegermoossen ausernee gespréngt sinn, déi souguer bal e ländleche Raum duerstellen.

An dofir mengen ech schonn, dass d'Situatioun zu Suessem definitiv eng aner ass wéi zu Esch. An ech denken och, dass dat ... an ech soen lech, dass dat och de Grond war, firwat elo éischter Schëffleng als Nopeschgemeng ze wiele wéi Suessem. Dohier kënnt dee Verglach hier. An dofir, dohier déi 4000.

An d'Abstentioun geet ... ganz kloer, de richtege Wee ass virginn, an dofir kënne mer net Nee stëmmen. Mee et ass éischter an déi do Richtung, firwat dass mer op déi 4000 wëllen hin. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz. Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Jo, effektiv, den Här Faltz huet Recht. Suessem mécht einfach kee Sënn.

*(Gelaachs)*

Mee, dat ass nach eng ganz aner Fro.
Ech hu mech och hei enthalen, well ech, déi éischt Kéier, datt ech dem Impôt foncier, de B6, net dogéint sinn, well ech dat positiv resuméieren, datt Der op deen dote Wee wëllt goen. Ech mengen awer och, datt nach Sputt no uewen ass. An ech hoffen, datt Der eis d'nächst Joer positiv iwwerrascht an datt ech, datt mer an der voller Freed kënnen de B6 och matstëmmen.

### 10.1. Devis rectificatif ; rénovation du système de caisse Bains du Parc ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Devisen.

Voilà, bei den Devisen hu mer just een Devis rectificatif virleien. Do geet et ëm d'Renovatioun vum Keessesystem an der Schwämm. Dee gëtt eis 40.000 € méi deier wéi ufanks geduecht, well méi Kabelen hu misse gezu ginn, wéi eebe geplangt war. Déi Sue kommen aus dem Artikel vun der Renovatioun vun der Terrass vun der Sauna eriwwer.

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Den Här Tonnar.

**M. Jean Tonnar (LSAP)**

Här Buergermeeschter, ech schwätzen als Benotzer vun där Keessesystem. Dat do ass en incroyabelen Hon, wat do gebuede gëtt.

Ech war natierlech dës Woch déi nei Installatioune kucken. Doriwwer schwätze mer dann, wa mer de Règlement intérieur virleien hunn, deen an der Kommissioun war, awer net gutt war, dee muss verbessert ginn.

Mee dee System. En Dënschden, déi zwee oder dräi, déi an der Keess schaffen, sinn duerchgedréint. D'Clientë stounge bis virun d'Dier, an dee System ass absolutt eng eenzeg Katastroph. An da kuckt Der déi Präisser.

Ech géif Iech just bieden, Remplacement du système de caisse, Tourniquets – dat sinn déi al, déi virdrun –, déi kaschten 42.000 €. Freet deen do. Ech weess net, wien déi Firma ass, mee déi misst an de Prisong kommen.

Da kënnt Prestations de service – et weess kee Mënsch, wat et ass: 30.000 €. An dat solle mir da stëmmen. Fir Prestations de service 30.000 €.

2.9, dat ass och flott, gëtt et néng Chipkaart 33, an néng Electricité et imprévus 10.500 €. „Imprévus", wat ass do nach en Imprévu, wann een 240.000 € freet fir eppes, wat iwwerhaapt net funktionéiert. Do kënnt Der all déi Leit, déi dës Woch do waren, sief et an der Schwämm, sief et an der Sauna, sief an Ärem Fitnessclub.

Dat do kënnt Der net stëmmen. An ech bieden déi 19 Leit hei, géint deen Devis ze stëmmen. Dat ass einfach en Hon, wat do mat der Gemeng gemeet gëtt.

Mer wëssen dat, dass d'Gemeng, all d'Gemengen, net d'Escher Gemeng, all d'Gemenge ginn ugeschmiert vun de Betriber. Do gëtt emol op den Dénge gedréckt, allez hopp, elo bezuelen déi méi. Do kuckt jo keen. Hei huet elo mol zoufälleg een eng Kéier gekuckt. An ech géif Iech all bieden, dat do net ze stëmmen.

Da kënnt nach eng lescht Remark. Wou gi mer déi Sue sichen? Majo, bei d'Terrass vun der Sauna. Ma déi wär aarmnéideg, an d'Rei gesat ze ginn. Dat wier wierklech néideg, wa mer do mol Still hätten a wa mer do neit Gréngs hätten. An da gi mer do déi Sue sichen, fir där blöder Firma, déi eis sou vill freet, 240.000 € ze iwwerweisen. Dat kann et net sinn.

An ech géif Iech bieden, déi Rechnung nach eng Kéier ze kucken. An entweeder stëmme mer alleguerten dogéint oder Dir huelt dat do vum Ordre du jour, well dat kann et net sinn. Merci.

*(Gelaachs)*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Tonnar. Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech hunn et schonn e puermol gemaach, ech muss et dës Kéier nach eng Kéier maachen. Dir hutt, am Prinzipp ginn ech op de selwechte Wee: dat kann net sinn.

Also, Devis rectificatif. Et gëtt ni méi bëlleg. Ech weess net, et gëtt ni méi bëlleg. Ni. Also ech hunn nach net eemol erlieft, datt iergendeppes méi bëlleg gëtt. Okee, mir hunn eng Inflatioun, mir hunn ongeféier 2,4 % Inflatioun. Se ass amgaangen trotzdeem sech e bëssen ze leeën.

Mee mech reegt dat am Fong geholl och op. A mer wësse jo en plus, datt et net richteg fonctionéiert. Also, ech mengen, mir sinn do e puer, déi wou do Client sinn, an ech mengen, et gesäit ee jo, et gesäit ee jo, wat fir Leeschtungen datt ee fir déi vill Sue kritt.

A wéi gesot, et ass gesot ginn, d'Erklärung: elektresch Kabelen. Mee wann een awer hei liest, den Devis rectificatif: Chipcard an Chipband asw. Dat si mol keng Kabelen. Also, an éierlech gesot: Sinn ewell Kofferkabelen aus Gold? Well dat hei geet alles an déi, ëmmer erëm an déi falsch Richtung.

Iergendwéi hunn ech d'Gefill, datt een awer do als Gemeng do muss emol intervenéieren an deene Leit musse soen, datt e bësse Seriösitéit à l'ordre du jour soll sinn. Well och eng Firma, déi wou sech net un dat hält, wat se u sech soll, kann op d'Geriicht geholl ginn am schlëmmste Fall.

Also mir kënnen dat an Zukunft net méi weider sou droen. A wéi gesot, jo, dat do ass net an der Rei. An dat wäerte mir dann och no bausse sou vertrieden an och net dofir stëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Ech muss awer elo relativéiere vun deem, wat elo gesot hutt bei der kräfteger Interventioun, déi den Här Tonnar hei gemeet huet.

Dir wësst, wa mer op de Wee gi vun der Digitalisatioun an der Modernisatioun um Niveau vu sou Instrumenter an och vu sou Anlagen, ass dat net sou evident. Zumools net an enger Schwämm. Do mécht ee sech vill Gedanken doriwwer.

Déi Responsabel hu sech Gedanken doriwwer gemeet. An et ass natierlech och an deem Zesummenhang, fir ze kucken, wat fir eng Tariffstruktur dass een herno wëll ausschaffen. An doduerch ass et dann och sou, dass, wann een dat matenee kombinéiert, haaptsächlech wat déi Tourniqueten ubelaangt, da muss een einfach eng aner Opdeelung maachen an der Schwämm.

Do kann et net sinn, dass de eng Kéier duerch dee System gees an duerno kanns de alles benotzen, wat eigentlech an der Schwämm ugewise gëtt. An dofir ass et och gefrot ginn, fir den Tourniquet kënnen anzesetzen an de bestëmmte Beräicher, fir herno dann och déi Zuelen erauszekréie vun der Benotzung vun deenen eenzelen: d'Sauna, respektiv och, wat e bësse mat deenen anere Saachen ze dinn hunn.

Déi muss een och sou kënnen erfaassen. An dat erfaasst een net, wann een einfach eng Porte ouverte mécht an zu de Leit seet, sou, elo gitt Der, wuer der wëllt.

Mir hunn déi Schlësselsystemer iwwerall do agefouert, well mer grad dat elo wollte maachen an enger Logik an der Verwaltung, an der Organisatioun vun deem Ganzen. An ech mengen, dat kascht natierlech och Suen.

Mir bedaueren och, dass op eemol da Firmae kommen an dann zu iergendengem Zäitpunkt soen, hei, wann Der dat dote gäre wëllt, da musse mer nach op en aneren Niveau goen.

Ech mengen, dat sinn eigentlech alleguer déi Iwwerleeungen, déi domadder zesummenhänken, an dat ass och d'Ursaach, firwat dass mer hei komm sinn, fir hei nozestëmmen, fir herno eigentlech méi perfekt ze sinn an och en aneren Déngscht kënnen unzebidden. Ech mengen, dat ass d'Ursaach.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Zwally.

Jo, ech reagéieren dann awer och erëm op d'Finanze vum Här Schmit. Ech weess net, wou Der de leschte Gemengerot waart, Här Schmit. Ech mengen, Dir souzt awer do. An do gouf e Punkt, deen huet Decomptë geheescht. An do hu mer d'Decomptë gestëmmt vu Projeten, déi ofgeschloss waren.

A wann Der déi Tabell do gelies hätt, dann hätt Der awer dodra gelies, dass do eng ganz Rëtsch Projeten dra waren, déi méi bëlleg gi sinn. Dann hätt Der dat do kënne liesen an dann hätt dat och elo net gesot, dass hei, dass et ëmmer alles vill méi bëlleg géing ginn, mee tatsächlech hätt Der erkannt, dass et eng Beméiung gëtt, wou et méiglech ass, méi bëlleg ze ginn, net ëmmer de leschten Euro auszeginn, an dass mer dat als Gemeng och hikréien.

Ech weess net, ob Der den Decompte matgestëmmt hutt. Ech ginn dovun aus net, well Der schéngt e jo net gelies ze hunn. Au vote.

☒ **Enesa Agovic**
≡ **Marc Baum**
☑ **Pascal Bermes**
☑ **Tammy Anna Broers**
☑ **Bruno Cavaleiro**
☒ **Steve Faltz**
☒ **Ben Funck** ↻ (Steve Faltz)
☑ **Pierre-Marc Knaff**
≡ **Sacha Pulli**
☑ **Mandy Ragni**
☑ **Dejvid Ramdedovic**
☒ **Bernard Schmit**
☑ **Daliah Scholl**
☑ **Meris Sehovic**
☒ **Jean Tonnar**
☑ **Christian Weis**
☑ **Joy Weyrich**
☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wëllen d'Abstentiounen nach weider begrënnt ginn?

**M. Marc Baum (déi Lénk) & M. Sascha Pulli (LSAP)**

Nee.

### 10.2. Demande crédit spécial budget ordinaire – honoraires de traduction ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Crédits spéciaux. Hei ass et eng Upassung vum Budget ordinaire ze stëmmen.

Do ass en Artikel, dee mer hunn, d'Honorairë fir de Beräich vun de Besoins spécifiques a vum Troisième Âge, deen ass op 20.000 € ageschriwwe gewiescht. An do geet et ëm d'Iwwersetzung vum Livestream a Gebärdesprooch.

Ech erklären lech: Et gëtt d'Méiglechkeet, datt dat, wat mir hei beschwätzen, eeben a Gebärdesprooch ze gesinn. An do brauch een awer net nëmmen een Iwwersetzer, mee do brauch ee schonn zwee Iwwersetzer. Well als éischt – déi sëtzen am Zëmmer niewendrun – als éischt iwwersetzt dann een Iwwersetzer dat, wat mir hei soen, op Däitsch, an dat gëtt dann a Gebärdesprooch iwwersat.

Dat war eis vläicht net sou bewosst an et sinn dann nach verschidden ... et war och sou, dass veschiddener hu missen asprangen oder ofgespronge sinn, soudass mer eeben dann hu missen den Artikel hei eropsetzen. Ech mengen, dass dat awer eng ganz gutt vertrietbar Erhéijung ass vun 20.000 op 39.000 €.

Ginn et Wuertmeldungen heizou? Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Also, absolutt d'accord, fir politesch Debaten, déi mir hei zu Esch hunn, och méi zougänglech ze maachen.

An ech mengen awer och, datt mer mussen, oder sollte seriö Reflexioune féieren, fir dat, wat mir hei politesch inhaltlech diskutéieren, nach méi Leit zougänglech ze maachen. Dat heescht, datt mer net nëmmen eng Iwwersetzung op a Gebärdesprooch undenken, mee awer och an enger aner Sprooch, wéi d'Franséischt notamment.

An do kommen ech dann erëm zeréck op eppes, wat e bësse mäin Dadda ginn ass, déi lescht aacht Joer. Nämlech, dat huet schonn ugefaangen, wou d'CSV nach net de Buergermeeschter hat, an et war awer dee Moment der CSV och e ganz héije Sujet. Nämlech d'Tatsaach, datt et keng Compte-rendue méi gi vun de Gemengerotssëtzungen.

Dat ass, mengen ech, eppes, wat fir eis als Conseilleren extreem wichteg ass, wichteg wier, fir wierklech kënne Stellungnamen aus der Vergaangenheet nozeliesen, an net op engem Videoarchiv sech duerchzescrollen an ze kucken an eigentlech keng seriö Recherche kënnen ze maachen.

Ech mengen, datt e wichtegen Outil fir eis selwer heibanne war. A wann een d'Buch, dat berüümt Buch vum Jérôme Quiqueret „Tout devait disparaître" iwwer d'Debatten am Escher Gemengerot vum virum 1. Weltkrich suivéiert, datt ee seet, mee virum 1. Weltkrich hate mer scho Moyenen, fir kënnen Debatten ze retracéieren a wou ee kann eng anstänneg Recherche maachen. Zënter 2016 ass dat net méi méiglech.

Ech géif insistiv probéieren, dem Schäfferot un d'Häerz ze leeën, fir erëm op dee Wee ze goen, datt mer och dat, wat mir hei politesch diskutéieren, datt d'Leit dat dobaussen och anescht novollzéie kënnen, wéi just eeben de Livestream an e Videoarchiv.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Den Här Schmit huet d'Wuert an duerno den Här Pulli.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Jo, wéi gesot, natierlech hu mer erëm eng Augmentatioun. Et ass awer elo net, datt ech dat elo net géif awer matdroen. Ech schwätzen, votéieren trotzdeem – 1, 2, 3 – dofir.

Ech well Iech just soen, Dir hat virdru gesot, datt vill Erspuernisser gemaach ginn an datt vill Saachen och no ënne revidéiert ginn. Mee ech géif Iech dann awer un d'Häerz droen, dat méi ze kommunizéieren, well allkéiers wann ech eppes richteg kucken, da gesinn ech ëmmer e Plus, an zwar net nëmmen e klengen, déi 2 % inflatiounsbedéngt, mee schonn der vill méi décker.

Dat wollt ech nëmmen nach zu der ... dat war déi Remark vu virdrun. Mee wéi gesot, dat heite schéngt mer awer necessaire ze sinn, an da wäert ech dat och matdroen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit. Den Här Pulli huet d'Wuert.

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Jo, merci. Ech wollt just dat opgräifen, wat den Här Baum scho gesot huet, vum Gemengebuet.

Ech mengen, do schwätzen ech dann e bëssen als Historiker. Dass dat wierlech och eng wichteg Source ass, wichteg Quellen, fir zukünfteg Historiker oder Leit, wou sech dofir interesséieren. An dass dat eiser Meenung no extreem wichteg wär, wann dat iergendwéi erëm disponibel wär.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Pulli. Den Här Faltz.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, eng ganz kuerz Remark. Wéi mer schonn ëfters zougedroe gouf – ech mengen, vläicht och aneren hei am Raum. Dat ass, wa mer de Vott huelen, quitt dass herno den Tablo, also de Kéis herno kënnt, dass dann d'Mikroen alleguerten aus sinn an dass d'Leit net matkréien, wat mer stëmmen. Dat heescht, de Fait, dass wie stëmmt genau wat.

Et ass en Nice-to-have, ech ginn et zou. Mee ech ginn elo de Message weider, deen ech awer elo schonn ëfters héieren hunn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Okee.

Ech fänken da mat de Mikroen un. Da probéiere mer dat alt erëm eng Kéier. Mir haten dat schonn eng Kéier, genau déi dote Remark. An dann huet d'Informatik ëmmer ee Mikro ugemaach, oder zwee Mikroe sou ronderëm ugemaach, an dann huet een et fäerdegbruecht, dann huet iergendee geduecht, o, de Mirko ass un an huet en erëm ausgemaach.

Also, wann Dir verspriecht, dass, wann d'Mikroen ugemaach ginn, keen ausgemaach gëtt. Do uewen ass och de Mikro, deen dann dee Moment ugemaach gëtt. Also probéiere mer dann hinzekréien.

Ech ka mech erënneren un eng Zäit, wou ech nach Fraktiounspriecher war hei, sou wéi Dir, Här Baum. Do souze mer och a Büroe vis-à-vis an hunn diskutéiert, wéi de Gemengebuet a wéi den Analytique kéint ausgesinn, an och verschidde Virstellungen. Deen een, deen huet dann, eng Partei huet gesot, mir brauche Wuert fir Wuert, déi aner hu gesot, mir hätte gäre Resuméen. An alles war berechtegt, all Diskussioun war berechtegt.

Ech mengen, dass mer eis nach dëst Joer erëm eng Kéier als Fraktiounsspriecher zesummesetzen, well mer hunn entre-temps eng ganz Rëtsch geschriwwe Rapport-analytiquen, déi getippt sinn, wou mir elo nach eng Diskussioun haten, eng Iwwerleeung eigentlech, wéi maache mer dat mat der Validatioun.

Dat heescht, dass mir als Gemeng net einfach eppes publizéieren, ouni dass Dir et als Gemengerot awer virdrun eng Kéier iwwerlies hutt. Wou awer och eppes ass, wou net däerf ze vill Zàit verluer ginn. Dat heescht, do wollte mer en änleche Modell wéi an der Chamber goen, wou een dann e puer Deeg Zäit huet, fir Feedback ze ginn. A wann ee kee Feedback gëtt, dann ass et eebe sou ugeholl.

Also do wäerte mer eis nach, nach dëst Joer gesinn, fir doriwwer ze schwätzen, iwwer d'Validatioun. An dann awer och nach eng Kéier driwwer ze schwätzen, ob paperless méiglech ass, wat fir verschidde Varianten et ginn, eng mixed Méiglechkeet. Och de Budget, och an de Budget vum nächste Joer wäert do e Montant weider agesat ginn, fir deem gerecht ze ginn.

Da kéinte mer ofstëmmen. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 11. Confirmation des règlements temporaires de circulation ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Elo kënnt normalerweis dem Här Sehovic säi Moment mat de Verkéiersreglementer. Mee et ass guer keen do.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Här Buergermeeschter, ech hunn zwou Iwwerraschunge fir Iech haut.

Éischtens, ech sinn do, wann Der mech oprufft fir dee Punkt. An zweetens, ech hunn tatsächlech dës Kéier kee permanent Verkéiersreglement dobäi an och keng temporärer, déi musse confirméiert ginn.

Mir hunn an deem Sënn am leschte Conseil communal gutt geschafft an der ganz vill ugeholl, soudass ech dës Kéier näischt dobäi hunn.

## 12. Contrats de bail et avenants ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ça va. Da komme mer bei d'Contrat-de-bailen. Do hu mer zwee Contrate virleie fir zwou kleng Sozialwunnenge vun 33 respektiv 37 m$^2$ fir e Loyer vun 213 €.

Gëtt et Froen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck** ↻ (Steve Faltz)
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 13. Commissions consultatives ; modifications ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech kucken op de Sekretär, mee ech hunn och keng Changementer an der Kommunik, an de Kommissioune gesinn. Da si mer fäerdeg mam Gemengerot fir haut.

An ech invitéieren Iech alleguerte fir a 25 Minutten, wann Der nach Zäit a Loscht hutt, eis nei Maison relais mat kucken ze goe bei de Pompjeeën um Kierfecht, a fir déi mat anzeweien.

Soss e schéine Weekend.

# CONSEIL COMMUNAL



**Christian Weis**
CSV



**Pierre-Marc Knaff**
DP



**André Zwally**
CSV



**Meris Sehovic**
déi gréng



**Bruno Cavaleiro**
CSV



**Jean Tonnar**
LSAP



**Mandy Ragni**
déi gréng



**Daliah Scholl**
DP



**Ben Funck**
LSAP



**Steve Faltz**
LSAP



**Liz Braz**
LSAP



**Enesa Agovic**
LSAP



**Sacha Pulli**
LSAP



**Pascal Bermes**
CSV



**Joy Weyrich**
CSV



**Marc Baum**
déi Lénk



**Bernard Schmit**
ADR



**Tammy Anna Broers**
Indépendant



**Dejvid Ramdedovic**
CSV